



GEMENGENINFO

RAPPORTS DES CONSEILS COMMUNAUX
DU 08.03. ET 19.03.2021

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN


DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Emilia Oliveira,
conseillère LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Jos Thill,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

CONSEIL COMMUNAL DU 08.03.2021

Rapport sommaire en français 5

1. CORRESPONDANCE 8

2. CIRCULATION 8

2.1. Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation – route de Bettembourg

2.2. Modification du règlement général de la circulation – extension du parking résidentiel

3. FINANCES COMMUNALES – MODIFICATION DU CHAPITRE XXX – STATIONNEMENT RÉSIDENTIEL – DU RÈGLEMENT-TAXES GÉNÉRAL 8

CONSEIL COMMUNAL DU 19.03.2021

Rapport sommaire en français 5

1. CORRESPONDANCE 19

2. CIRCULATION – MODIFICATIONS À APPORTER AU RÈGLEMENT GÉNÉRAL DE LA CIRCULATION MODIFIÉ DU 13 JUILLET 2018 19

2.1. Zone résidentielle dans la rue Gare-Usines

2.2. Passage pour piétons et signaux colorés lumineux dans la route de Kayl (N31)

2.3. Passage pour piétons et cyclistes et chemin obligatoire pour cyclistes et piétons sur la route de Luxembourg (N31) et règlementation de la rue Emely Arnoldy-Loos

2.4. Limitation de la vitesse à 30 km/h et signaux colorés lumineux dans la rue du Parc

3. FINANCES COMMUNALES 22

3.1. Approbation du contrat de bail de chasse relatif au lot de chasse numéro 605

3.2. Approbation d'un contrat de fermage avec les époux Kajevic-Hodzic

3.3. Approbation d'un contrat de bail commercial avec Madame Adèle Portante et Monsieur Elio Paul au sujet de la location d'une partie de l'immeuble sis 65, avenue Grande-Duchesse Charlotte

3.4. Approbation d'un contrat de bail commercial avec la société Blossom s.à r.l. pour la sous-location d'une partie de l'immeuble sis 65, avenue Grande-Duchesse Charlotte

3.5. Approbation d'un acte de cession gratuite avec Madame Irène Justine Legendre pour des terrains sis « rue de la Paix »

3.6. Approbation d'un acte de vente avec la société à responsabilité limitée « JMK S.à r.l. » pour des terrains sis au lieu-dit « Lenkeschlaeg »

3.7. Modifications à apporter au chapitre XIX – Piscines – du règlement-taxes général

3.8. Modifications à apporter au chapitre XXXV – Taxe d'occupation temporaire du domaine public – du règlement-taxes général

3.9. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la chaudière au Centre de Documentation sur les Migrations Humaines

3.10. Approbation du devis estimatif relatif au renouvellement du sol à l'ancien bâtiment de l'école Gaffelt

3.11. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement des conduites de ventilation dans la salle de judo au sous-sol de l'école Gaffelt

3.12. Approbation du devis estimatif relatif à l'installation d'un parafoudre à l'école Italie

3.13. Approbation du devis estimatif relatif à la mise en conformité du tableau principal de l'électricité aux bâtiments A et B de l'école Strutzbiereg

3.14. Approbation du devis estimatif relatif à l'installation d'un transformateur pour le bouclage du réseau dans la rue Ribeschpont

3.15. Fixation des indemnités pour le recensement général de la population du 1er juin 2021

3.16. Approbation des relevés et rôles supplémentaires de la taxe sur les chiens de l'exercice 2020

3.17. Approbation des relevés et rôles de la taxe sur les chiens de l'exercice 2021

3.18. Approbation de décomptes

3.19. Subsidés extraordinaires à allouer

4. ADHÉSION À LA RÉOLUTION ADOPTÉE LORS DE L'ASSEMBLÉE GÉNÉRALE EUROPÉENNE DE L'ALLIANCE POUR LE CLIMAT LE 8 OCTOBRE 2020 – « EU-MERCOSUR : CONTRE UN ACCORD DE LIBRE-ÉCHANGE OBSOLÈTE » – RÉOLUTION DU KLIMA-BÜNDNIS POUR LA PROTECTION DE LA FORÊT AMAZONIENNE ET DE SES PEUPLES AUTOCHTONES	34
5. AVIS À DONNER AU SUJET DU PLAN NATIONAL DE LA QUALITÉ DE L'AIR	39
6. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL – MODIFICATION DU RÈGLEMENT D'OCCUPATION DES POSTES	41
7. APPROBATION DE CHANGEMENTS DANS LA COMPOSITION DE DIFFÉRENTES COMMISSIONS COMMUNALES	42
8. PERSONNEL	42
8.1. Création de deux postes de salariés à tâche complète, carrière de l'artisan (convention collective des salariés des communes du sud – H3) (espaces verts)	
8.2. Création d'un poste de salarié à tâche complète, suivant modèle de la carrière de l'employé communal relevant de la catégorie d'indemnité C1, administratif (architecture et domaines)	
8.3. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité A2, éducatif et psycho-social (logement)	
8.4. Création de deux postes de fonctionnaires communaux à tâche complète, groupe de traitement D2, attributions particulières (agents municipaux – circulation)	
8.5. Création de deux postes de fonctionnaires communaux à tâche complète, groupe de traitement B1, administratif (architecture et domaines, office des citoyens)	

RAPPORTS SOMMAIRES

CONSEIL COMMUNAL DU 08.03.2021

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira ; Messieurs Jos Thill et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance publique à 17.00 heures. Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. La présente réunion du conseil communal a été convoquée spécialement pour discuter et approuver les nouvelles dispositions au sujet du parking résidentiel.

1 – CORRESPONDANCE

Monsieur le bourgmestre attire l'attention du conseil communal sur la lettre circulaire du 1er mars 2021 de Madame la Ministre de l'Intérieur au sujet du « Plan national d'organisation des secours », plus spécialement en ce qui concerne la consultation des élus

locaux et l'organisation d'un webinaire. Le document de synthèse est mis à disposition des conseillers communaux.

2 – CIRCULATION

Par des votes pris à l'unanimité, le conseil communal confirme un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation, édicté par le collège des bourgmestre et échevins le 22 février 2021, en vue de réglementer le chantier des travaux de réaménagement pour la mise en conformité des passages pour piétons et de l'arrêt de bus dans la route de Bettembourg ; 2. approuve la modification du règlement

général de la circulation pour l'extension du parking résidentiel sur tout le territoire de la commune.

3 – FINANCES

Unanimentement, le conseil communal approuve les modifications à apporter au chapitre XXX du règlement-taxes général, concernant le stationnement résidentiel, pour le mettre en conformité par rapport aux dispositions du règlement général de la circulation.

Fin de la séance vers 18.45 heures.

CONSEIL COMMUNAL DU 19.03.2021

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Semiray Ahmedova, Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement, Jean-Paul Friedrich (à l'exception du point numéro 6 de l'ordre du jour), Jean-Paul Gangler (à l'exception des points numéros 8.1, 8.2 et 8.3 de l'ordre du jour), Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira ; Messieurs Jos Thill et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Début de la séance publique à 08.00 heures. Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les présents et constate que le conseil communal est au grand complet.

1 – CORRESPONDANCE

Monsieur le bourgmestre porte les informations suivantes à la connaissance des présents :

1. suivant les dernières communications de la part de Madame la Ministre de l'Intérieur au sujet des dotations étatiques pour les communes, il apparaît que la Ville de Dudelange se verra attribuer quelque 6 millions € de plus au compte de l'exercice 2020 par rapport aux prévisions du budget rectifié de l'exercice 2020. Ces recettes supplémentaires proviennent de l'augmentation des parts touchées pour l'impôt commercial communal (ICC), d'une part, et du fonds de dotation globale des communes (FDGC), d'autre part ;

2. Madame la Ministre de l'Environnement vient d'adresser un refus d'autorisation à la Ville de Dudelange en ce qui concerne le projet à réaliser dans le cadre de la capitale européenne de la culture Esch2022, à savoir l'installation du « Floater » sur l'ancien bassin de décantation de l'usine de Dudelange. Ce refus se base sur des dispositions de la loi du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles. Le collège des bourgmestre et échevins a, de suite, introduit une demande de recours gracieux à l'encontre de cette décision auprès de Madame la Ministre, demande qui est restée malheureusement infructueuse. De ce fait, le projet sera adapté par l'atelier d'architecture en charge pour le rendre conforme aux dispositions légales et pour qu'il puisse être réalisé endéans les délais utiles.

2 – CIRCULATION

Par des votes pris à l'unanimité, le conseil

communal approuve les modifications suivantes à apporter au règlement général de la circulation modifié du 13 juillet 2018 :

1. l'introduction d'une zone résidentielle dans la rue Gare-Usines ;
2. l'installation d'un passage pour piétons avec signaux colorés lumineux à hauteur de la maison 250a dans la route de Kayl (N31) ;
3. la limitation à 30 km/h dans la rue Emely Arnoldy-Loos et l'aménagement d'un passage pour piétons et cyclistes à son intersection avec la route de Luxembourg, ainsi que l'aménagement d'un chemin obligatoire pour cyclistes et piétons sur la route de Luxembourg (N31) et l'aménagement d'un passage pour piétons et cyclistes à hauteur de la maison 260 ;
4. la limitation de la vitesse à 30 km/h entre les maisons 14 et 46 et l'installation de signaux colorés lumineux à hauteur de la maison 71, rue du Parc.

3 – FINANCES

Hormis les points 7 et 15, toutes les autres décisions sont approuvées unanimement par le conseil communal :

1. le contrat de bail de chasse passé avec le collège des syndics du lot de chasse numéro 605 pour le droit de chasse sur des terrains d'une superficie de 668,40 ha. La location de l'exercice du droit de chasse est consentie pour une période de neuf années. Elle commence le 1er avril 2021 et se termine le 31 mars 2030. Le prix de location annuel s'élève à 2'200€. La Ville de Dudelange prend en location le lot de chasse 605 en raison de la sécurité publique, étant donné que le lot de chasse en question est composé dans sa majeure partie de l'agglomération. La surface chassable, au nord de la ville, est limitée par la ceinture de l'autoroute A13. En plus sur cette partie chassable il y a d'un côté le parc Léh et ses alentours avec ses activités de loisirs et pédagogiques ainsi que la surface de la renaturation à Burange. Ces lieux sont très fréquentés par des particuliers, des touristes ainsi que de classes scolaires, voire des groupes des maisons relais. Il sera aussi renoncé à la chasse aux canards sur les surfaces de la renaturation du « Diddelenger Baach » à Burange ;

2. le contrat de fermage avec les époux Kavecic-Hodovic pour la location de terrains en vue d'y aménager des places de parking temporaires pour les résidents ainsi qu'un entrepôt provisoire pour la durée des travaux de construction dans la rue Jean Friedrich ;

3. le contrat de bail commercial avec Madame Adèle Portante et Monsieur Elio Paul au sujet de la location de locaux commerciaux, partie de l'immeuble sis 65, avenue Grande-Duchesse Charlotte, en vue de sous-louer les locaux pour des mesures de soutien du commerce en Ville, de promotion de l'entrepreneuriat et de contribution à la création d'une offre commerciale diversifiée dans le cadre d'un projet de type « pop-up stores », en donnant à bail des locaux visant l'installation de magasins éphémères. La durée du contrat de bail est de deux mois, prenant effet le 15 mars 2021. Le prix de location convenu est de 1'500€ par mois ;

4. le contrat de bail commercial, subséquent au précédent, conclu avec la société Blossom s.à r.l. pour la sous-location d'une partie de l'immeuble sis 65, avenue Grande-Duchesse Charlotte pour y implanter un pop-up store ;

5. l'acte de cession gratuite avec Madame Irène Justine Legendre pour des terrains sis rue de la Paix, ceci pour l'intégration de la parcelle cédée dans la voirie publique ;

6. l'acte de vente avec la société à responsabilité limitée « JMK S.à r.l. » pour des par-

celles de terrain (parc) sises au lieu-dit « Lenkeschlaeg ». Les terrains sont cédés pour une somme de 70'156,10€, ceci en vue de les intégrer dans le domaine public communal en tant qu'espaces verts.

7. avec 14 voix et 5 abstentions, est approuvée la modification du chapitre XIX – Piscines – du règlement-taxes général. Dorénavant, les droits d'entrée aux piscines communales sont les suivants :

I. Piscine en plein air

I.1. Prix d'entrée donnant accès à la piscine en plein air pour une durée limitée à 4 heures

a. Enfants jusqu'à l'âge de 12 ans inclus : Entrée simple : 2,50€. Carnet de 10 billets d'entrée : 15€.

b. Élèves, étudiants, personnes à mobilité réduite : Entrée simple : 3,50€. Carnet de 10 billets d'entrée : 25€

c. Adultes (plus de 16 ans) : Entrée simple : 5€. Carnet de 10 billets d'entrée : 40€.

En cas de dépassement de la durée maximale d'utilisation de la piscine (avec une durée de tolérance de 15 minutes), une nouvelle taxe d'entrée, conformément aux dispositions sub I.1., est due. En cas de perte de ticket d'entrée, l'acquisition d'un nouvel ticket s'impose, ceci par le paiement d'une nouvelle taxe d'entrée, conformément aux dispositions sub I.1.

I.2. Prix d'entrée donnant accès à la piscine en plein air pour une durée limitée à 2 heures (10-12h et 18-20h)

a. Enfants jusqu'à l'âge de 12 ans inclus – entrée simple : 1€

b. Élèves, étudiants, personnes à mobilité réduite – entrée simple : 2€

c. Adultes (plus de 16 ans) – entrée simple : 3€.

En cas de dépassement de la durée maximale d'utilisation de la piscine (avec une durée de tolérance de 15 minutes), une nouvelle taxe d'entrée, conformément aux dispositions sub I.2., est due. En cas de perte de ticket d'entrée, l'acquisition d'un nouvel ticket s'impose, ceci par le paiement d'une nouvelle taxe d'entrée, conformément aux dispositions sub I.2.

I.3. Tarif pour familles

Seuls les adultes sont soumis au paiement de la taxe d'entrée pour les cas ci-après :

a. 1 adulte et 1 ou 2 enfants jusqu'à l'âge de 12 ans inclus

b. 2 adultes et 1 ou 2 enfants jusqu'à l'âge de 12 ans inclus

Tout enfant supplémentaire est soumis au paiement d'un droit d'entrée de 1€.

II. Piscine couverte

a. Enfants, élèves, étudiants, personnes à mobilité réduite : 1 billet : 1,50€. Carnet de 10 billets : 10€. Abonnement pour la durée

de 6 mois : 50€. Abonnement pour la durée d'une année : 75€.

b. Adultes (plus de 16 ans) : 1 billet : 3€. Carnet de 10 billets : 20€. Abonnement pour la durée de 6 mois : 100€. Abonnement pour la durée d'une année : 150€.

Aqua-gym, par séance de 12 cours : 50€

III. Dispositions générales

Les enfants de moins de 6 ans, qui devront être accompagnés de leurs parents ou d'une personne adulte, sont dispensés du paiement du prix d'entrée.

Les abonnements pour la durée de 6 mois et d'une année sont valables pour les deux piscines.

8. les modifications du chapitre XXXV – Taxe d'occupation temporaire du domaine public – du règlement-taxes général. Il s'agit d'une modification de détail concernant la majoration par un montant forfaitaire de 100€ de la taxe perçue en cas de non-respect des dispositions du règlement ;

9. le devis estimatif relatif au remplacement de la chaudière au Centre de Documentation sur les Migrations Humaines pour un montant de 20'000€ ;

10. le devis estimatif relatif au renouvellement du sol à l'ancien bâtiment de l'école Gaffelt pour un montant de 65'000€ ;

11. le devis estimatif relatif au remplacement des conduites de ventilation dans la salle de judo au sous-sol de l'école Gaffelt pour un montant de 30'000€ ;

12. le devis estimatif relatif à l'installation d'un parafoudre à l'école Italie pour un montant de 43'000€ ;

13. le devis estimatif relatif à la mise en conformité du tableau principal de l'électricité aux bâtiments A et B de l'école Strutzbiere pour un montant de 115'000€ ;

14. le devis estimatif relatif à l'installation d'un transformateur pour le bouclage du réseau dans la rue Ribeschpont pour un montant de 90'000€ ;

15. avec 18 voix contre 1, sont approuvées les indemnités à attribuer par le Ville de Dudelange aux agents pour le recensement général de la population du 1er juin 2021 ;

16. les relevés et rôles supplémentaires de la taxe sur les chiens de l'exercice 2020 pour un montant de 3'710€, équivalent à 106 chiens supplémentaires ;

17. les relevés et rôles de la taxe sur les chiens de l'exercice 2021 pour une recette totale de 44'660€, équivalent à 1'276,- chiens ;

18. les décomptes suivants : acquisition d'horodateurs pour l'extension du parking résidentiel 424'052,38€, les travaux de mise en conformité de l'atelier communal 397'875,42€, l'installation d'une serre communale 187'522,72€, le renouvellement de

la toiture du gymnase Boudersberg 198'730,03€, l'installation d'une centrale de détection incendie pour l'annexe Pompiers 30'984,43€, la modification des montres Bodet dans les salles multisports du Centre sportif R. Hartmann 15'958,80€, le remplacement du groupe technique de contrôle au centre culturel 35'000€, le renouvellement du gazon synthétique au mini-stade Deich 38'370,48€, l'aménagement de « slacklines » 23'481,90€.

19. les subsides extraordinaires suivants sont alloués : 65€ à la Fondation Lëtzeburger Blannevereenegung/La Canne blanche en tant que soutien de ses activités pour l'année 2021, et 150€ à l'a.s.b.l. MemoShoa Luxembourg en tant que soutien de ses activités.

4 – RÉSOLUTION « EU-MERCOSUR »

Le conseil communal marque unanimement son accord à faire sienne la résolution adoptée lors de l'assemblée générale européenne de l'Alliance pour le climat le 8 octobre 2020 – « EU-MERCOSUR : contre un accord de libre-échange obsolète » – résolution du Klima-Bündnis pour la protection de la forêt amazonienne et de ses peuples autochtones. Le conseil communal réagit ainsi à l'appel pressant des membres du Klima-Bündnis à l'adresse du Conseil européen et du Parlement européen pour que ces derniers refusent l'accord de libre-échange EU-MERCOSUR, ainsi que d'autres accords préjudiciables au climat, dans leur forme actuelle, alors qu'il est à craindre, compte tenu d'une augmentation vraisemblable de la déforestation en Amazonie, dans le cadre de l'accord EU-MERCOSUR, qu'une ratification de l'accord ne fera que, d'un côté encourager le gouvernement brésilien dans son élan de mépris des directives environnementales, des droits de l'homme et des droits fonciers des populations indigènes, et, de l'autre côté redoubler les actions du gouvernement brésilien, qui détruisent les moyens de subsistance des populations indigènes et qui sapent en même temps l'espoir de maintenir le réchauffement climatique en-dessous de +1,5 °C.

5 – PLAN NATIONAL DE LA QUALITÉ DE L'AIR

Le plan national de la qualité de l'air, visant à atteindre les valeurs limites pour le dioxyde d'azote, a été soumis aux autorités locales pour avis par Madame la Ministre de l'Intérieur ainsi qu'aux fins de l'enquête publique. Le conseil constate

- que seulement la valeur limite annuelle pour le dioxyde d'azote NO₂ a été dépassée et que pour les autres polluants visés par la directive européenne 2008/50/CE relative

à la qualité de l'air aucun dépassement de toute valeur limite ou de toute valeur cible dans l'air ambiant n'a été constaté jusqu'à présent ;

- que les valeurs limites pour la protection de la santé humaine de la teneur en dioxyde d'azote NO₂ dans l'air ambiant ne sont pas dépassées dans la Ville de Dudelange ;

- que la Ville de Dudelange participe à la campagne de mesurage de dioxyde d'azote NO₂ dans le cadre du pacte climat de l'administration de l'environnement ;

- qu'il ressort de la campagne de mesurage pour Dudelange, que pour les 25 mesurages effectués au courant de l'année 2019, un seul a dépassé la valeur limite annuelle moyenne pour le dioxyde d'azote NO₂ de 40 µg/m³, ceci marginalement de 1 µg/m³;

- que la valeur limite annuelle pour le dioxyde d'azote NO₂ pour l'année 2019 mesurée au rond-point route de Luxembourg/route de Burange était largement en dessous de la limite annuelle moyenne ;

- que des mesures concrètes sont en voie d'implémentation dans nombreux domaines pour influencer positivement sur la qualité de l'air ;

et, sur ce qui précède, avec les voix de tous les conseillers communaux, avise favorablement le projet de plan national de la qualité de l'air visant à atteindre les valeurs limites pour le dioxyde d'azote (NO₂), mais attire l'attention sur le fait que la promotion de la densification structurelle d'une part et l'obligation de garantir le maintien des couloirs d'air frais d'autre part, peut abriter un potentiel de conflit à ne pas négliger.

6 – ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

Les modifications du règlement d'occupation des postes des écoles fondamentales locales sont arrêtées à l'unanimité.

Point numéro 7 de l'ordre du jour – Commissions communales

Les changements suivants dans la composition des commissions communales sont acceptés :

- Madame Christine Zehetgruber, experte, est remplacée par Monsieur Paul Krack, de Komobile – Büro für Verkehrsplanung, expert, dans le groupe de travail « Sustainable Urban Mobility Plan » ;

- un représentant des agents municipaux est nommé en tant que membre-expert dans la commission de la circulation ;

- Monsieur Laurent Krantz est nommé membre-expert dans la commission de la famille et dans la commission des jeunes ;

- Monsieur Guy Vitali est remplacé par Monsieur Vic Haas (indépendant) dans la commission des bâtisses et du développement

urbain ;

- Monsieur Vic Haas est remplacé par Monsieur Guy Vitali (indépendant) dans la commission des subsides pour études secondaires et postsecondaires ;

- Monsieur Jeannot Uri est remplacé par Monsieur Fränz Nicolay (indépendant) dans la commission de la sécurité publique ;

- Monsieur Jeannot Uri est remplacé par Monsieur Fränz Nicolay (indépendant) au sein du groupe de travail « Refonte globale du PAG » ;

- Monsieur Jeannot Uri (indépendant) est supprimé du pool des remplaçants.

8 – PERSONNEL

Les décisions suivantes, relatives au personnel communal, sont prises à l'unanimité :

1. la création de deux postes de salariés à tâche complète, carrière de l'artisan (convention collective des salariés des communes du sud – H3) pour le service des espaces verts ;

2. la création d'un poste de salarié à tâche complète, suivant modèle de la carrière de l'employé communal relevant de la catégorie d'indemnité C1, administratif pour le service architecture et domaines ;

3. la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité A2, éducatif et psycho-social pour le nouveau service logement ;

4. la création de deux postes de fonctionnaires communaux à tâche complète, groupe de traitement D2, attributions particulières, agents municipaux pour le service de la circulation ;

5. la création de deux postes de fonctionnaires communaux à tâche complète, groupe de traitement B1, administratif, rédacteurs, pour les services architecture et domaines, respectivement office des citoyens.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos

Des décisions relatives au personnel communal sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos.

Fin de la séance vers 11.50 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 08.03.2021

1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): E schéine gudde Mëtteg a wëllkomm am Gemengerot, léif Kolleegen a Kolleginnen. Virun allem steet de Plat de résistance hei, wou et also ëm d'Erweiterung vum Parking résidentiel geet, e Punkt wou och an eiser Schäfferotserklärung war, well et effektiv och e Punkt ass, deen alleguerten d'Diddelenger Bierger a Biergerinne betrëfft. Dann nach e puer Verkéiersreglementer, Taxereglementer an awer ënnert Korrespondenz, éier ech elo dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert ginn, dat sécherlech och op d'Invitée wäert agoen, déi haut dobäi sinn an déi mir och häerzlech wëllkomm heeschen, eis och wäerte begleet bei dëser Diskussioun.

Nach ënnert Korrespondenz, ofgesi vum Fait, dass haut den Internationale Fraendag ass, wëll ech awer och hei soen, dass Dir en Dokument de synthèse hutt vum Plan national d'organisation des secours, de PNOS, dat ass en Document de synthèse an och iwwer Circulaire si mir gebiede ginn, als Gemengen, bis den 1. Juni eis Stellungnam an Observatiounen zum PNOS ofzeginn, sou dass mir an engem vun eisen nächste Gemengeréit de PNOS dann och um Ordre du jour wäerten hunn.

An hei vläit den Appell, dat ass en Dokument vun der Regierung, fir dass ee méi séier a méi efficace bannent 15 Minutte kann intervenéieren. Wann do Fraktiounen Observatiounen hunn, dass Dir eis déi zoukomme loosst, dass mir déi hei an e gemeinsaamt Dokument kennen afléisse loosse. Dat ass déi Propos, déi ech deene verschiddene Vertrieeder vum Gemengerot wëll maachen. Dëst gesot, soss hu mir näischt ënnert Korrespondenz, ech kucken op d'Kolleegen aus dem Schäfferot, dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol.

2. VERKÉIERSREGLEMENTER

2.1. CONFIRMATIION VU ENGEM DRÉNGENDEN TEMPORÄRE VERKÉIERSREGLEMENT – ROUTE DE BETTEMBOURG

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schäffin): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt fir d'éischt eemol kuerz op d'Invitéen agoen, et si keng Friemer, Dir kennt se allen dräi vum Service Circulation, respektiv vum Service Travaux publics, de Micael Da Silva, a vu Komobile, eise Beroderbüro, de Romain Molitor. Merci och, dass si wéi ëmmer dobäi sinn. Den éischte Punkt direkt um Ordre du jour éier mir bei de Plat de résistance kommen, wéi den Här Buergermeeschter et genannt huet, musse mir e Règlement d'urgence guttheeschen an zwar am Kader vum Projet de mise en conformité vum de Foussgängerpassagen, do hu mir eng Permission de voirie vu Ponts et Chaussées kritt fir den Zebrastreifen an der Route de Bettembourg, op Héicht vun der Nuddelsfabrik, ze reamenagéieren an dann och konform ze maachen.

An engems gëtt dann och profitéiert fir de besteende Busarrêt Nuddelsfabrik laut de Recommandatiounen vun der Adapt a vun der staatlecher Verkéierskommissioun ze reamenagéieren, och dëst ass an där Permission de voirie mat ugefrot ginn an och dat hu mir accordéiert kritt. Souwuel de Foussgängerpassage wéi och de Busarrêt gi behenertegerecht a blannekonform amenagéiert an zousätzlech gëtt de Foussgängerpassage konform beliicht a fir dëse Reamenagement iwwerhaupt ze maachen, muss deen Akt gemaach gi fir de Busarrêt ausser Betrib ze huele fir datt en ëm 150 Meter geréckelt ka ginn a provisoersch bei d'Gebai Nummer 8 route de Bettembourg ka gesat ginn. Fir de provisoersch Busarrêt ginn och Parkverbuetter opgestallt, sou dass de Bus net muss an der Strooss stoe bleiwen an de Verkéier géng behënneren. Dat zum Règlement d'urgence.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol, fir déi doten Erklärungen, si Froen dozou? Mardamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et ass mir grad eng Fro an de Kapp komm, wéi ass et mat der Iwwerdaachung vum deem Busarrêt, well d'Leit setzen ëmmer esou aarmséileg op der Maierchen do. Ob do eng Méiglechkeet ass fir dat herno oder vläit elo scho virzugesinn?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schäffin): Mir hunn iwwerall gekuckt wou et méiglech ass, e Bushaischen, eng Iwwerdaachung ze maachen, an ech géif profitéieren, vu dass de Micael Da Silva hei ass, fir eis ze soen ob dat op dëser Plaz virgesinn ass oder méiglech ass an hie kann lech villäicht och nach soen dass een do muss gewësse Moossen hunn, fir

dass dat iwwerhaupt méiglech ass. Da geet et alles an engems.

MICAEL DA SILVA (Koordinator vun de Chantieren): Jo, gudde Mëtteg, Merci fir d'Wuert. Also, e Bushaischen ass do elo net virgesinn, well mir an enger Sens-unique-Strooss si mat zwou Spueren an den Trottoir, dee mir zur Verfügung hunn, deen ass zimmlech schmuel, dee wäert elo scho méi breet ginn am Kader vum deem Reamenagement, mee e gëtt ëmmer nach net déi Moossen hir fir do kënnen e Bushaischen opstellen. Mir kréie maximal 1m80 eraus an e Bushaischen huet schonn iwwer 1 Meter, dann hätte mir kee Passage méi fir mat enger Kannerkutsch oder engem Vëlo do laanscht ze kommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Weider Froen? Dat ass net de Fall, da gi mir eriwier op de Vote, wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

2.2. ÄNNERUNG VUM ALLGEMEINE VERKÉIERSREGLEMENT – AUSDEENE VUM PARKING RÉSIDENTIEL +

3. GEMENGEFINANZEN – ÄNNERUNG VUM KAPITEL XXX – STATIONNEMENT RÉSIDENTIEL – VUM ALLGEMEINEN TAXEREGLEMENT

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schäffin): Dir wësst, dass mir decidéiert hunn, net méi nëmmen nei Zonen, Stroossen oder eenzel Parkinge mat an de Parking résidentiel eranzehuelen, mee dass mir wëllen a ganz Diddeleng de Parking résidentiel aféieren. Firwat? Ma well ëmmer méi Betriber, virun allem och kleng Betriber, wéi zum Beispill d'Crèchen, déi loosse sech a Wunngbidder niddere. En anert Beispill wat et gëtt a wat et scho méi laang gëtt, dat sinn d'Tankstellen an d'Betriber op der Lëtzebuerger Strooss wou dann dat ganz Personal do parkt, respektiv och d'Niewestroossen, zum Beispill d'Rue Ribeschpont, zouparkt. Dat passéiert och dacks bei Plazen, wou Garen no bäi sinn oder de Bus an d'Stad fiert, wéi och an der Zoufftgertrooss oder um Kräizbiere, hei loosse ganz vill Leit den Auto einfach do stoen, gratis natierlech, de ganzen Dag, an si klammen dann do op den ëffentlechen Transport ëm fir an d'Stad ze fueren an dorënner sinn och ganz vill Frontalieren. Wat bedeit dat? Ma dat bedeit, datt d'Leit sech parken an deene Stroossen an déi Diddelenger Leit, déi do wunnen, déi sinn natierlech onzeffriden, well si keng Plaz méi an hirer eegener Strooss kréien.

Dann ass et och esou, datt sech d'Problematik vun de Laangzäitparker einfach just verlagert wa mir op nëmmen eenzel Stroossen oder Parkingen de Parking résidentiel erweideren. Wa mir zum Beispill de ganze Brill mat

eranhuelen, da ginn se op Biereng, wa mir déi ganz Route de Zouffngen mathuelen, da ginn se an d'Rue Madame Mayrisch de St. Hubert, jee, d'Leit fannen ëmmer eng Plaz wou et méiglech ass wann et net flächen-deckend ass an dofir féiert eigentlech kee Wee dolaanscht fir de Parking résidentiel op d'ganz Gebitt vun der Stad Diddeleng ausdeenen. Mir hunn eis verschidde Modeller ugekuckt, mir hunn se duerchdiskutiert, mir hunn se geplangt an dee Modell, dee mir zeréckbehalen hunn, ass deen op deen ech elo am Detail aginn an dee mir lech och an engem informelle Gemengerot virgestallt haten an diskutiert hunn, nämlech deen, dass et a ganz Diddeleng nëmme zwou Zone wäert ginn, eng Zon Zentrum, wou jidderee muss bezuelen, ausser déi Leit, déi do wunnen an eng Vignette Zentrum kréien, an de Rescht vun Diddeleng, wou jidderee ka parken, mat Vignette gratis an déi ouni Vignette maximal 3 Stonne mat Ageheien zwëschent 8 Auer an 12 Auer an zwëschent 14 Auer an 18 Auer.

Ech maachen och direkt eng Klammer op: Wéisou hu mir Diddeleng net a méi Zonen ageedeelt, zum Beispill a Quartieren? Et ass relativ schwierig, an Diddeleng ze kucken, wou zum Beispill den Deich ugeet, wou geet deen an d'Schmelz iwwer, wou genau hält de Brill op a fänkt Biereng un? Mir hätten, wa mir dat gemaach hätten, vill Iwwerlappungszone misste maachen. Wat sinn Iwwerlappungszonen? Dat heescht, dass mir de Leit hätte misse Vignetté ginn, fir an e puer Quartieren a verschidde Zonen ze parken, sou dass herno eng Kaz hir Jonk net méi erfondt hätt an et éischtens just ganz schwéier ze realiséiere wär, virun allem och ganz schwéier ze erkläre wär a virun allem och schlecht ze kontrolléiere wär. Mir wollten awer eng einfach Léisung hunn an déi ass 3 Stonne parken op der Strooss an op de Parkingen, mat oder ouni Vignette, a bezuele muss ee vun 8-12 Auer a vu 14-18 Auer, ausser bei wéinegen Ausnamen an do kommen ech spéider nach drop zeréck. Wat bleift alles onverännert? Ma jo, ganz viles, zum Beispill eis Park & Ride bei der Gare, bei der Gare Usine oder beim Kierfecht, dat heescht deen an der Beetebuurger Strooss, de Skaterpark, beim Zucharrêt Biereng an de Boulodrome am Quartier Italien. Och eist Camionnettereglement bleift wéi et ass.

Den Tarif, deen Dir musst bezuelen, bleift onverännert, dat heescht déi éischt 30 Minutte gratis, dat bleift bestoen, an duerno kascht et 0,10 Euro fir 6 Minutten, dat entsprécht engem Euro d'Stonn an och un de Präis an un d'Unzuel vun deene verschiddene Vignetté gi mir net drun. Aktuell kann all Stot jo 2 Vignetten ufroen a maximal 2 Autoen op eng Vignette schreiwen, déi éischt kascht 18 Euro an déi zweet Vignette kascht 36 Euro an och dat bleift d'selwecht. De Parking Fohrmann bleift och wéi en ass, dat sinn 3 Stonnen ageheien ouni Vignette, dat heescht, dass een do seng Vignette net ka spille loossen, och

dat ass keen neie Moment, de Parking Fohrmann soll jo prioritär fir d'Visiteure sinn, déi op Diddeleng kommen oder déi Diddelen-ger, déi gär an den Zentrum ginn, fir do an d'Geschäfte ze goen oder op de Maart oder an d'Restaurants an an d'Caféen, wann déi nees op sinn. An dann natierlech spillt och am Shared Space keng Vignette, dat ass och keen neie Moment, do dierf ee jo just 30 Minutte limitéiert parken. Och de Crassier bleift wéi en ass, dat heescht 5 Stonne gratis mat Tickethuelen.

An da kommen ech zu den Ännerungen. An alleguerten de Stroossen a Parkinger bis op d'Ausnamen, déi ech opzielen, gëtt dann elo de Parking résidentiel agefouert, wou ee maximum 3 Stonne mat Ageheien, zwëschent 8.00 Auer an 12.00 Auer wéi och vu 14.00 Auer bis 18.00 Auer, parke kann, respektiv mat Vignette déi ganzen Zäit. Parkinger, déi elo 2 oder 5 Stonne payant mat Vignette waren, ginn elo op 3 Stonne payant mat Vignette geännert. Heibäi handelt et sech ëm folgend Parkingen, ënnert anerem Commerce, Place de l'Hôtel de Ville, dat ass deen niewent der Gemeng, den Tattebiërg, Rue Dominique Lang, dat ass dee beim fréiere Monopol, an och de Wolter Parking. Déi schrei Parkplazen zwëschent dem Café Joker an der Spuerkeess, déi vis-à-vis vun der Gemeng, déi sinn aktuell op 2 Stonne payant ouni Vignette, an déi ginn elo 3 Stonne payant ouni Vignette, a wann ech soen ouni Vignette, nach eng Kéier, dat heescht, dass och Leit, déi eng Vignette hunn, do muss bezuelen. Dann hu mir nach déi puer Parkplazen, déi schrei sinn, an der Pasteur Strooss, do beim Bäcker, a well déi ebe virun de Geschäfte sinn an och do Sënn maachen, reglementéiere mir déi elo mat 1 Stonn gratis mat Disk op 30 Minutte gratis mat Parkauer, genau sou wéi dat an der Nid-deschgaass de Fall ass bei de Geschäfte, fir datt dat dann och op béide Plaze d'selwecht ass.

De Parking bei der Sportshal an deen hei beim Centre culturel / CNA ginn 3 Stonne gratis awer mat Ticket-System, also genee esou wéi um Crassier, just ebe sinn et hei 3 Stonnen an Dir wësst, um Crassier sinn et 5 Stonnen. Op deenen zwee Parkingen do gëllt déi gratis Mëttesstonn, 12.00 – 14.00 Auer net méi, sou dass een elo op deenen zwee Parkinge muss vun 8.00-18.00 Auer duerchgehend en Ticket huelen, fir do kënnen ze parken. Dat hu mir och esou zesumme mat de Leit aus dem Centre culturel / CNA an och aus der Sportshal duerchdiskutiert an och gemeinsam mat hinnen decidéiert. Op Demande vun eenzele Memberen aus dem Gemengerot - ech sinn net méi sécher, mee ech mengen et waren d'Madamm Kayser an den Här Züang - hu mir no der informeller Reunioun, déi mir hei Mëtt Oktober haten, och d'Parkingen op der Scheer, an der Kayler Strooss a bei der Annex Alliance an de Parking beim Restaurant an der Le'h mam selwechten Horaire reglementéiert fir eben do

méi e Roulement dran ze kréien an och do d'Laangzäitparker fortzekeréien.

Wéisou awer zielt déi Mëttesstonn elo hei mat? Ech hunn e puer Mol gesot, mir wëllen eigentlech déi Laangzäitparker vun deene grouse Parkingen erofkréien. De Parking hei beim Centre culturel an dee bei der Sportshal, déi gi vu Leit besicht, déi maximal 3 Stonne während dem Dag do bleiwen, déi ginn trainéieren, déi ginn an hire Musekskurs, déi ginn an de Kino. Wann et elo do gratis wier an der Mëttesstonn, da kënnen déi Parkplaze weiderhi vu Laangzäitparker blockéiert ginn. Ech ginn lech e Beispill: Dir huelt moies um 9 Auer en Ticket fir 3 Stonnen, da kann ee bis 14.00 Auer op där Plaz bleiwen. Wann een dann eng Persoun huet, déi just hallef Deeg hei an Diddeleng schafft, am Zentrum, da kéint déi do gratis parken a géif dee Moment dem Visiteur eng Plaz ewechhuelen.

Villäicht och nach als Info, eis ParkApp Opngo gëtt - wann dat hei bis a Kraaft ass - op ganz Diddeleng ausgedeeent, sou dass een domadder kann iwwerall bezuelen. Ech mengen, déi Detailler alleguerten zum Parking résidentiel, déi hate mir lech jo schonn eemol am informelle Gemengerot, den 18. Oktober 2020, virgestallt, och zesumme mam Romain Molitor, eiselem Expert, deen dat deemools jo och ganz gutt erkläert huet. Zousätzlech profitéiere mir awer och dovunner, e puer Feeler erauszehuelen. Eis Servicer hunn dat komplett Reglement nach eemol op de Leescht geholl an zwar wëlle mir Stroossen, respektiv Parkingen, richtig benennen. De Wee an der Rue Jean Friedrich, dat ass bei de Grénge Scouten, dee gouf mat an d'Reglement erageholl, aktuell war et nämlech just bis bei dat lescht Haus reglementéiert an elo reglementéiere mir dann erop bis bei de Chalet. De Parking bei der Zuchhaltestell Dudelangeville, am Volleksmond d'Gare genannt, gëtt elo richtig tituliert fir der Terminologie vun der CFL gerecht ze ginn. An der Rue Jean Jaurès, an der Rue de l'Etang an an der Rue de la Fontaine ginn d'Héichtelimitatiounen op 4,80 Meter reglementéiert, dat ass eng Demande vun der CFL, do komme mir net derlaanscht. CFL wëll och all Gleisiwwergang vun der Z.A.E. Wolser B, dat ass déi fréier Zone industrielle Wolser, reglementéieren an huet wéinstens e B 2 A Stoppschild bei all Gleisiwwergang gefrot. Dat maache mir dann och mat dran. A mir profitéieren dovunner, déi Bushaltestell vun der Rue des Lamineurs, déi ass verluecht ginn an d'Soibelkaul an déi gëtt aus dem Reglement erausgeholl, well eben déi TICE-Linn net méi duerch déi Strooss fiert.

Voilà. Mir hunn natierlech dat ganz Reglement ageschéckt fir en Avis préalable aus der Stad ze kréie vun der staatlecher Verkéierskommissioun. Deen hu mir och kritt, déi waren d'accord, dat ass net ëmmer esou, also deen hu mir. Dat war et zum Deel Verkéiersreglement, Dir hutt awer gesinn um Ordre du jour, mir mussen och d'Kapitel 30

vum Taxereglement upassen, wou d'Zonen dran definéiert ginn an dann och de Präis vun de Vignettë steet. Ech widderhuele mech och nach eemol. Un de Präis an un d'Unzuel vun deene verschiddene Vignetten, do gi mir net drun, dat bleift alles beim alen. All Stot kritt maximal 2 Vignetten a ka maximum 2 Autoen op eng Vignette schreiwen an nach eng Kéier, déi 1. Vignette kascht 18 Euro an déi 2. kascht 36 Euro. Voilà, elo wier dat genuch vu mir. Eise Service Circulation an de Romain Moliator sinn do fir mech ze ergänzen, wann ech sollt eppes vergiess hunn oder fir zousätzlech Erklärungen ze ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ass dat de Fall? Ech kucken op eisen Expert an op eise Service? Gutt, da kënne mir d'Diskussioun opmaachen. Merci dem Claudia Dall'Agnol fir dës Presentatioun an och fir d'Erklärung vum der Extensioun vum Parking résidentiel a wat déi Mesure och mat sech bréngt, generell am Parkraummanagement an an der Strategie vun der Stad Diddeleng, déi mir eis hei ginn. Da kënnen elo déi verschide Fraktiounen Stellung huelen. Madamm Kayser, Dir hutt d'Wuert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Merci fir d'Wuert, Merci fir d'Presentatioun vum Claudia Dall'Agnol, Merci och fir de PowerPoint vum der Komobile an och fir den Dossier vum eise Mataarbechter aus dem Service de la Circulation, akribesch zesummegeacht, villmools Merci dofir. Parking résidentiel, dat ass en Thema, deen hei schonn 2003 fir d'éischt diskutéiert gouf. Wann ech mech richteg erënneren, krut et 2005 eng Erweiterung, 2016 krute mir eng Adaptatioun gestëmmt, 2017 kroum de Camionnettparking dobäi, 2018 - Dir gesitt, all Joer huet de Parking résidentiel eis hei beschäftegt - 2018 kruten d'Leit an Hinnefen hir Vignette an hire Quartier gouf och an de Secteur vum Parking résidentiel mat erageholl. Laanscht de Kierfecht gouf och 2018 de Parking résidentiel agefouert. Jo, mir hunn dat net immens gutt fonnt well mir haten ëmmer d'Gefill, dass esou "scheibchenweise", oft an eisen Aen esou e bëssen à la tête du client, respektiv deem dee laang genuch gesouert huet seng Strooss gouf an de Secteur Parking résidentiel mat erageholl an dat scheibchenweise Virgoen hu mir net ganz glécklech fonnt a well och awer aner Awunner net zefridde waren, an och Bréiwer geschriwwen hunn, wéi zum Beispill d'Leit aus der Rue Lentz, 2017 war do eng Petitioun vun de Bierger komm, dass si gären hire Quartier an de Secteur Parking résidentiel gehat hätten an hinnen hir Demande gouf zum Beispill net erhéiert.

Wat awer ganz interessant war, ee vun de Reklamanten aus der Rue Lentz krut versprochen schwätzen elo vum Februar 2017, ech zitieren do de Bréif, deen de Schäfferot deem gudde Mann geschriwwen huet: "La première phase du classement des rues en parking

résidentiel sera passée en revue après une certaine période et pourra être adaptée aux réels besoins de tous les utilisateurs s'il s'avère que besoin est." Dem Mann seng Äntwert, deen hat och e bëssen Humor: "Au lieu d'agir par des manœuvres dilatoires, je vous prie de nous proposer des solutions concrètes avec une date limite de la mise en place de celles-ci." Dat war am Februar 2017, elo véier Joer drop, mir sinn elo Februar/Mäerz 2021, dat si véier Joer méi spéit, elo hu mir dann hei eng konkret Propos um Dësch leien, eng global Parkraumstrategie fir ganz Diddeleng. Mir hunn dann eemol eng éischt Fro: Wéi deen Här et och versprach kritt huet, sollt e Bilan gezu sinn a mir kruten hei zwar elo eng Bestandsopnam vum den Zuele vun de Park & Riden a vun de Camionnettplaze virgewisen, mee wéi ass dann deen offizielle Bilan ausgewise vun den Analysen, déi jo gemaach gi sinn, well et war jo och e Budget do fir esou Analysen ze maachen? Do wier et awer mol interessant gewiescht fir gewuer ze ginn, wéi zefridde sinn d'Awunner, déi an enger Zon Parking résidentiel wunnen, wéi eng Reklamatioun kroume méi oft ausser elo wéi ech sot vu Leit, déi och gär gehat hätten, dass hir Stroossen an den Areal vum Parking résidentiel erakommen, wéi eng Doleancen hunn d'Leit, wéi vill Protokoller goufe vläit geschriwwen fir Leit, déi sech net dru gehalen hunn a keen Ticket gezunn hunn?

Gouf och gekuckt, wou Autoen da parken? D'Dauerparker gi laanscht Tankstellen a laanscht d'Crëchen, dat ass jo och evident, an ass och do genau gekuckt ginn, wéi vill Frontaliersnummere waren dat zum Beispill? A wéi mir d'Vignettereglement haten 2018, wéi mir dat festgehalen hunn, gouf och festgehalen, dass d'Betribler hir Camionne kënnen umelle wann se an de Stroosse mam Parking résidentiel schaffen, wéi vill Leit hunn zum Beispill dovunner Gebrauch gemaach? Dat ass vläit och interessant ze wëssen. Wéi ass den Echo vun den Hëllefseise, wéi zum Beispill d'Verbandskëscht, Help an esou weider? Do hate mir als CSV gefaart, dass déi Problemer kréichen, well déi jo awer och Vignettë kréien, wou d'Nummere vun den Autoen müssen drop stoen a well déi jo awer e bësse méi e mobile Fuerpark hunn an net ëmmer mat deem selwechten Auto kommen, wéi ass et elo do, sinn do vill Doleancën komm vun deene Servicer, dass déi oft Protokolle kritt hunn? Et wier mol interessant fir do e Bilan ze kréien. Wéi ass de Bilan no esouvill Joer Parking résidentiel - partiel am Fong - ausgefall?

Voilà. Elo hu mir hei eng Propos virleie fir Diddeleng an 2 Zonen anzedeelen. Firwat brauchen mir e Parking résidentiel zu Diddeleng? Et ass virdru scho gesot ginn, fir d'Dauerparker, déi mam Bus oder Zuch schaffen fuere, aus de Quartieren erauszekréien. Fir Leit, déi a Betribler schaffen, wou net genuch Parkplazen um Site vum Betrib sinn an doduerch Parkplazen am öffentleche Raum besetzen,

fir déi och ze beméien, dass se anzousch anescht parke ginn. Awer och fir zum Beispill ofgestallten Autoen, déi oft deeglaang an de Stroosse stinn, mat enger Pancarte dran, dass se ze verkafe sinn, fir och déi aus Diddeleng erauszekréien. An dann dat wichtegst ass, sou wéi d'Claudia Dall'Agnol et och gesot huet, fir den Awunner d'Chance ze ginn, eng Parkplaz no bei hirer Dier doheem ze fannen. Déi Fro, déi sech uschléisst un déi éischt Fro, wéi et mam Bilan ass, wéi hutt Dir wëllen, dës nei Mesuren ze begleeden, ze evaluéieren an ze kontrolléieren? Et ass jo och wichtig, dass mir eise Bierger herno kënne soen, Jo, de Parking résidentiel um ganzen Territoire vun Diddeleng huet eppes bruecht. Souvill Autoen fuere manner an Diddeleng eran. Souvill Dauerparker hu mir eraus kritt, eis Park & Ride sinn zu souvill Prozent besat.

D'Fro ass dann awer och: Ginn eis Park & Riden duer oder ass nach en aner Bedarf do, mussen mer nach an eng aner Richtung goen a vläit Parkhaier opmaachen? Ech denken, dat ass ganz wichtig, an do ass meng Fro: Wéi wëllt Dir déi ganz Mesurë begleeden an a wéi engem Zäitraum denkt Dir, dass Dir eis do och scho kënnt e kleng Bilan zéien, fir déi Verännerung, déi mir wëlle plangen, wéi déi da gewierkt huet? Well ech denken, dat ass och eppes dat mir eise Matbierger mussen mat op de Wee ginn, well de Bemol vun der ganzer Saach ass de Käschtepunkt. Mir kréien als Gemeng zwar Taxen eran, wa mir Vignettë verkaufen, mee domadder gi mir net räich, mir müssen eis Horodateuren opstellen an eng Hellewull Pecherten astellen, déi dann och um ganze Reseau vun Diddeleng Kontrolltierre mussen maachen an dat ass en Invest, deen net ze vernoléisseg ass. Ech hat nach eng Kéier séier nogekuckt, am Budget vun 2021 steet fir d'Acquisitioun vun den Horodateuren eng Zomm vun 1 050 000 Euro, dat ass jo awer eng Zomm, do muss een och mol erwännen, dass dat eis awer och relativ vill kascht. En plus kënnt dann nach den Entretien dobäi, en plus war do och schonn en Honoraire d'expert - parking, stationnement et autres études, deen iwwer déi lescht Joere vun 20 000 Euro d'Joer 2017 op mëttlerweile 30 000 Euro d'Joer geklommen ass.

Ech huelen un, dass dat dann dofir ass fir och déi Bilanen, déi ech ugeschwat hunn, dass mir déi och op Pabeier presentéiert kréien. Fir déi Saachen och auszeschaffe, verstinn ech och, dass mir do müssen Experten dobäihuelen. Da sinn och Contrat-de-maintenance, dat ass och eng zimmlech hefteg Zomm, déi mir do all Joer mussen bezuelen. Bis elo si mir mat 200 000 Euro d'Joer ronn doduerch komm mee elo ab 2021 si 470 000 Euro do am Budget virgesinn, plus den Entretien du système politesse, dat ass dat mat deene pabeiers Bännercher an deem Geméichels do, dat kascht och nach eng Kéier 10 000 Euro d'Joer, also iwwer 1,5 Millioun Euro kascht eis dat doten dës Joer. Natierlech kënnt d'Acquisitioun net all Joer mat deem héije Budget

dobäi, mee et ass trotzdem fir mol eng Kéier doriwwer ze schwätzen, dass dat net näischt ass. Natierlech geet et och ëm d'Agent-municipauxen, wéi vill hu mir der, wéi vill stelle mir der nach an a bis wéini? Do kann een och mol eng Kéier froen, wéi héich ass den Invest, wéi vill kascht dat u Personalfraisen, déi Agent-municipauxen, wéi vill kascht dat eis Gemeng well dat ass net all Gemeng, déi esou e Service huet an ech denken, mir sinn eng grouss Stad an do kënnst warscheinlech och nach zimmlech vill op eis duer wa mir all déi Agent-municipauxen, déi een da wëll astellen, wa mir déi dann och hunn. An der Regierung gëtt och elo - an dat ass eng never-ending story- doriwwer nogeduecht, den Agent-municipauxen nei Aufgaben ze ginn. Dat, denken ech, kann all Kommunalpolitiker nëmme begreifen, da kann een och soen, deen Invest an den Agent municipal, dat ass net just een, deen oppasst, dass d'Autos richteg geparkt sinn, mee villäicht hëlleft dat och d'Sécherheet an de Stied ze verbessern. D'Fro sief awer erlaabt, och wann dat elo vläit e bësse ketzereg klénkt, mee ass dësen Invest onëmgänglech? Wéi eng aner Léisung hätt Komobile zum Beispill virgeschloen, fir de Problem vun den Dauerparker an esou weider aus de Stied ze kréien?

Ass do eng aner Alternativ, déi Dir eis hätt kënne virschloen, ech denken elo, hätt et eppes bruecht, grouss Parkhaiser un de Rand vun de Stied ze maachen, den Trafic an der Uertschaft och nach e bësse méi beschwéierlech ze maachen? Ech mengen, mir hunn iwwerall Zon 30, wat eng gutt Saach ass. Wéi gesot, et ass vläit eng ketzereg Fro, mee et ass eng Fro, déi mol interessant ass, wéi eng Iddien een huet zum Beispill, wann ee mat anere Stied vergläicht, wat hätt ee kënnen anescht maachen? Elo hu mir dat Konzept hei virleien an et ass schonn ugeklungen, den 19. Oktober hate mir schonn zesumme mam Gemengerot mat der Verkéierskommissioun d'Käpp zesumme gestach bei der éischter Presentatioun vun dësem Pabeier an ech betounen, zesumme hu mir erausfonnt, dass verschidde Parkplazen, wéi Alliance, Scheer, Le'h vergiess gi waren an déi sinn elo an d'Iwwerleeunge mat agefloss. A mir haten och drop higewisen, dass eng ongläich Behandlung wier vu Kultur a Sport, wann een de Parking CNA payant mécht an de Parking Hartmann léisst ee gratis. Ech fannen dat einfach immens flott wann een do gesäit, mir hunn eis all zesumme gesat a mir haten nach Leit aus der Verkéierskommissioun derbäi an 19 Puer Ae gesinn einfach méi wéi 5 Puer Aen aus dem Schafferot an dës informell Zesummenaarbecht fanne mir och ganz gutt a mir fanne gutt, dass dat esou gutt geklappt huet.

Dëst Parkkonzept léisst duerch abordabel Präisser beim Parken a bei gudder Offer vu Parkplazen, respektiv Park & Ride-Parking an awer genuch Sputt fir Leit, déi vu baussen an Diddeleng akafe kommen, respektiv heinner schaffe kommen. Gratis parken an

der Mëttesstonn ass och e flotte Message fir eis Restaurateuren, zumools an dësen Zäiten. Voilà, da kommen ech awer zu enger Fro zu de Vignetten: Et ass virdu gesot ginn, all Stot kritt 2 Vignetten. Wat ass elo e Stot? Ech froen dat ganz bewusst, wann een elo kuckt, zum Beispill, mir hunn elo Haiser wou déi sougenannte Chambre-meubléeen dra sinn, respektiv Einliegerwunnengen, wéi vill Vignettë kritt dann esou en Haus? Jiddereen, deen sech do ugemellt huet, ass dat direkt e Stot oder wéi gëtt dat agedeelt?

Dat ass awer ganz wichteg, well dat awer och nei Wunnforme sinn, déi mir wëlle promovéieren an Dir wësst, dass et och mëttlerweil net méi sou ass, dass an esou Haiser wou Chambre-meubléeë si, dat sinn net méi déi klassesch Locataire vun de Cafészëmmeren, mee an de Chambre-meubléeen, ech denken un en Haus an der Zouffterstrooss, dat weess ech, do wunne vill Leit an déi ginn am Kostüm a Krawatt moies schaffen a kommen owes heem an déi fueren de Weekend an d'Ausland wou si hir Famill wunnen hunn an dofir brauchen déi och en Auto an dee musse si iergendwou histellen an do ass d'Fro: Wéi hutt Dir lech dat ugeduecht wann an esou engem Haus 8- 10 Leit ugemellt sinn? Legal ugemellt sinn, dat ass jo awer eppes wou een sech muss iwwerleeën, wéi dat geet. Ech denken och elo un d'Caramutas-Haus wat mir ëmbauen, do kann een net soen, dat sinn nëmme aarme Leit, déi mir dohinner setzen, déi vu sozialem Wunraum profitéieren, déi hu keen Auto. Ech mengen, grad déi Leit schaffen oft a Secteuren - dat wësst Dir allegueren - déi e bësse méi vulnerabel Leit schaffen oft a Secteuren, wou se och aner Horairen hunn, wou se nuets musse schaffen goen, wou se moies fréi musse schaffen goen, wou och nach keng Busser fueren an och net dohinner, wou déi Leit wëlle schaffen goen, déi brauchen och en Auto, wat maache mir mat deenen?

Voilà, dann, idem natierlech och, mir haten et schonn ugedeit, wéi maache mir et an de Quartiere wéi A Bëlleg an op Neischmelz, do wëlle mir jo d'Parkplazen am Quartier selwer staark reduzéieren. Logescherweis misste mir jo dann och deene Leit, déi do eng Wunneng kafen oder lounen, dat och soen, dass se ëmmer Recht hunn op eng Parkvignette, mee da sinn erëm Distributeuren do, vis-à-vis vun deene Leit an och deenen aneren. Mee meng Fro ass: Wou stelle mir déi Autoen all hin? Wéi hutt Dir lech dat virgestallt? Well déi Iddi vum autoreduzierte Quartier A Bëlleg, dat klénkt ganz gutt, mee wéi hutt Dir lech virgestallt fir dat konkret ëmzesetzen? Net dass dat einfach e Lippenbekenntnis ouni konkret Ëmsetzung bleift.

Als CSV wollte mir och e waarmen Appell maache fir e Gesamtverkéierskonzept fir Diddeleng an Zukunft auszeschaffen, dat heissen ass en éischte Schratt fir eng Cohabitatioun zwëschen Auto, Foussgänger a Vëlo zu Did-

deleng ze schafen, eng friddlech Cohabitatioun hoffentlech a virun allem brauche mir eng zefriddestellend Léisung vum ëffentlechen Transport aus Diddeleng eraus, dat ass dat wat primordial ass, do musse mir onbedéngt eng Schëpp uleeë fir ze kucken, a wéi eng Richtung et do geet. Mir sinn als CSV nach ëmmer de Verfechter dovunner, fir aus Diddeleng eraus ass d'Iddi vum Train-Tram an eisen Aen nach ëmmer eng gutt Optioun. Kleng Parenthesen, ech hat mir och erlaabt, dem Transportminister eng Fro per Mail ze schécken zu der Verbindung Lëtzebuerg-Beetebuerg-Diddeleng, deen op der Promotionstour war vu sengem schnellen Tram. Ech krut e ganz léiwen Accusé de reception vum Ministère per Mail geschéckt mee ech krut awer keng Äntwert op meng Fro. Dir wësst vu wat ech schwätzen, ech huelen un, datt et lech net besser geet. Ech hunn awer net méi nogehakt, ech hu gemengt, dat wier Är Aufgabe, mee Dir sot eis villäicht elo ob Dir scho méi wäit virgedronge sidd beim Virsprieche beim Här Minister. Voilà. De Verkéiersproblem zu Diddeleng, deen ass reell an et gëllt deen an Ugrëff ze huelen an och hei si mir gär bereet, och d'Käpp zesummenzestrecken, sou wéi am informelle Gemengerot zum Projet vum Parkraummanagement, fir dass mir zesummen eng Léisung sichen.

De Parkraummanagement, dee mer haut hei virleien hunn, ass e wichtegt Element, mee et ass awer net dee grouss Worf fir d'Verkéiersproblematik vun Diddeleng ze léisen a virun allem esoulaang iwwer 60% vun de schaffende Leit all Dag vun Diddeleng an d'Stad schaffen fueren, net a Richtung Esch a Péteng, wou déi aner Méiglechkeeten nach solle geschaf ginn, mee 60% vun de schaffende Leit vun Diddeleng fueren a Richtung Beetebuerg-Lëtzebuerg a weider. Soulaang dat e Fakt ass, musse mir de Problem an déi Richtung dringendst an Ugrëff huelen, do ass Handlungsbedarf an entweder kucke mir och - net nëmme entweder mee och- kucke mir, dass mir méi Aarbechtsplazen op Diddeleng kréien, fir dass mir net musse esou wäit fueren. Dat ass e wichtege Punkt, mee wéi gesot, dat ass elo net d'Thema vun haut, mee il y a du pain sur la planche, mir dierfen eis net op eise Lorberen hei ausrouen, well mir e flott Konzept hei hunn, mee mir musse weider schaffen a mir si bereet, eng Hand mat unzepaken. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kayser fir hir Interventioun, den nächste Riedner ass den Här Thill.

JOSEPH THILL (Déi Lénk): Merci. Wat de Parking résidentiel ubelaangt, hu mir vun Déi Lénk verschidde Remarken, déi eng zum Fong vum Dossier an déi aner zu den Texter, déi eis virleien. Wat de Fong ubelaangt, huet d'Madamm Kayser elo schonn den Historique opgezielt, ech brauch dat aso net ze widerhuelen. Et ass ugaangen 2003 just mam

Zentrum, et ass weidergaangen 2005, 2016, 2017, 2018 an elo gëtt dann eben de Parking résidentiel op ganz Diddeleng ausgeweit. Wat ech mat dëser Opzielung wëll soen, ass, datt d'Erweiterung vum Parking résidentiel eigentlech de Problem vun der Mobilitéit net am Fong léist, mee just un de Konsequenze vum Problem erëmdoktert. Op gutt Lëtzebuergesch ausgedréckt : dëst neit Règlement ass an eisen Aen eng Plooschter op en holzent Been. Mir denken eigentlech och net, dass d'Laangzäitparker vu baussen den Hauptproblem vun Diddeleng sinn, den eigentleche Problem ass an eisen Aen, dass haut vill Stéit méi wéi een Auto hunn an dat ass ënner anerem esou well den öffentlichen Transport an d'Infrastrukture fir d'Mobilitéé douce net attraktiv genuch sinn, fir op deen 2. an 3. Auto am Stot ze verzichten. Dofir widderhuele mir eis Forderungen un de Schafferot, déi ech och an der leschter Sitzung vun eise Gemengerot virgedroen hat. Éischters, de Schafferot soll endlech Drock op eisen Transportminister maachen, datt erëm sou séier wéi méiglech direkt Zich vun Diddeleng an d'Stad fueren. Wéi d'Madame Kayser scho gesot huet, et schaffe 60% vun de schaffende Leit vun Diddeleng an der Stad. An dat geet och nëmme wann d'CFL elo ufänkt en zweet Zuchgleis op der Héicht vu Biereng ze leeë fir dass d'Zich op der Streck Volmerange- Beetebuerg sech do kënnen kräizen. Wann dat net elo geschitt, da fuere weider vill Diddelenger déi nächst 10 Joer mam Auto op Nærzeng a parken do d'Stroosse voll bis och Nærzeng de Parking résidentiel aféiert oder op Beetebuerg bis och um CFL-Parking zu Beetebuerg keng Plaz méi fräi ass.

Zweetens, mir begrëssen och all anert Investissement an den öffentlichen Transport, wéi zum Beispill de Projet Bus à haut niveau de service Rodange - Diddeleng. Drëtters, mir ënnerstëtzen all Verbesserung vun den Infrastrukture fir d'Vëloen an an och ronderëm Diddeleng. Op deem Gebitt war de Schafferot déi lescht Zäit méi aktiv, mee mir wënschen eis, dass de Schafferot do nach e puer Schëppe bäileet. Dat ëm sou méi well d'Asbl Vëlo Diddeleng eng ganz detailléiert a gutt dokumentéiert Viraarbecht geleescht huet an déi Aarbecht der Gemeng komplett gratis zur Verfügung stellt. Ech erënneren drun, dass e Vëlo 1,5 Quadratmeter Plaz verbraucht an en Auto der 6, also 4 mol souvill. An anere Wieder, et ass souguer fir d'Automobiliste vu Virdeel wa vill Leit op de Vëlo ëmklammen an dofir soll een an eisen Aen och net zécken, op verschiddene Plazen e puer Autosparkplaze verschwannen ze dinn, wann dat et erlaabt, méi kontinuierlech a méi sécher Vëlosweeër ze schafen. Sou wäit zum Fong vun der Propos, déi mir virleien hunn.

Ech hunn dann nach verschidde Remarken zu den Texter, also zu den Detailer vum Règlement, an do haaptsächlech wat d'Ofgrenzung vun der Zon Zentrum betrëfft. Wann ech net

eppes iwwersinn hunn, da stëmmt d'grafesch Duerstellung vu Komobile vun der Zon Zentrum an dräi Punkten net mam Text vum Artikel 2 vum Taxereglement iwwereneen, dee mir als 3. Punkt vum Ordre du jour virleien hunn. Wier et méiglech, den Dia 12 projezéiert ze kréien, fir dass ech kann anschaulich soen, wéi eng Punkten dat sinn. Voilà, ech fänken am Norden un : d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte, déi huet e bëssen e spezielle geschlängelte Verlaf an déi fänkt net bei der Eisbunnsbarrière un, mee beim Centre d'Art Dominique Lang, dat ass d'Haus Nummer 2 vun der Avenue Grande-Duchesse Charlotte. Vis-à-vis vun der Gare do huet een da bis bei den Hild d'Hausnummern 1-11 an dat Stéck vun der Avenue Grande-Duchesse Charlotte gehéiert laut där grafescher Duerstellung, déi mir do gesinn, net zu der Zone Zentrum, si steet awer am Taxereglement, well do steet "l'Avenue Grande-Duchesse Charlotte sur toute la longueur. "

En zweete Punkt, dat ass, ech komme da ganz zum Süde vum Bild, do ass et ëmgekéiert, dat éischt Stéck vun der Libérationstrooss, also dat vun der Stadhausplaz bis bei d'Rue du Commerce, also dat Stéck wou de Weltbuttek an de Buttek Ouni dra sinn, gehéiert laut grafescher Virstellung zum Zentrum, mee gëtt awer am Text vum Taxereglement net ernimmt. An deen 3. Punkt, dee betrëfft d'Rue des Ecoles, wou och am Text steet, déi Rue des écoles wier "sur toute la longueur" an der Zon Zentrum; op der grafescher Duerstellung vum Bild vu Komobile geet awer dat Stéck wat an der Zon Zentrum vun der Rue des Ecoles ass, nëmme bis bei d'Vëlogeschäft Schütz, also vun der Stadhausplaz bis bei d'Rue du Commerce. Do wollte mir eigentlech vum Schafferot wëssen, wat dann elo schlussendlech zielt, d'Zon Zentrum, wéi mir se do um Bild gesinn oder déi Définitiv, déi herno am Artikel 2 vum Taxereglement steet? Dann hätt ech zum Schluss nach zwou Bemerkungen. Mir bedauern, dass vun dëser Geleeënheet net profitéiert ginn ass fir och Parkméiglechkeete fir d'Camionnetten am Norde vun Diddeleng auszuweisen, dat wier ee Punkt.

Deen zweete Punkt ass, dass mat dem neie Parking résidentiel mat Sécherheet dann och d'Kontrolle vun de Pecherten op de ganzen Territoire vun Diddeleng ausgedéint ginn a mir wënschen eis, dass dann och d'Autoen, déi um Trottoir parken, méi konsequent sanctionéiert ginn. Mir fannen, dass d'Parke vun engem Auto um Trottoir kee Kavaliersdelikt ass well doduerch dann eeler Leit mat engem Rollator oder jonk Leit mat Kutschen do an de Verkéier ofgedrängt ginn, fir laanscht dee geparkten Auto um Trottoir ze kommen. An dat ass e Verhalen, mat deem een aner Leit a Gefor bréngt an dat soll a muss an eisen Aen och sanctionéiert ginn. Dann hätt ech zum Schluss nach eng Fro, nämlech wéini déi nei Reegelen a Kraaft trieden, well d'Leit aus deene Quartieren, déi elo an de Parking

résidentiel dobäi kommen, déi mussen jo eng Chance kréien, sech eng Vignette ze beschaafen. Ech kommen zu eiser Conclusioun: Déi Lénk stëmmen déi nei Reegele vum Parking résidentiel mat, awer ganz ouni Begeeschterung, muss ech soen. Déi nei Reegele sinn am beschte Fall eng méi equilibréiert, eng méi gerecht Approche zwëschen deene verschiddene Quartiere vun Diddeleng, mee si léisen de Problem vun der Mobilitéé a vun ze vill Autoen net. An dofir wënsche mir eis, dass de Schafferot deen zousätzleche Sputt, deen dëst Règlement him elo verschafft, konsequent notzt fir den öffentlichen Transport an d'Mobilitéé douce ze fërderen. Merci fir är Opmierksamkeet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir Är Interventioun, an da ginn ech d'Wuert weider un d'Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (Déi Gréng): Merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert a Merci och eise Spezialisten, datt Dir komm sidd. Also, fir mech a fir d'Semiray Ahmedova och ass et dat éischt Règlement wat d'Parke betrëfft a mir hunn erausfonnt, dat ass e komplizéierten techneschen Dossier a wat ee méi sicht, wat sech méi Froen opdynn.

Ech fänken dofir mol einfach mat e puer Froen un, villäicht stinn se och iergendwou, mee ech profitéieren dann awer elo fir hei vläit eng Äntwert ze kréien. Also, d'Schëlter sinn am Fong anescht wéi an der Situatioun beschriwwen, ech weess net firwat dat esou ass. E Mobilhome, ass dat wéi en Auto? Wann een elo e private Mobilhome doheem huet, deen een an d'Strooss stellt, kritt een do eng Vignette wéi fir en Auto? Dann, déi Elektro-Parkplazen, do hunn ech fonnt beim Lycée an der Rue du Parc op deem kleng Parking, do ass jo och eng Plaz fir Elektroautoen, do hunn ech e Schëlt fonnt. Par contre, an der Le'h sinn och zwou Parkplaze fir Elektroautoen, do hunn ech keng Ännerung fonnt bei de Schëlter. Do misst ee jo dann awer och en Ticket huelen. Dann, fir op de Roude Bierg erop, do ass elo Circulation interdite, dat heescht am Fong dierf do keen Auto erafueren. Do ginn awer vill Leit uewe spadséieren oder joggen, do ass jo och e kleng Parking, ech huelen un, dass een dann awer nach ëmmer dierf do erafueren? Bannent 24 Stonnen, wann ech dat richteg verstanen hunn, muss ee jo dann den Auto réckelen, och wann eng Vignette dran ass. No 24 Stonne muss eigentlech den Auto geréckelt ginn a wann een elo bezilt, no 3 Stonne muss ee jo eigentlech den Auto och réckelen.

Ech wollt just nofroen ob ech dat richteg verstanen hunn? Dann, déi blo Parkplazen, Hartmann oder Scheer zum Beispill, déi si jo gratis, mee do muss ee jo en Ticket huelen. Wann ech elo eng Vignette hunn, da muss ech och en Ticket hunn. Hunn ech dat richteg esou verstanen? OK, da kommen ech zu eiser

Stellungnam. De Parking résidentiel zu Did-deleng ass näischt Neies, am Zentrum funk-tionéiert e scho méi laang, d'Argumenter fir-wat en elo iwwer ganz Diddeleng ausgedeeht gëtt, déi liichten an an ech widderhuelen elo nach eemol kuerz wat ech och schonn am Dezember zu deem Thema Parkraum-mangement sot. An eisen historiesch gewues-sene Quartieren hu vill Familljen 2, 3 oder esouguer méi Autoen. Dobäi kënnt, dass bei den eeleren Haiser - falls se iwwerhaupt eng Garage hunn - d'Afaart oft schmuelt ass an d'Autoen ëmmer méi breet ginn. Dacks men-gen d'Awunner, den öffentliche Raum virun hirer Dier wier hir privat Parkplaz. Hei ass de Schafferot gefuerdert fir eis BiergerInnen kloer am Virfeld iwwert alles gutt z'informéieren, wat de Parking résidentiel mat sech bréngt. Villäicht iwwerleeën dann och e puer Famill-jen sech, ob se wierklech den 3. oder 4. Auto uschaffen oder éischter ofschafen, wann se wëssen, dass et pro Stot just 2 Vignettë ginn an eng Vignette och keng Garantie fir eng Parkplaz ass. Deemno fanne mir wichteg, dass an de Wunnquartiere kloer agezeechent ass wou a wou net dierf geparkt ginn. Leider gesäit een och Autoen - de Jos sot et schonn elo grad - déi hallef um Trottoir parken oder Kräizungen zousetzen. Kanner um Vélo, Leit mat Kutschen, Mënsche mat Behënnerung, eeler Leit mat Rollator mussen sech da ploer fir do laanscht ze kommen. Dofir ass et néi-deg a sënnavoll, dass d'Parken nei reglement-éiert gëtt an duerno och kontrolléiert gëtt a gegebenefalls sanctionéiert gëtt.

An eiser Sektoun gouf et awer och kritesch Stëmmen iwwer de Käschtepunkt fir Leit, déi an Diddeleng schaffe kommen an op den Auto ugewise sinn. Dofir ass et gutt, dass nach e puer Parkinge gratis bleiwen. Och de Parking zu Volmerange op der Gare ass e gratis Park & Ride a bitt eng weider Méig-lechkeet fir vun do aus mat Zuch oder Bus an Diddeleng eranzefueren. Innerhalb vun Did-deleng hu mir eng gutt Offer vu Citybus, Zuch oder Locatiounsvélo fir sech ze deplacéieren. Mat engem konkrete Beispill probéieren ech kloerzemaachen, wéi eng Virdeeler et brén-ge kann, wa Parkraum fir aner Zwecker kéint genotzt ginn.

Ech huelen dann haut um Fraendag eng Strooss mat engem Fraennumm an zwar d'Madame Mayrisch de St. Hubert Strooss, do sinn op zwou Säite Parksträifen, déi ei-gentlech ganz wéineg gebraucht gi vun den Awunner. Uewen um Kräizbiereg sinn zu de Schaffzäiten eng Rëtsch Parkplaze besat. De Kräizbiereg ass an dräi Buslinnen uegbonnen: 207, 305 an 10 an et gëtt do och eng Véloslo-catiounsstatioun. Falls duerch déi zukünfteg Moosname mat Parking payant – dat ass nat-ierlech elo Wonschdenken, mee wie weess-nach manner Parkplaze gebraucht ginn ewéi schonn elo, kéint dësen öffentliche Raum ëmgewandelt ginn an e Véloswee. Wéinstens op enger Stroossesäit wier dat eigentlech elo scho méiglech, dat wier nämlech eng flott

Verbindung zwëschen dem Véloswee an der Rue du Park, laanscht d'Le'h, Wolkeschdall bis an de Quartier Lenkeschléi an esouguer deemnächst vu Lenkeschléi – vun do soll jo eng Verbindung komme bis eriwier an den Hanzendall a weider op de Ginzebiereg. Et bleift ze hoffen, dass d'Extensioun vum Par-king résidentiel en Impuls mat sech bréngt, en Impuls fir ëmzedenken, fir de Reflex ze kréien, op Alternativen zeréckzegräifen, auf Schusters Rappen, Drotiesel, klassesch oder elektresch, Bus, Zuch oder Carsharing oder Covoiturage notzen. Déi Gréng wäerten dës Ofännerung, déi d'Extensioun vum Parking résidentiel reglementéiert, matstëmmen. An eisen Aen ass et e Puzzlestéck, dat fir eng kleng Verbesserung fir Klimaschutz, Ver-kéierssicherheit a Liewensqualitét suerge kann, mat Betounung op kann. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci och der Madamm Hei-nen fir hir Interventioun. D'Madamm Kohn huet d'Wuert.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, och vun der Sait vun der LSAP nach just 3 Sätz well et ass viles gesot gi vun der Madame Dall'Agnol, do kënne mir eis hei och drun orientéieren. Et sinn e puer Stéchwierder gefall, déi well ech opgräifen. Ech si ganz bei lech, de Verrieder vun Déi Lénk, deen huet gesot, dat wat mir hei virleien hunn, ass eng méi equilibréiert a eng méi gerecht Léisung wat de Parking an Diddeleng ugeet. Dat gesi mir och esou, awer, wéi hien et och sot, et ass keng Léisung fir de Mobilitéitsproblem ze léisen. Well wann et esou einfach wier, dass déi grouss Eraus-fuerderunge vun eiser Zäit mat engem Ge-mengereglement geléist kéinte ginn, da géife mir dat sécher hei dauernd maachen. Dat ass awer net de Fall well de Mobilitéitsproblem léisst sech net hei am Sall léisen, mee d'Mo-bilitéitsproblemer vun dëser Generatioun a vum Land iwwerhaupt an iwwer eis Grenzen eraus, dat sinn déi selwecht an déi Erausfu-erderung kënne just geléist ginn, wa jidde-reen, déi staatlech Autoritéiten an och d'Ge-mengenautoritéiten, natierlech souwäit dat hinne méiglech ass, un engem Strang zéien. Et ass elo grad dat Stéchwuert Wonschden-ken gefall, ech mengen hei ass viles elo gesot ginn, wat schéin ausgeduecht ass an awer an der Praxis mussen mir elo mol kucken, mir kënnen net de Leit e Gemengereglement vir-schreiwe wéi se hiert Liewen ze féieren hunn, mir kënnen Iwwerzeegungsaarbecht ma-chen, mir kënne politesch Akzenter setzen an nach, mengen ech, ass et mam Verkéier esou wéi mat deenen anere Saachen, d'Leit mussen sech alleguerde froen, sief et déi hei-bannen oder déi dobaussen, ob een en Deel vum Problem well sinn oder en Deel vun der Léisung. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci der Madamm Kohn.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, e puer kleng Sätz, déi ech bäifüge wollt, dat ass als éischt emol, dass dat heiten ee vun deene Projeten ass, déi mir zesummen duerchgeschafft hunn, wou mir och an der Verkéierskommissioun verschidde Proposen duerchgeknat hunn a wou mir gekuckt hunn, wat geet a wat geet net a wou mir gesot hunn, firwat verschid-de Saachen net ginn. Sou Punkten, wou mir kritiséiert hunn a gesot hunn, mir maache just eng Verkéierskommissioun am Joer a mir mussen awer och eemol wa mir eppes deci-déieren och soen, dass mir verschidde Saa-chen net decidéiert hunn a wou mir Punkten net zeréckbehalen hunn, dat hu mir awer an dësem Fall gemaach an dat war ganz flott fir esou ze schaffen an esou stellen ech mir am Fong fir, dass mir weiderhi Politik maachen an dass mir méi zesumme schwätzen a mat eis selwer quasi méi verhandelen a kucken, wat sinn d'Vir- an d'Nodeeler. Zweek, dräi Punkten, déi mir opgefall sinn, déi mat de Vélosweeër wou mir gesot hunn, elo wäerte mir effektiv plazeweis vill manner Autoen op de Stroossen hunn, wéi eng Zäitspan gi mir eis fir dat ëmzesetzen, fir ze kucken, wou kën-ne mir d'Vélosweeër maachen a wéi maache mir dat, well ech stelle mir fir, dass wa mir ze laang waarden, wa mir elo gesinn, do ass eng Nisch, wéi zum Beispill déi Gréng Frak-tioun gesot huet um Kräizbiereg oder op der Lëtzebuerger Strooss, wa mir do gesinn, datt manner Autoen elo do parken, solle mir dann do méi schnell kucken, fir e Véloswee do ze maachen?

An dann hat d'Madamm Kayser eppes gesot, wou den Här Buergermeeschter de Kapp ge-rëselt huet a sot et géif net esou stëmmen. Mee dann hu mir eppes net richtig versta-nen, mir hunn eis de Kapp driwwer zerbrach, mir hunn awer keng Äntwert dorop fonnt. A Bëlleg an Op Neischmelz, wa mir do effektiv 1, 2 Parkplaze maache pro Appartement, pro Logement, wéi gi mir da mat de Vignetten ëm? Well et bréngt elo näischt wa mir awer herno all Stot 2 Vignettë ginn an herno soen, mir maachen awer 1, 2 Parkplazen, da ginn déi Autoe jo awer op d'Strooss parken an da si mir nees op deem selwechte Punkt wéi haut an do hätte mir dann näischt gewonnen. Dann hunn ech eng Fro: Dat wat schonn uge-schwat gouf, ech hunn et net kontrolléiert, ech weess et net, et ass just eng Fro. Huet d'Gemeng och Parkplazen op iergend enger Plaz wou se verlount oder verlount huet? Well ech gouf eemol drop ugeschwat an ech konnt mir dat net esou richtig virstellen an ech sot ech géif dat nofroen. Huet d'Gemeng Diddeleng iergendwou Parkplazen, déi un eng Firma oder privat Leit verlount ginn? Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci Här Martini ech wäert gläich op Är Stellungnam agoen.

Jean-Paul Friedrich (CSV): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, et si vill Saache gefrot ginn an och an de Raum gestallt ginn, do wëll ech net weider drop agoen, ech wëll just allgemeng soen, dass dat heiten e grouss Puzzlestéck ass wat dat Verkéierskonzept ubelaangt well et muss een domadder ufänken, dass een eng Gerechtegkeet schaaft well wann ee gesäit, dass an deenen eenzele Quartieren an och bei mir do uewen a Richtung Lenkeschléi oder Kräizbiereg, do gesäit een, dass ganz vill Quartieren zougeparkt ginn duerch déi, déi elo vun engem Quartier an deen anere réckelen, doduerch dass net an all Quartier de Parking résidentiel war, sou dass de Problem ëmmer méi an déi aner Quartiere verlagert gëtt. Dofir ass et wichtig, eng gewësse Gerechtegkeet ze schafen an iwwerall de Parking résidentiel ze maachen, wat mat Sécherheet eng ganz gutt Saach ass an dann ass och all Bierger am selwechte Boot an dann ass et och wichtig, dass dat Verkéiersreglement esou ass, dass dat och jidderee versteet well elo war dat mat 2 Stonnen, 3 Stonnen, 5 Stonnen an esou weider, hei ass ee globalt Konzept wat vu jidderengem ka verstane ginn an ech denken, dat ass d'Puzzlestéck wat mir gebraucht hunn, fir datt och déi zukünfteg Aufgaben, déi sech wäerte stellen, kënne geléist ginn.

E wichtegt Element, wat mir jo och gefuerdert haten, dat ass dee Parking vum CNA an och bei der Hal, déi 3 Stonne gratis mat Ticket, dat ass ganz wichtig och fir all déi Kanner, déi bei d'Museksschoul gefouert ginn, do waren der vill emmerdéiert. Mat deem Schlag hu mer dee Problem och geléist, dat ass hei ee Wee an op deem Wee musse mir virufueren, mat all deenen Argumenter, déi d'Leit och elo gestallt hunn, mat de Vélosweeër an esou weider, mee wa mir dat hei elo net maachen, da kënne mir och net op deem anere Wee weiderfueren. Dofir, dat ass eng ganz gutt Saach a mir mussen op deem Wee d'Basis schafe fir kënne déi aner Phasen anzeleeden. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Friedrich fir Är Stellungnam. Gëtt et nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da ginn ech d'Wuert direkt weider un eisen Expert, de Romain Molitor, duerno un de Micael Da Silva an och un de Pit Demuth an un d'Claudia Dall'Agnol an da wäert ech och nach e puer Wuert dozou soen.

ROMAIN MOLITOR (Fachleche Beroder - Komobile) : Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, mir mussen eis e bëssen opdeele bei de Saachen, well et sinn ënnerschiddlech Aarbechtsberäicher, déi betraff sinn. Ech fänken u mat der Fro vun der Madamm Kayser, wat déi aner Léisunge wieren, Parkhaiser um Rand vun der Stad Diddeleng oder esou Saachen. Wat elo aner Méiglechkeete sinn, mir hunn eis schonn och Saachen iwwerluecht, mee Parkhaiser waren net am direkte Fokus

well an enger Gréisst wéi eng Stad wéi Diddeleng, an deene mëttelgrouss Stied wierke Parkhaiser net well einfach de Problem deen ass, ech stelle mir et vir, e Parkhaus beim LNS, beim Echangeur Biereng an ech fueren dohinner a klammen an de Bus ëm, dat ass einfach systembedéngt well déi méi kuerz Weeër fir an Diddeleng eran extrem laang Fuerzäite hunn. Do kréie mir d'Leit net dozou beweegt, dat ass een Aspekt dobäi. Dat funktionéiert dann, wann d'Stied méi grouss sinn oder wann d'Kapazitéite vun de Parkplazen an de Stied vill méi kleng sinn. An der Stad mam Bouillon funktionéiert dat, mee do ass och eng extrem gutt Offer am ëffentlechen Transport, do kommen ech jo eraus a schonns trëllen ech an de Bus, gefillt, an dat gëtt et och an anere Stied. Zu Wien, dat ass eng Milliounestad mat 1,8 Milliounen Leit, do huet dat am Ufank net funktionéiert zum Beispill. Déi hunn eréischt funktionéiert wéi de Parking résidentiel agefouert ginn ass an zwar dach dättelech méi grouss wéi am Ufank, do war et ufanks och e bëssen den Zentrum, et kéint ee bal soen et war e bësse Gepiddels am Ufank an do gesäit een, dass een do och eng Push & Pull Situatioun huet, mee bei de mëttelgrouse Stied muss een do gutt oppassen, dofir ass dat net am Fokus.

Aner Saache waren nach vläit aner Reglementer a Richtung aner Systemer fir Parkingen ze maachen, do hu mir fonnt, datt deen effizientesten dee mat Horodateure war. Elo kann een haut natierlech soen, mir sinn an enger digitaler Phas, ob een dat net alles soll iwwer Handy maachen, bei esou Saachen ass nach eng Transitionphas, dat ass e bësse schwierereg, mee all déi aner Saache wéi Disken an esou, déi funktionéieren net esou gutt a mir betreie verschidde mëttelgrouss Stied, och méi kleng Uertschaften, déi vum Disk op Horodateure wëllen ëmklammen, well dat awer am einfachsten ze kontrolléieren ass an dat ass wou een am beschte ka steieren. Beim Disk ginn ech einfach eraus, dréinen e weider a ginn nees... mir hunn dee Fall elo an enger Klengstad gehat, déi ganz schéin, och zum Deel gotesch Haiser huet, an e puer Geschäfte och huet, do ass de Vir-awer och den Nodeel, dass se e Fachmaartzentrum um Uertsrand huet, wat de Geschäfte am Zentrum wéi deet well déi wou fir d'éischt kommen, dat sinn d'Employéen, déi stinn da virun der Dier, déi ginn dann all zwou Stonnen eraus an dréinen e weider, mee déi huelen awer domat d'Plaz fir déi potentiell Clienten ewech, do musse mir natierlech och esou e System setzen.

Dat sinn einfach déi méi effizient Systemer, och wann esou e Gerät relativ vill Sue kascht, mee si amortiséieren sech awer och duerch d'Recetten no enger gewëssener Zäit. Dat ass just d'Uschafung, déi am Ufank natierlech wéi deet, mee dat hänkt och e bësselchen dovun of. Am Zentrum amortiséieren sech esou Apparater natierlech vill méi séier well se méi genotzt ginn, dat ass och novollzéibar.

Déi aner Méiglechkeet ass fir Parkplazen och ze reduzéieren, mee mir sinn hei an engem historesche Kontext, wou et och munchmol schwierereg ass well mir jo och historesch Bauten hunn, wou net iwwerall Garagen dra sinn, wou och d'Residente mussen op der Strooss stoen. Mir mussen do kucken, wéi mir d'Balance fannen, net dass op eemol d'Stuff an eng Garage gebaut gëtt wat jo och net d'Zil vun enger Stad ass. Et gëlt do och d'Balance ze fannen, dat hänkt ëmmer vun der Bau-period vun de Quartieren of, wou een do ka goen. Mir hunn awer och laang diskutéiert, dofir huet et e bësse méi laang gedauert, well Dir dat och gesot hutt vun 2017, well ebe verschidden Optiounen einfach diskutéiert gi sinn. Mir hunn och fachlech gekuckt wat ass dat bescht, da goufe Vir- an Nodeeler ervirbruecht intern an dann hu mir decidéiert, dass deen heite System déi meeschte Virdeeler huet.

Natierlech ginn et ëmmer erëm och Nodeeler. Dat ass logesch, et kascht, et ginn ëmmer Grenzproblemer, also Problemer, wou een op deem enge Wupp vun der Strooss net ka stoe bleiwen an awer op deem anere schonns, dat ass e Problem, dee mir haten, mee ech denken, dass mir hei mat dësen Ofgrennzungen eng propper Léisung fonnt hunn, déi net allze komplizéiert ass, well Dir hutt et wéi zum Beispill am Quartier, wou ech mäi Büro hunn, wou mir dann eng Iwwerlappungszone hu vun 3 Vignetten an do ass et mir och schonn ze komplizéiert, obwuel ech déi Saache jo gäre maachen, mee dat gëtt mir dann och schonn ze komplizéiert. Ech wëll einfach an der Zwëschenzäit einfach Léisungen hunn, déi méi präzis sinn, nom KISS-Prinzip, nämlech "Keep it simple, stupid", da muss ech net laang nodenken. Wat war nach, jo ech ginn lech och Recht, do ware méi Wuertmeldungen, et ass natierlech nëmmen e Bausteen, domadder léise mir net de ganze Verkéiersproblem, et ass ee Baustee vun engem Mobilitéitskonzept, wat net onwichtig ass, mir probéieren de Push & Pull Facteur, mir wëllen d'Leit aus dem Auto kréien an datt se aner Verkéiersmëttel benotzen, dofir mécht een déi Saachen och. Domat léise mir net de Problem, mee et ass e wichtige Bausteen a wann ee gläichzäiteg och alternativ Saachen da mécht, dat ass jo och ugeschwat ginn, da funktionéiert dat och.

Mir hunn och hei zu Lëtzebuerg natierlech doduerch, dass den ëffentlechen Transport gratis ass, e gewëssen Ureiz hu mir, et muss een net iwwerleeën, hunn ech en Ticket oder net, et kann een einfach an deen nächste Bus oder Zuch eraklappen, dat sinn och Virdeeler, déi net ze veruechte sinn, an an där Hinsicht ass dat e Bausteen, dee ganz wichtig ass. Dir hat och ugeschwat d'Evaluatioun an esou Saachen, mir haten eng Erhiewung 2017 gemaach wou mir e bësse ronderëm gekuckt hunn, ronderëm den Zentrum, do war et net esou opfällg, den Drock ass méi grouss ginn, Diddeleng ass natierlech och

eng immens dynamesch Stad. Wéi ugefaang ginn ass mam Historique am Zentrum, 2003, do war och d'Angscht do, dass mir alles an d'Quartiere ronderëm verdrängen, do ware mir e bëssen onroueg an do ass och gekuckt ginn an dat ass effektiv awer och just 2005 punktuell gemaach ginn, well mir de Chemin de Fer haten, soss war awer keng Verlagerung gewiescht an dat huet sech relativ gutt esou gehalen an 2017 hu mir eng Mëttelverlagerung gehat, déi war net ganz, dann 2018 dee ganze Wolkeschdall, do hu mir eemol d'Sommairë gekuckt an do hate mir och net d'Gefill, dass esou en Drock drop ass, mee et ass nach net laang, et geet lues, da ginn erëm eenzel Wunnhaiser, da ginn aner Saachen, a Crèchen oder a kleng Fiduciairen oder esou ginn dann ëmgewandelt an da kënnst op eemol e groussen Drock op. Duerno sinn 3-4 Autoe méi an dat passt dann direkt vun enger Strooss an déi aner an do gëtt den Drock da méi grouss. Da kouw och déi Saach mat den Tankstellen, well déi jo och e relative Schichtbetrib hunn a relativ vill Employéen hunn, a vu dass déi Schichtbetrib hunn a kee mobillen Horaire, kommen se tendenziell mam Auto, dat si 6 Employéen, also 6 Autoen.

Dat waren esou Momenter, wou mir soten OK, mir musse weider an déi Richtung goen an déi mussen de Problem weider bei sech um Terrain léisen an net am ëffentleche Raum, wann se esou Saachen entwéckelen. Jo, den Här Martini hat et ugeschwat, wéi ass elo d'Situatioun, ginn nach Parkplaze fräi? Jo, et ass ze erwaarden, dass der fräi ginn an dass een dat fir eppes anescht dann notzt an déi Parkplazen dann ëmwandelt, also déi Opportunitéit hëlt. Mir hunn dat beobacht, dass dat awer eng Zäitche brauch, ech hunn dat zwee Mol erlieft op zwee Bürosstanduerter zu Wien, den éischten Dag vum Parking résidentiel war keen Auto do. Keen, einfach keen. Do hunn ech geduecht, wat ass elo lass? Do ware Spezialisten, déi soten, OK mir spueren eis déi Suen a mir ginn an den Nopeschquartier parken. Do huet et heftig geflaamt, du kouwst se zeréck an hunn d'Vignette kaf. Dat huet dann 2-3 Joer gedauert an um zweete Standuert vum Büro war et d'selwecht, do hate mir och dann eng Erweiterung an do sinn d'Parkplazen natierlech ewech komm, dat muss een och soen, duerch e Chantier fale 15% vun de Kapazitéiten ewech, dat si 4 000 Parkplazen an dat deet wéi.

Dat si Chantieren, dat ass nun emol esou an dat ass och esou, déi Plaze wäerten net méi zeréckkommen, dee Chantier dauert véier Joer, dann hunn d'Leit sech dru gewinnt. Dat si Facteuren, déi een huet, dat ass kloer, mee dat geschitt net vun haut op muer, am Ufank entwéckelt sech esou eppes schnell an da lues a lues, bis d'Leit sech dru gewinnt hunn an si awer bereet sinn ze bezuelen an och méi oft en Ticket siche ginn. Dat si ganz komesch Phenomeener, déi een do beobachte kann. De Leit sinn heiansdo och d'Suen egal, verschiddenen, huet een d'Gefill. Mee dat

ass einfach esou. Dat waren, mengen ech, all déi Froen, déi mech uginn. Wéi gesot, dat ass en Element wat och an de Prozess vun eisem SUMP erafléisst, den Ëmwelt- a Mobilitéit-splang, wou dat jo och e wichteg Bausteen ass, mee dat geet jo och net duer, et muss ee jo do och als éischt d'Alternativen op d'Bee bréngen, fir dass dat dann och méi spéit ka wirken.

Dann nach eng Fro vun der Madamm Heinen. Jo, am Code de la route steet dat mat de 24 Stonnen. Aner Code-de-la-routen an Europa ginn 72 Stonnen un, bannent deenen ee muss den Auto réckelen, mee dat ass immens schwierig ze kontrolléieren. Wann Dir eng Vignette hutt an Dir stitt do a gebraucht den Auto 2 Deeg net, da misst Dir en no 2 Deeg réckele goen, mee dat ass immens schwierig ze kontrolléieren. Dofir gëtt jo den ëffentleche Raum an enger gewëssener Hisiicht och mëssbraucht, do muss ee praktesch eng Foto maache oder Strécher maache goe fir dat ze kontrolléieren. Dat ass den Nodeel vun deene Reglementer an deene Code-de-la-routen, déi ginn et a ganz Europa mat ënnerschiddlechen Zäiten. Also, dat ass esou.

Den Här Thill hat nach eng Fro zu den Ofgrenzungen, d'Rue des Ecoles ass jo dran an deem dote Bild, dat war am éischte Bild nach net dran, well an d'Rue des Ecoles nëmme méi vun der Rue du Commerce aus kann eragefuerginn an dofir et geet ëm 6 Längsparkplazen en tout, do hu mir gesot dat ass awer méi raisonabel oder méi novollzéibar wann déi méi no zum Zentrum beienne sinn, well ech ka jo net vun der Rue des Fleurs erakommen, do ass jo eng Stuf, do geet een ze Fouss. Vun der Niddeschgaass an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte, do weess ech elo net wat do ass...

PIT DEMUTH (Coordination vum Parking résidentiel): Also, ech iwwerhuelen dann nach eemol d'Wuert. Dat ass dee selwechte Grond wéi déi puer Haiser bei der Rue Grande-Duchesse Charlotte, déi laanscht d'Gare, déi gehéieren och zum Zentrum well se och nëmmen duerch d'Rue Grande-Duchesse Charlotte accessibel sinn, do kënnst ee vun der Bierenger Strooss dee bei déi Haiser eran, dat heescht, mir hunn och do kloer eng Oftrennung. An dann déi puer Haiser bei der Libérationstrooss vun der Gemeengeplaz bis bei d'Rue du Commerce, déi ass leider am Taxereglement vergiess ginn, mee déi soll och do dra kommen, dat musse mir dat elo nach an d'Reglement schreiwen. Vum Haus Nummer 1 bis eben 22, dat soll och zum Zentrum sinn. Dat ass wann een dat oft iwwerliest, da kann dat mol iwwersi ginn.

Da kommen ech kuerz op d'Remark vun deene 24 Stonnen zeréck fir dass Dir verstitt wou déi hierkommen. Déi 24 Stonne ginn och oft gebraucht wa mir zum Beispill e Chantier hunn a Schëlter opsetzen. Da setze mir déi Parkverbuerter op a wann do d'Autoe

méi laang do stinn an zum Beispill d'Leit sinn an der Vakanz fir 14 Deeg an si stellen hiren Auto an d'Strooss well se wëllen d'Afaart fräihalen, an dann ass op eemol e Parkverbuet do, wat maache mir dann? Da kënnst mir am Fong net vill maachen, wann de Propriétaire net do ass, dofir steet am Code de la route, et soll een all 24 Stonne, respektiv all 48 Stonne säin Auto réckelen, fir dass een d'Chance huet ze kontrolléieren ob do net e Parkverbuet ass well an nächster Zukunft do e Chantier lassgeet. Da bleiwen ech och direkt bei dem Verkéiersreglement bei de Froen, déi Dir hat, also e Mobilhome ass keen Auto, dat heescht, dofir kritt ee keng Vignette.

Déi Biller beim Verkéiersreglement, déi soll just à titre d'information déngen, fir dass ee gesäit wat een sech kann drënner virstellen, well am Ufank vun der Zeil steet och ëmmer e Buschtaf an Zuelen an et ass keen hei am Raum, dee weess wat dat ass, dofir ass dat alles am Programm, do steet et automatesch um Bildscherm niewendrun an déi si just à titre d'information. Ech probéieren awer ëmmer, wa mir d'Reglement schreiwen, déi Biller esou richteg wéi méiglech ze maachen, mee et ass net ëmmer dran an dat heiten ass e grousst Reglement a wann ech hei iwwer déi 190 Säiten eng Kéier misst alles duerchgoen, wier ech e puer Deeg amgang fir dat ze updaten.

Mat deenen 3 Stonnen ass gesot ginn, och de Parking, dee gratis ass mam Ticket, do kann een och mat der Vignette halen a beim Roudebierg ass et esou, dass ee ka bis erop bei de Parking fueren, well dann do de Foussgängerwee ugeet, dee ronderëm d'Antenn geet. Hei geet et drëms, dass d'Leit duerno Richtung Rue des Fleurs fueren, Richtung Hondsterrain, well do ass immens vill Schläichverkéier, haaptsächlech moies an owes wann d'Leit wëllen d'Route de Zouffgen ëmfueren.

Da kommen ech op d'Fro vun der CSV, ech hu leider keng aktuell Zuele vu Protokoller, déi mir ausgestallt hunn, mee ech hunn elo am Budget nogekuckt vun dësem Joer, also duerch d'Vignettë kréie mir - also ech hunn elo just d'Zuele vun 2019 well do de Kont fäerdeg ass - do koume ronn 172 000 Euro eran, duerch d'Horodateure krute mir ëm déi 386 000 Euro eran a vun de Protokoller, déi ausgestallt gi sinn, do kouwmen nëmme 74% vun de Protokoller, déi sech reng op de Parking bezéien, well den Ticket ofgelaf ass oder d'Leit keen Ticket gezunn hunn, do krute mir ronn 132 000 Euro eran an dat bezitt sech elo just op déi aktuell Zon am Zentrum, ech géif unhuelen, dass wa mir dat jo elo ausweiten, da kommen nach eemol iwwer honnert Horodateuren dobäi, da wäerten déi Zommen an d'Luucht goen an dat sollt dann herno och vill méi rentabel sinn.

Et ass elo e risegen Invest, do hutt Dir Recht, mee wéi den Här Molitor scho sot, dat wäert sech mat der Zäit amortiséieren. D'Unzuel

vun den Agenten, ech mengen et sinn der 10 de Moment. Am Budget sinn nach zwee Posten dëst Joer virgesinn. Wéi dat weider evoluéiert, dat iwwerloossen ech léiwer dem Schäfferot ze erklären. Wéi scho gesot gouf, deen heite Parking résidentiel ass en Deel vun der Studie fir déi nohaltig Mobilitéit vun Diddeleng, wou mir dat heiten och mat eranhuelen an do souze jo alleguerten d'Fraktiounen hei zesummen um Dësch fir déi aktuell Problemer ze beschwätzen an och hei Léisungen ze fannen an Dir kritt, soubal den Aarbechtsgrupp fäerdeg ass, déi Léisunge presentéiert an do kënnen mir dann och driwwer diskutéieren an Dir kënnt Äre Pefferkär dozou bäiginn, wat Dir vun de Mesuren haalt, déi mir do ausgeschafft hunn. Dat war et gréisstendeels vu menger Sait aus, da ginn ech d'Wuert erëm un de Schäfferot zeréck.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schäffin): Merci, ech mengen et ass vill gesot ginn, virdu gouf gesot et ass ëmmer scheinchenweise gemaach ginn, de Romain Molitor huet elo gesot firwat et esou gemaach gouf, well et eben och an der Zäit scheinchenweise duergaangen ass, dat ass elo awer net méi de Fall an dofir hu mir eis d'Méi gemaach an esou laang dru geschafft, fir eppes ze maachen, wat och Kapp a Fouss huet. Awer nach eemol, dat wësst Dir och alleguerten, e Reglement ass näischt statesches a wann s de erausfënns, dass dāi Reglement net méi up to date ass an d'Strooss net méi hält, dann ass de Gemengerot dofir do fir dat Reglement ze änneren oder gegebenefalls ofzeschaffen an dat ass dat wat hei geschitt. Mir hu gesinn, dass dat wat mir haten, net méi duer geet an dofir weide mir et aus. Virdu gouf och gesot vun de Frontalieren an dem Parking, ech weess net méi wien et sot, de Parking zu Volmerange-les-Mines, dat ass effektiv e ganz grouse Parking a gëtt eigentlech ganz wéineg genotzt. Do kriss de Aussoe gemaach, deen ee seet do wier extrem vill Vandalismus, wa mir dat awer nofroen, ka keen dat awer bestätegen, dass do esou vill Vandalismus ass. Villäicht gëtt och net genuch Pub dofir gemaach, villäicht ass et awer nach ëmmer méi einfach soulaang dat hei gratis ass, hei ze stoen.

Dat ass eppes, dat musse mir gesinn, wann dee Parking résidentiel bis a Kraaft ass, do kucke mir dann, wéi sech dat wäert entwéckelen. De Romain Molitor sot schonns, du hues ëmmer Leit, déi bezuele gären an déi kënnen sech dat och leeschten, mir brauchen och net illusoresch ze sinn an ze mengen, dass mir heimadder all Mënsch ofschrecken, et wäert een ëmmer Leit hunn, déi gär bezuelen an sech dat och kënnen leeschten, mee dat ass awer net d'Majoritéit vun de Leit. E grouse Problem war och deen, dass de Betriber hues, déi Plaz hunn, mee si wollten net, dass d'Personal op deem Terrain parkt an ech mengen, dass se elo gutt berode wieren, wann se déi Plaz, wou se hätten, awer hiren Employéë géifen zur Verfügung stellen.

Den Här Friedrich sot et an de Micael Da Silva, dee wunnt och op der Lenkeschlei, dee stellt all Dag fest, dass mëttlerweil de rouende Verkéier, de parkende Verkéier, de Laangzäitparker esouguer déi nei Cité scho fir sech entdeckt huet an da mam Bus, dem 207, weider an d'Stad fiert. An esou laang gëtt et dee Bus nach net an déi Cité och net, do gesitt Dir wéi séier dat eigentlech geet, dass do den Auto oder de Mënsch säi Wee fënnt fir gratis ze parken.

Da gouf gesot, wéi zéie mir Bilan? Ech géif mol soen, dass mir sollen ee Schratt nom anere maachen, de Romain Molitor sot et, de Mënsch an dat wësst Dir vun lech selwer och, de Mënsch brauch eng gewëssen Zäit fir sech u Verännerungen ze winnen. Fir d'éischt kënnt déi Phas wou se ganz iwwerrascht sinn a vill ginn der rosen, an da winnen se sech drun a maachen och mat. Mir sollten eis wierklech déi Zäit ginn, net nëmme fir ze kucken ob mir déi fräi Parkplaze kënnen notzen, mee mir sollten eis wierklech och déi Zäit gi fir d'Leit z'informéieren, fir se opzeklären, fir dass déi Mesure och esou gutt wéi méiglech gräift a fir dass mir duerno esou vill wéi méiglech fräi Parkplazen oder Sträifen hunn, fir kënnen eppes Flottes ze maachen, wéi zum Beispill e Vëloswee draus ze maachen. Ech mengen et gouf och gesot, et kënnt net just eppes vun der Vignette eran, mee et kënnt eppes vun de Protokoller eran. Natierlech kaschten Horodateuren extrem vill Geld, et ass eppes ganz sophistikéiert, mee mir hätten jo gär, dass se funktionéieren an et kënnt och dobäi, dass Europa virginn huet, dass all déi Horodateure elo och nach musse Contactless sinn, ech brauch lech jo net ze soen, dass dat dann nach e gudde Krack méi deier ginn ass, mee dat sinn eben d'Spillreegelen a wa mir e Parking résidentiel aféieren, da musse mir och investéieren.

D'Pecherten, déi bäikommen, dat sollen der dëst Joer zwee sinn, dat sinn déi wou am Budget stinn an da musse mir kucke beim nächste Budget, wat nach gebraucht gëtt an ob mir nach mussen astellen. Dir wësst, eis Pecherten, déi sinn net nëmmen Agent-municipal, mee déi sinn och Garde-champêtre, dat heescht, du hues eigentlech méi Aen an Diddeleng, net nëmme fir ze parken, mee och fir aner Saache mol ze mellen an dat ass eng ganz gutt Saach. Et ass gesot ginn et soll eng Kompetenzerweiderung vun den Agent-municipaux kommen, jo mee ech denken net, dass dat eng zweet Police wäert sinn an dass se dat och net soll sinn. Op d'Alternativ vun de Parkhaiser ass de Romain Molitor agaan. Villäicht nach e Wuert dobäi, souguer wann dat elo déi Super Duper Iddi wier a mir géifen domadder déi gréisste Léisung fannen, da muss een nach soen, momentan hu mir mol net en Terrain wou mir kéinte soen, do maache mir dat. An da weess ech och net ob mir domadder den Duerchgangsverkéier reduzéiert hätten, well du muss jo nach bei dat Parkhaus kommen, dat heescht een dee vun

där enger Sait kënnt, dee fiert weider duerch Beetebuerger an een, dee vun där anerer Sait kënnt, dee fiert weider duerch Diddeleng, dat heescht de Verkéier hätte mir domadder net onbedéngt reduzéiert.

De Problem mat de Vignetten a mat de Wunnengemeinschaften, ech weess net ob de Buergermeeschter nach wëllt dodrop agoen, dat ass eppes dat gëllt net nëmme fir Diddeleng, dat ass eppes wat muss op engem anerem Niveau gekläert ginn, well dee Problem do, an deenen anere Gemenge vun eiser Gréisst a mëttlerweil och a méi klengen Gemengen déi stinn alleguerte virun deem nämmleche Problem, sou dass dat net onbedéngt eppes ass wat mir als Diddeleng musse léisen. Parkvignette heescht och, ech hat dat a menger Interventioun vergiess ze soen, eng Parkvignette gëtt Dir net d'Recht op eng Parkplaz. Et si vill Leit, déi dat esou verstinn, déi soen sech, ech hunn elo 18 Euro oder fir meng zweet Vignette 36 Euro bezuelt, also muss ech och eng Parkplaz virun der Dier kréien. Neen, du hues kee Recht op eng Plaz, du hues ebe just d'Recht, wann eng Parkplaz do ass, an du hues eng Vignette, gratis ze parke wann s de Awunner bass an dee wou net do wunnt, dee muss bezuelen.

Et ass gesot gi fir direkt Zich an d'Stad ze maachen, jo natierlech, mee direkt Zich an d'Stad, dat wësst Dir, dat brauch ech lech net nach eemol hei honnert Mol am Detail ze widderhuelen, esou laang d'Beetebuerger Streck net ëmgebaut ass an d'Gare vu Beetebuerger net ëmgebaut ass, soulaang ass et illusoresch, ze mengen, dass mir muer direkt Zich hätten. Wann dat bis fäerdeg ass, da kënnt dat natierlech och mee dat ass leider awer net muer. De Park & Ride zu Beetebuerger, deen ass elo scho voll, do soll een sech keng Illusiounen ze maachen, deemno um wéi vill Auer s de do kënns, wann s de net deen éischte moies do bass, dann ass dee scho voll, an ech muss lech och ganz éierlech soen, ech hunn dat schonn e puer Mol gesot, dass ech selwer Leit kennen, déi op Nierzeng parke ginn, ech muss lech soen, mech wonnert et, dass déi de Parking résidentiel net agefouert hunn.

Virdu ass gesot ginn, déi Biller, déi bei deem Text sinn, ech mengen dat war d'Madamm Heinen, den Här Gangler deen huet dat och ëmmer bemängelt ech hunn dat schonn e puer Mol gesot, déi Biller hunn eigentlech kee Sënn, deen eenzege Sënn ass dass Dir oder mir et besser verstü fir et ze veranschaulichen, mee u sech maache mir déi ëmmer dobäi als Service mee et ass den Text un sech qui fait foi. Dann ass gesot ginn, fir nei Camionnettëparkplazen am Norden ze maachen, dat ass en zweeschneidegt Schwäert, mat all Camionnettëparkplaz, déi ee bäimecht, ob dat am Norden, Süden, Westen oder Osten ass, kreéiert een eng Demande a mir wëlle jo awer esou mann ewéi méiglech där Camionnetten a mir si jo och trotz allem

nach der Meinung, dass et nach ëmmer um Patron ass, un der Entreprise, an net un der Allgemengheet, dofir ze suergen, dass genuch Parkplazen do si fir hir Gefierer.

Dann hat ech vergiess virdrun a menger Interventioun ze soe wéini dat Ganzt sollt lass goen, ech hunn dat mëttlerweil schonn esou verënnenerlecht an esou oft gesot, dass et mir duerch d'Lappe gaangen ass, mir sollen dat jo fir d'éischt eemol stëmmen, da muss dat nach eemol ageschéckt ginn, da muss mir Pub maachen, da muss mir Permanencé maachen, mir mussen d'Leit informéieren a mir mussen d'Vignetten erausginn, sou dass mir geplangt hunn, wann alles riicht leeft fir et Mëtt Oktober anzeféieren. Ech brauch lech keng Zeechnung ze maachen, well et éischtens e bëssen dauert bis mir et erëm hunn aus der Stad an an der Zwëschenzäit suerge mir fir Pub an d'Informatioun ze maachen, mee et huet kee Wäert, sou eppes ze maache wann d'Leit an der Vakanz sinn oder wann se just erëm sinn an d'Schoul ugeet, also de 15. September. Nach méi no hanne wëlle mir et awer och net réckelen, well da si mir bei der Allerhellegevakanz, sou dass mir gesot hunn OK, wa mir et mat Zäit aus der Stad erëmkreien, an dovunner ginn ech aus, well mir jo och den Avis préalable positif hunn, datt mir Mëtt Oktober domadder ukëimen.

Dat war komplizéiert an dofir huet et och esou laang gedauert, well mir eben eppes wollte maachen, wat och einfach ass. Einfach war eigentlech d'Zil, eppes wat mir gutt kommunizéiert kréien a virun allem och duerno gutt erkläert an och gutt kontrolléiert kréien. Ech mengen awer och hei ass d'Informatioun den A an den O, mir muss kucken, virun allem well een de Moment keng Groussveranstaltung ka maachen, muss mir kucke fir un d'Leit ze komme fir se esou gutt wéi méiglech ze informéieren.

Dir wësst dass d'Agent-municipaux souwiesou schonn eng Permanence hunn, wou d'Leit kënnen kommen oder telefonéieren, natierlech sinn se och ëmmer per Mail erreechbar, ech mengen, dat ass eppes wat mir och nach mussen ausbauen. Dann op Volmerange-les-Mines op dee Parking sinn ech agaangen. Et ass gesot ginn, Mayrisch de St. Hubert, Véloswee, jo, mir haten déi Diskussioun mat Vélo Diddeleng fir do ze kucke fir villäicht iwwer de Summer e Vélo Pop Up Way, wéi si dat genannt hunn, ze maachen. Dat si mir amgaangen ze kucken ob mir dat realiséiert kréien.

Dann ass gesot ginn, hoffentlech bréngt dat doten esou en Impuls, dass villäicht d'Leit manner mam Auto kommen oder sech manner Autoen zouleeën, bon, ech muss soen, heiansdo muss een d'Leit och e bëssen drécken a villäicht e bëssen zu hirem Gléck zwéngen. Heibanne sinn der vill, déi an der Zäit mam Auto warscheinlech an d'Stad schaffe gefuer sinn. Firwat? Ma well se alleguerten

eng Parkplaz bei hirer Administratioun, bei hirer Bank, do wou se waren, haten, meeschtens och nach gratis oder fir ganz bëllegt d'Geld vum Betrib zur Verfügung gestallt an d'Welt ass haut eng aner, dat huet gedréint, déi meescht, déi en neie Siège opmaachen, do si keng Parkplaze méi fir d'Personal dobäi a do sinn d'Leit ganz am Ufank och e bësselche rosen a skeptesch mee bis elo huet nach jidderee säi Wee op d'Aarbecht fonnt an dat wäert hei och net anescht sinn.

Den Här Martini sot et, mir hunn dat doten zesumme gemaach, ech widderhuelen awer och nach eemol wat ech sot, ech mengen, mir sollten déi Biergerbedelegung an déi Kommissioun och eescht huelen. Beim Budget sot ech schonn, mir sollen net d'Verkëierskommissioun zesummeruffen, wa mir hei e Reglement hunn, wou mir en Zebrastreifen réckelen. Ech mengen, dass mir sollten zesumme schaffe bei deene grousser Projekte wéi de SUMP, wéi de Vélo, wéi dat heiten, wou mir wierklech alleguerten en Input sollen a kënnen ginn. Dat ass mir wierklech en Uleies, dass mir d'Leit och net pro forma zesumme ruffen.

Vélosweeër do ass gesot ginn, wann se sécher solle sinn a wann se ugehall solle ginn, da mussen se verschidde Kritären och erfëllen an do muss mir herno kucken, wéi de Parkproblem sech verlagert a wou Parksträife fräi ginn an op déi Kritären erfëllt sinn, fir do eppes Flottes am Kader vum Vélo ze maachen. Op Parkplaze verlount ginn, gouf gefrot, also ech hu keng verlount, ech weess net ob de Buergermeeschter nach wëll dorop agoen.

Dann, Lenkeschléi do sinn ech drop agaangen ech sot och, dass de Reglement näischt Statesches ass an dass mir zu all Moment, wa mir gesinn, dass eppes misst drun ëmgeännert ginn, da kënnen mir dat natierlech gäre maachen. mee kommt mir ginn der Saach eng Chance an da gesi mir weider. Da wëll ech profitéieren fir Merci ze soen, Merci all de Leit, déi ganz vill Aarbecht domadder haten, dat sinn déi Hären dohannen, déi ganz vill Zäit misste mat mir verbréngen an dat ass warscheinlech net ëmmer ganz einfach. Merci och de Leit aus der Verkëierskommissioun, déi wou hei sinn an déi wou net hei sinn, dass se sou gutt matgeschafft hunn a Merci schonn elo deenen, déi dat Reglement wäerten ënnerstëtze mat där klenger Ännerung am Taxereglement, wou de Pit Demuth virdrun awer gesot huet, do muss mir drun denken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol, ech wëll op zwee Punkten agoen, virun allem mol hei alle Fraktiounen, déi am Gemengerot sinn, Merci soen, dass se hei an e puer Minutten d'Extensioun vum Parking résidentiel wäerte matdroen. Ech mengen, et ass kloer aus Ären Interventiounen erauskomm an dat

ass och e ganz wichtegen a staarke Message, deen dëse Gemengerot an deenen nächste Minutten hei wäert ginn. Ech mengen, dass par rapport wéi d'Ausrichtung ass vun der Definitioun vun engem Menage, wou am Fong eng Vignette sech drop grefféiert an do-riwwer eraus wéi een de Parkplazeschlüssel oder de Stellschlüssel definéiert a bestoeden, respektiv an neie Quartieren. Do si mir natierlech da bei eise PAG, respektiv bei PAPen, déi een dann och definéiert, awer virdrun allem dem PAG well de Parkraumschlüssel gëtt effektiv op deem doten Niveau definéiert.

De Prinzip ass jo, dass eng Maison unifamiliale e Menage ass an och esou enregistriert gëtt. De Prinzip ass och, dass mir hei zu Diddeleng duerch déi Approche, déi mir och hate mat eise Chambre-meubléeën, ech denken do un d'Caféen, mee och un eis eegen, dass déi och als Menage am Regëster enregistriert ginn. Dat selwecht wäert déi nei Wunneform, déi mer wäerten hunn, wann de PAG elo definitiv gestëmmt ass, vun der Einliegerwunneng, dem Logement intégré, mir hu jo selwer Logementer, déi mir iwwer deen dote Wee wäerte kreéieren als Gemeng, awer och als Privatleit, déi op deen dote Wee wëlle goen, och do wäert d'Méiglechkeet bestoen, dass sech Leit kënnen separat umellen, och dat ass e Menage, wéi gesot, à part, well wann een an engem Menage ugemellt ass, dann huet een automatesch och Rechter a Pflichten. Bei der Colocatioun awer ass dat de Moment anescht, dat ass ëmmer eng Maison unifamiliale, wou Leit solidaresch gehale sinn an och an engem Menage ugemellt sinn.

D'Gesetz gëtt de Moment keng aner Méiglechkeet, dorunner gëtt awer geschafft a wann ee solidaresch gehalen ass, da bréngt dat natierlech och aner Schwierigkeete mol mat sech. Ech denken do zum Beispill un de Huissier, wann deen uklappt wa Leit solidaresch gehale sinn, an een awer näischt mat der Situatioun ze dinn huet mat deenen aneren, dann ass en awer solidaresch matgehalen, do muss enen och e gesetzlech Kader schaffen, wann een och déi wëllt als Menage gesinn. Mir orientéieren eis hei awer ganz kloer un de gesetzlechen Dispositiounen, respektiv awer och dat wat de PAG eis vu Méiglechkeete gëtt an dee seet dann aus, respektiv hei iwwer d'Definitioun, dass mir soen, pro Menage zwou Vignetten. Et ginn och Gemengen, déi ginn der 3 an eng Vignette ze kréien dat grefféiert sech un de Menage, mee et ass keen Droit acquis op eng Parkplaz, et ass eng Méiglechkeet, de Parkraum ënnert enger gewësse Form ze notzen an hei ass de Fait, dass de exoneréiert gëss vun enger Taxe déi ee bezuele muss wann een d'Vignette net huet. Dofir ass et och net diskriminatesch wann een an déi Richtung geet an et schafft ee bei neie Quartiere PAPen, sief dat bei Neischmelz oder A Bëlle, an do setzt een eng Politik fort wou ee seet, mir wëllen de Stellplazeschlüssel erofschrauwen aus en-

ger Rei Consideratiounen ronderëm d'Mobilitéit. Et kann ee jo eng Gymnastik domadder maachen. Et kann ee soen, mir setzen d'Zuel vun de Vignetten erop, mee et ass net diskriminatoresch well et keen Droit ass. Wa mir dat maachen, kéint een sech Froen stellen, net nëmme vis-à-vis vun deene Leit, déi an dee Quartier wunne kommen, mee och vis-à-vis vun deene Leit, déi an deenen eenzele Quartiere gewunnt hunn a bis elo net déi Méiglechkeet haten.

Wéi gesot, et ass keng Diskriminatioun, well dat juristesche Geset mat Droiten ze dinn huet an hei schafe mir wéi gesot keen Droit Acquis op eng Parkplaz, mee mir steieren dat hei iwwer d'Stadentwécklung, respektiv iwwer d'Quartiersentwécklung a ginn dann och de Message, dass mir de Verkéier aus verschiddene Quartiere wëllen huelen an déi Vignette just e Mëttel dofir ass fir dat ze steieren. Dat wëll ech hei awer ganz kloer preziséieren. Well et kéint ee jo och soen, mir schrauwen de Stellplazeschlüssel erop mee da kréie mir en aneren Effekt. Da kréie mir éischter eng gréisser Inzidenz, wou de Parkraum anescht genotzt gëtt. Also, wéi gesot, wann een déi Gymnastik mécht an déi eng Richtung wéi an déi aner mam Stellschrauwschlüssel, mam Plazeschlüssel, respektiv mat de Vignetten, da kënnt een a ganz skurril Situatiounen, mee hei hänkt et am Kader vum PAG an et ass absolut keng Diskriminatioun, dofir ass dat net dee richtegen oder appropriéierte Raisonement, deen een an der Stadentwécklung wëllt maachen.

Dann nach den zweete Punkt par rapport zu Parkplazen, déi privat verlount ginn. Do gëtt et menger Meenung no just ee Cas de figure an dee gëtt hei am Gemengerot gestëmmt, dat sinn déi Parkplaze mam Abonnement am Duerf, dat sinn der, déi op ëffentlechem Raum stinn, an dat si Plaze wou mir en Taxereglement gestëmmt hunn, wou Leit déi kënne lounen, dat ass den eenzege Cas de Figure, deen approvéeiert gouf an deen och eng Rei Leit zefridde stellt well se dorop zeréckgräifen. Voilà. Domat ass d'Diskussioun iwwer d'Extensioun vum Parking résidentiel ofgeschloss.

Da géif ech soen, mir komme bei de Vote: Wien ass mat där Extensioun, respektiv mat der Modifikatioun vum Reglement averstanen? Dat ass unanime. Merci villmools. An ech ginn d'Wuert weider un d'Claudia Dall'Agnol fir den 3. Reglement, do geet et ëm d'Taxereglement.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schaffin): Ech mengen, do ass alles gesot, ech hat dat an der Uganksried gesot, den Här Thill huet eis op e Feeler opmierksam gemaach an de Pit Demuth huet deen och notéiert. Villäicht kann de Pit Demuth nach eemol soen, wat mir mussen änneren an da war et dat well mir musse just Zonen dra schreiwen, soss änneret näischt.

PIT DEMUTH (Coordinatioun vum Parking résidentiel): Merci, mir mussen am Artikel 2 wou d'Stroossen opgelëscht sinn, déi zum Centre gehéieren, d'Rue de la Libération zwëschen den Haiser 1 an 22 dobäi schreiwen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Här Thill.

JOSEPH THILL (Déi Lénk): Merci, ech wëll e Redaktionsvorschlag maachen: da kann ee schreiwen "Rue de la Libération : de la Place de l'Hôtel de Ville jusqu'à la Rue du Commerce." Dann huet een et.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – Schaffin): Eise Sekretär ass schon amgaangen, dat ze maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Kënne mir dat stëmme mat der Modifikatioun, déi den Här Thill abruucht huet? Ass de Gemengerot averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

Da si mir um Schluss ukomm, ech soen Iech Merci fir dat konzentréiert an och kritescht Hannerfroen a wënschen Iech e schéine Reschtowend.

GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 29.03.2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Schéine gudde Moien. Ech begrëissenlech alleguer ganz härelech hei bei eisem Gemengerot vum 19. März. Ech begrëissen och d'Vertrederinnen an d'Vertreder vun der Press. E Gemengerot, dee komplett am Presentiel ass, wou mer éischtmoleg net brauchen op Visiokonferenz zeréckzegräifen, och wann d'Gesetz engem déi Méiglechkeet gëtt. Also de Gemengerot am Presentiel "dans son grand complet". Da géif ech proposéieren, dass mer op den Ordre du Jour iwwerginn.

1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Da géife mer op d'Korrespondenz iwwergoen. Do hunn ech zwou Matdeelungen ze maachen. Eng positiv an eng manner positiv, déi awer e positiven Ausgang wäert kréien. Déi éischt positiv ass d'Gemegefinanzen. Unhand vum Kont vum Staat, respektiv vun der Evolution budgétaire vun de Staatsfinanzen, wou mer jo viraussichtlech net en Defizit maache vu 5 Milliarden, mee vun 2,7 Milliarden. An dat huet natierlech en Impakt op d'Gemegefinanzen. An do hu mer och e Courier kritt vun de staatlechen Instanzen, notament vun eisem Ministère de Tutelle, dem Interieursministère, wat de Fonds de dotation globale des communes an den Impôt commercial ugeet. Notament wann ee vergläicht mat eisem Budet rectifié 2020, respektiv wat mer awer finalement wäerte kréien. Ech wäert lo méi am Detail op d'Chiffren agoen. Et kann een awer soen, dass mer 6.018.878,47 Euro, also ronn 6 Millione méi kréien, wéi dat am Budget rectifié 2020 de Fall war. Dat ass ganz positiv.

Am Budget rectifié hate mer am ICC, also beim Impôt commercial, 1.650.000 Euro. Mir géifen also elo fir de Kont 2020 4.616.915,55 Euro kréien. Dat ass e Plus vu bal 3 Milliounen Euro. An dann am Fonds de dotation globale des communes, do hate mer 58.950.000 Euro drastoen. Do géife mer 62.001.961,92 Euro kréien. Sou dass war mer déi doten zwee kucken, am Budget rectifié hate mer do 60.600.000 Euro drastoen. An da géife mer hei am Kont 66.618.877,47 Euro, also ronn 6 Millione méi. Dat ass positiv, generell. Quitt, dass en Abroch war bei de Staatsfinanzen, deen elo manner stark ass wéi virgessinn. An dat huet natierlech och eng Repercussion op d'Gemegebudgeten. A fir d'Stad Diddeleng sinn déi 6 Millione méi natierlech ganz positiv, well mir brauche se par Rapport zu deem Budget, dee mer opgesat hunn.

Déi zweet Kommunikatioun, déi ech maache wollt, déi geet ëm de Baseng beim Waasser-tuerm, dee jo geographesch ganz no ass, a

wou jo eise Floater soll hikomme fir d'Kulturjoer 2022. Do hate mer viru kuerzem, wat deen dote Projet ugeet, e Refus kritt vum Ëmweltministère fir de Floater sou ze bauen, wéi en duerch de Gemengerot votéiert gouf. Den Ëmweltministère baséiert sech do op den Artikel 11 vum Naturschutzgesetz a gesäit lo dat, wat jo am Fong déi éischt Schwämm hei zu Diddeleng war an e Bassin de Décontamination vun der Arbed war, als e Plan d'eau. Also däerf am Fong, sou wéi de Floater gesi ginn ass, keen direkte Kontakt mam Waasser sinn.

Also ech muss lech soen dass ech, wéi ech dee Refus do vum Ëmweltministère gesinn hunn, net amused war, och liicht rose sinn, well mer jo am Virfeld och mat de Servicer vum Ëmweltministère geschwat hunn, notament mat der Waasserverwaltung, respektiv och mat der Natur- a Forstverwaltung. Eis Servicer ware jo mat deenen a Kontakt an hunn och do en Avis favorable kritt. Wann et an eng aner Richtung gaange wär, dann hätte mer de Projet jo hei am Gemengerot jo och anescht presentéiert. Mir hunn eis op déi Fakten, déi Donnéeë baséiert, déi mer kritt hunn. An d'Ausschreiwung ass och de 15. März opgaangen. Mir hunn natierlech, wéi mer déi Decisioun kritt hunn, e Recours gracieux gemaach. Mir si jo hei am Droit administratif. Dat ass jo eng Décision administrative, déi geholl gouf um Ministère. Mir hunn also d'Méiglechkeet, e Recours gracieux ze maachen. Mir hunn deen och gemaach, mat eisem Hausaffekot, dem Maître Helmingier. Mee awer och mat engem Avis vum Affekot vum Ordre des Architectes. An am Courier, dee mer kritt hu vum Ëmweltministère, do muss ee fairerweis awer och soen, dass se eis och eng aner Pist skizzéiert hunn. Si hunn eis gesot, dass se zwar ënnert dëser Form dee Projet net kënne geneemegen. Mee wa mer awer de Floater bäibehalen an en op Stelze maachen, da brauche mer keng Autorisation vum Ëmweltministère. Et ass jo nawell mat Stelzen am Kontakt mat Waasser, mee op alle Fall brauche mer da guer keng Autorisation vum Ëmweltministère. Ech hat och Kontakt mat der Ministesch no eisem Recours gracieux, an do wäerte mer natierlech och e Courier kréien. Si musse jo op eise Recours gracieux äntweren, wou se mer awer scho gesot huet, dass se déi éischt Decisioun, déi se geholl hu wäerte confirméieren.

Wéi mer awer de Refus kritt hunn, hu mer parallel direkt scho mam Architekt, de Jos Dell, dee jo och President vum Ordre des Architectes ass, un engem Plang B geschafft. Mir sinn och do der Suggestioun nogaangen, déi den Ëmweltministère eis hei gemaach huet an hunn och schonn déi doten Iwwerleeungen an d'Ausschreiwung mat rageholl. 2022 ass muer. A mir wëlle jo och dee Floater do stoen hunn. Natierlech hätte mer d'Méiglechkeet, fir de Gemengerot ze saiséieren, fir virun d'Verwaltungsgeriicht ze zéien, fir och deen zweete Refus unzefechten. Bon, d'Chance



si 50:50. Mee wa mer dat maachen, da risikéiere mer, datt och muer dee Floater net do steet an dass mer 2022 da kee Floater hunn a keng Iwwernuechtungsméiglechkeet hunn. Wat awer fir d'Stad Diddeleng absolut keng Optioun ass, sou dass mir op deem Plang B weiderschaffen. An och déi Iwwerleeunge vun der Approche mat de Stelzen. Sou dass mer e Floater op Stelze wäerten hunn. Et kann ee soen, dat ass kontradiktöresch, e Floater op Stelzen, mee op alle Fall wäerte mer déi dote Suggestioun vum Ëmweltministère ophuelen, an awer dee Projet vum Floater weiderdreiwen. Ech wollt lech awer déi doten Informatioun net virethalen. Well wann herno de Floater op Stelze steet, da wäert en op darselwechter Plaz stoen, mee e wäert aneschters gehale ginn, wéi dat hei initial de Gemengerot presentéiert krut an och guttgeheesch huet. Mee dat Wichtigst ass jo, dass mer eng Iwwernuechtungsméiglechkeet hunn. Dës am Fong manner positiv Kommunikatioun, déi awer e positiven Ausgang wäert hunn, wollt ech lech awer hei matdeelen.

Dës waren zwou Kommunikatiounen vu menger Säit aus. Lo kucken ech hei op d'Kollegen aus dem Schäfferot, ob si nach hei eppes wëlte matdeelen? Dat ass net de Fall.

2. CIRCULATIION

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op deen 2. Punkt iwwerginn, dat ass Circulatiion, an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo Merci Här Buergermeeschter. Ech profitéieren einfach hei dovun, fir beim Punkt Circulatiion ze soen, datt ech och eng gutt Noriicht hunn. Nämlech datt endlech de Vëloswee hei hannert dem Centre Culturel op ass, an dat zënter gëschter. Well mer virgëschter den Accord aus der Stad krut hunn, sou datt Dir ab haut alleguer kënnt Äre Vëlo mat heihinner bréngen an do driwwer fueren.

2.1. ZONE RÉSIDENTIELLE AN DER GARE- USINES-STROOSS

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Da begrëissen ech och ganz härelech de Pit

Demuth hei, eisen Ingenieur aus dem Service Circulation, ier ech dann op den éischte Punkt kommen, an zwar den 2.1. Dir wësst, datt mer an deene leschten Zich vum Reame-nagement vun der Rue Gare-Usines / Rue des Minières am Quartier Italien sinn, do wou déi nei Crèche gebaut gëtt. An dat Stéck hannert der Diddelfamill soll an eng Zone résidentielle ëmgewandelt ginn. De Belag gouf och scho während dem Chantier geännert, sou dass den Ënnerscheid tëscht der Zone résidentielle, wat jo 20 km/h ass, an der Zone 30, also 30 km/h, och gutt ze gesinn ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci Claudia fir déi doten Informatiounen. Si Froen dozou? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Wien ass da mat deem Verkéiersreglement, sou wéi et presentéiert ginn ass, averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

2.2. ZEBRASTRÄIFEN A LUUCHT AN AN DER ROUTE DE KAYL (N31)

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Da komme mer op de Punkt 2.2. Do geet et ëm d'Keelerstrooss, d'N31. Fir de Leit d'Méiglechkeet ze ginn och ganz uewen an der Route de Kayl sécher iwwer d'Strooss ze goen, hu mer bei der Ponts & Chaussées ugefrot, fir op d'Héicht vum Haus 250b en Zebrastreife mat enger roudier Luucht ze installéieren. Virun allem och, well do ganz vill Leit op d'Haard ginn an och vun do kommen. Mir kruten och deen Accord a mir kruten och e positive Pré-Accord vun der staatlecher Verkéierskommissioun, sou datt mir dat eigentlech just nach hei musse stëmmen fir op där Plaz déi rout Luucht an deen Zebrastreife kënnen ze installéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci Claudia. Froen dozou?

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci. Dat ass eng exzellent Saach, dass do en Zebrastreife mat Luuchten hikënn, do gi vill Kanner iwwer d'Strooss, fir eriwuer an de Bësch spillen ze goen. Alleguerten, déi zu Butschebuerg wunnen an am Angeldall, dee ganzen Eck. Just zwou Froen, op der Schär kënn do iergend eng Kéier eppes, fir dat méi sécher ze maachen oder net? Well do ginn awer haut nach ëmmer ganz vill Leit eriwuer. Och déi vum Bësch rauskommen, déi hunn d'Kéier lénks a riets, déi sech sou dréint. Do gesäis de net, ob en Auto kënn oder net. A mat Elektroautoe gëtt dat och ëmmer méi geféierlech, well déi héiers de och elo manner. A vis-à-vis ass jo de Parking, wou ee ka parken, fir an de Bësch ze goen. Also ass meng Fro: Wat kënn do eng Kéier? Wou si mer do mat de Gesprécher drun? A wann et an der Keelerstrooss gaangen ass, fir en Zebrastreifen ze maachen, da kéint et jo op der Nierzengerstrooss och iergendwann eng Kéier klappen. Well wa mer vum séchere Schoulwee schwätzen, an d'Kanner

gären zesummen an d'Schoul ginn, da muss een deene Kanner och d'Méiglechkeet ginn, fir zesummen an d'Schoul ze goen an och déi wou déi eng Säit vun der Strooss wunnen an déi aner Säit. Voilà, dat si meng zwou Froen zu deem heite Punkt hei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Huet nach een iergendeng Fro?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Vlächet just zum Schluss, ob et op der Nierzengerstrooss méiglech ass, op dat Technesch kann de Pit vlächet agoen, firwat Jo, firwat Neen. Do wëll ech awer virausschécken datt mer, fir deen heiten Accord ze kréien – ech menge Pit, Du kanns mech verbesseren – ëmmerhin annerhalleft Joer am Gaang waren. Sou datt Dir wësst, wéi laangootmeg déi dote Gesprécher sinn. A fir de Rescht kann de Pit nach eng Kéier kuerz drop agoen, wou wat méiglech ass.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Just eng kleng Rektifikatioun, mir hunn 3 Joer gebraucht. Ech hunn d'Demande 2018 gemaach. Betreffend d'Schär, do si mer ausserhalb vun der Uertschaft an do läit den Zebrastreifen an der Kompetenz vun der Ponts & Chaussées. Mir hunn eng Kéier bei hinnen nogefrot, mee eng richteg Äntwert krut ech och elo net vun hinnen. No dem Gemengerot hunn ech haut Rendez-vous bei der Ponts & Chaussées zu Beetebuerg, do wäert ech déi dote Fro nach eng Kéier mathuelen. An och nach déi Fro an der Nierzengerstrooss, do ass scho gekuckt ginn, mee mir hunn net déi richteg Plaz fonnt, well vill Afaarten do sinn oder Baminselen oder sou. Wa mer do wëllen en Zebrastreife maachen, dee geséichert ass mat roudier Luucht, da musse mer entweeder e Bam réckelen oder eng Entrée réckelen. Ech weess elo net, wat besser ass. Mir sinn awer am Gaange mat der Ponts & Chaussées ze kucken, fir do eng Léisung ze fannen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Dat heescht, do waart Dir éischter bis déi Strooss frëschgemaach gëtt, bis do en Zebrastreifen hikënn?

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): D'Nierzengerstrooss steet am Moment net um Programm fir frëschgemaach ze ginn. Mir schwätze lo vun der Butschebuergstrooss, déi soll jo an den nächste Jore frëschgemaach ginn. Mee wa mer waarden, bis d'Nierzengerstrooss frëschgemaach ginn ass, ech mengen da sëtze mer hei vlächet schonn an enger anerer Konstellatioun. Mee ech kucken, dass ech an der Nierzengerstrooss sou séier wéi méiglech eng Léisung fannen an dass do sou séier wéi méiglech den Accord kréien, fir et kënnen ze maachen. Fir dass mer et och nach eng Kéier hei am Gemengerot kënnen sou stëmmen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Mir gesinn eis dann an dräi Joer rëm zu deem Punkt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Gutt. Ass de Gemengerot mat deem heite Reglement averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

2.3. ZEBRASTRÄIFE FIR FOUSSGÄNGER A FIR VÉLO AN OBLIGATOIRESCHEN WEE FIR VÉLOSFUERER A FOUSSGÄNGER OP DER LËTZEBUGERSTROOSS (N31) A REGLEMENTATIOUN VUN DER RUE EMELY ARNOLDY-LOOS

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, de Punkt 2.3, do gi mer dann an d'Lëtzebuergstrooss. Am Gemengerot vum 10. Juli d'lescht Joer, do hu mer jo den Numm fir déi Strooss laanscht de LIDL gestëmmt. A lo wou d'Strooss bal fäerdeg ass musse mer se jo och mat engem Verkéiersreglement beleeden. D'Strooss, déi därerf nëmme mat 30 km/h befuer ginn. Fir d'Foussgänger a Véloswee mateneen ze verbannen, a fir iwwer d'Strooss ze kommen, gëtt dann och en Zebrastreife fir Foussgänger a fir Vélo ugeluecht. Fir an d'Route de Luxembourg kréien d'Automobilisten, déi aus der Rue Arnoldy-Loos rausfueren en Dräieck a mussen dann och d'Virfaart ofginn. Et gëllt dat üblecht Verbuert, dass een en net méi wéi 24 Stonnen op darselwechter Plaz därerf parken. D'Camionen an d'Camionnetten dierfen och net tëscht 18:00 an 08:00 moies do parken. An no der Extensioun vum Parking résidentiel, wat mer jo d'lescht Woch hei gestëmmt hunn, zielt dann och do d'Vignette an d'Visiteuren dierfe Maximum 3 Stonnen do parken.

Nieft der Rue Emely Arnoldy-Loos wëlle mer de Foussgängerwee tëscht der Rue Suebelkaul an dem Echangeur Diddeleng-Bireng opmaache fir de Vélosfuere, fir dass mer eis un déi national Vélospist laanscht d'Autobunn, also d'A13 kënnen uschléissen. De Wee op der ongerueder Säit gëtt an e Chemin mixte, also fir Foussgänger a Vélo, ëmgewandelt. Beim Zebrastreife beim Staatslabo do därerf dann eebenfalls de Vélo d'Lëtzebuergstrooss kräizen, fir dann eeben op dee besotenen Véloswee ze kommen. Et ass och bei der Ponts & Chaussées ugefrot, fir d'Bushaische wat do ass, no hinnen ze verréckelen, fir datt een dann do och besser laanscht kënn. Den Accord préalable vun der staatlecher Verkéierskommissioun, deen hu mer kritt. Sou datt mir hei just nach mussen dat Reglement stëmmen.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Eng kleng Rektifikatioun. D'Bushaischen, dat ass eng baulech Moosnam, dat muss vun der Ponts & Chaussées gestëmmt ginn an den Accord préalable ass just vum Verkéiersreglement, wou d'Bushaischen net dobäi ass. An d'Ponts & Chaussées seet, mir kréie keen Accord, fir do eng baulech Mesure ze maachen,

well do jo de Projet vun der N31 dropläit. An dofir gi si lo do keen Accord drop, fir d'Bus-haischen ze réckelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci, fir déi dote Prezisioun.

JOS THILL (DÉI LÉNK): Merci. Just eng Verständnisfro: deen éischte Punkt, deen do steet – Route de Luxembourg 2.6.1. – “Sur toute la longueur, dans les deux sens, 30 km/h”. Wann ech dat lo richtig verstanen hunn, wat d'Madame Dall'Agnol eis gesot huet, da bezitt dat sech op d'Rue Emely Arnoldy-Loos an net op d'Route de Luxembourg? Dat ass schued.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Schéi wier et!

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Schued, dass eis do kee Feeler geschitt ass am Reglement!

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Soss nach weider Froen a Remarken?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hunn elo och nach eng Fro. Et ass jo lo virgesinn, dass op dem Côté impair d'Leit solle mam Vëlo fueren. Op där anerer Säit, also laanscht den Aldi an d'Opel-Garage, do ass jo och deelweis e kleng Wee. Mee d'Vëlosfuerer solle jo lo am Fong do net fueren, mee op där anerer Säit, respektiv sech iwwert d'Rue Albert Schweitzer dirigéieren, fir an d'Verbinding mat Beetebuerg ze kommen. Ass dat sou geduecht?

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Also de Vëloskonzept gesäit jo lo fir, wann ee vu Beetebuerg kënnt laanscht d'A13, dann iwwert d'Lëtzebuurgerstrooss, da geet d'Vëlospist Richtung Rue Suelkaul virun. Dat heescht, mir profitéiere lo scho vum besteeënden Zebrastreife fir do iwwer d'Strooss ze kommen. Wann d'Leit awer elo vu Beetebuerg kommen a wëlle Richtung Zentrum, da fuere se méi sécher duerch d'Dr. Albert Schweitzer-Strooss, wéi laanscht d'Lëtzebuurgerstrooss. Dat ass scho sou geduecht. Ech menge wa mer déi Säit, wou der lo gesot hutt, géife bäibehalen, dann hätte mer mam Vëlo spëtstens ab dem ALDI e Problem, well mer do net méi wësse wouhi mam Vëlo.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et ass mer lo grad eppes opgefall, wéi ech dat hei gelies hunn. Éischtens mol ass et jo do, wou de LIDL soll kommen - vläicht eng kleng Parenthèse – Ass dat nach ëmmer wou de LIDL soll kommen? An dann zweetens, do steet Zone de stationnement fir déi Leit, déi en Ticket hunn an déi, déi Resident sinn, déi kënnen

dann do fir näischt parken. Mee wann do de LIDL wëll e Parking maache fir seng Clienten, da kann e jo net lo scho soen, wéi do de Stationnement soll gereegelt ginn. Oder ass dat just op der Strooss selwer? Net wann do e Parkingsareal gemaach gëtt? Just als Verständnisfro fir 6.2.3.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also mir reglementéieren eis Strooss, gell. Net hire Parking. Wa si dat awer herno géifen d'nämmlecht maache wéi mir, dann ass dat OK. Mee et ass e bësse wéi beim Match. Een Deel gehéiert hinnen an een Deel gehéiert eis. Also d'Strooss ass eis.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Gi mir dann do schonn eppes vir, wa mir an d'Diskussioun kommen, wéi si hire Parking amenagéieren? Oder ass do näischt ugeduecht?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): De Parking, dee musse si jo amenagéieren. Dat wär jo Bestanddeel vum PAP.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ob dee lo soll gratis ginn oder payant? Oder ob do eng Barrière ass oder net – do hu mir näischt ze soen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Si si jo Proprietär an et ass jo hire Parking, an et ass an hirem Ermessen ze kucken, wéi se de Parking wëlle reegelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): An dann déi kleng Fro: ass et nach ëmmer LIDL?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Jo, et ass nach ëmmer LIDL. Et ass och eng Baugeneemegung ausgestallt ginn. D'Commodo-Incommodo-Prozedur ass ofgeschloss. Dat heescht, déi administrativ Demarché si gemaach ginn. A wou ech d'Donnéeën alleguer hat, du konnt ech als Buergermeeschter d'Baugeneemegung ausstellen. Also dat leeft. Et ass nach ëmmer LIDL. Soss nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Da géife mer doriwwer ofstëmmen. Wien ass mat deem heite Reglement averstannen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools Merci.

2.4. LIMITATIOUN VUN DER VITESS OP 30 KM/H A ROUT LUUCHTEN AN DER RUE DU PARC

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, lo hu mer d'Discouteren op der Lëtzebuurgerstrooss all duerch, da komme mer elo an d'Parkstrooss. Dir wësst, dass d'Parkstrooss e Schoulwee ass an dass do op deem Schoulwee ganz vill Betrib ass. A fir dee Schoulwee an e Vëloswee tëschent der Rue Jean Berchem an der Entrée vum Park bis bei de Lycée méi sécher ze maachen, géife mer Folgendes proposéieren: beim Zebra virun der Entrée vun der oppener Schwämm/Maison Relais, eng rout Luucht mat engem Bouton-poussoir, also e Knäppchen, op deem

een dréckt, fir datt et gréng gëtt, ze maachen. Dir kennt dat schonn, an der Rue de la Forêt, bei der Waldschoul, do ass och sou een. An den Zebra wäert natierlech och konform gemaach ginn a konform beliicht ginn. An zweetens tëschent der Rue Jean Berchem an dem Parking beim Lycée soll d'Zon Tempo 30 km/h reglementéiert ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci Claudia. Ginn et hei nach Froen? Madame Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci. Zwou Froen hätt mir. An zwar, déi éischt: am Gemengerot vum 14. Februar d'lescht Joer, do war schonn eng Kéier déi Strooss um Ordre du Jour. An du sollten Iwwergäng komme bei der Sortie vum Lycée, och fir de Vëlo. Déi sinn awer elo net hei dran an ech wollt froe firwat. Do wäeren am Fong 2 Iwwergäng fir de Vëlo wierklech gutt, well an der Entrée vun deem klengem Parking an och an der Sortie, wann een do rauskënnt, da steet een do mam Vëlo. Déi zweet Fro: mir hunn eis gefrot an eiser Sektoun, firwat et net virgesinn ass, déi ganz Streck vum Jugendhaus bis bei d'Kräizung mat der Rue Pasteur, also bis bei d'Metzlerei, do hätt ee kënne Zon 30 km/h maachen. Well do ass jo awer ganz vill Va-et-vient. Do hu mer d'Jugendhaus, mir hunn d'Maison Relais, mir hunn d'Piscine, d'Sportshal. Dann aus der Rue Kennedy kommen d'Kanner, déi an d'Brillschoul ginn. Vlächent kéint een awer do op d'Iwwerleeung goen, fir dat ganz Stéck do vun de Parkstrooss Zon 30 km/h ze maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Mir kënnen eis där do Fro nëmmen uschléissen. Mir hatten déi selwecht Diskussioun dës Woch. A mir géifen och virschloen, fir dat bis bei d'Jugendhaus duerchezéien. Well soss hues de jo eng Zon 50, Zon 30, Zon 50 nees an dann eng Zon 30 an 20. Et géif méi gleitend a lues eriwergoen, bis de am Duerf bass. Fir eis wär dat och méi logesch gewiescht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, ech mengen op d'Iwwergäng kann de Pit herno agoen. Wat d'Zon 30 km/h ubelaangt... Also schonn dat heite war erëm e schwéiere Kampf, wéi Dir lech kënnt virstellen, well Dir wësst, ech hunn dat och schonn e puer Mol gesot, déi Parkstrooss, d'Ponts & Chaussées gesäit déi als eng Sammelstrooss un. An dofir si se net ganz waarm fir eis den Accord ze gi fir d'Zon 30 km/h, ze maachen, well dat ass eng Strooss, wou u sech den Autosfuerer drop drainéiert gëtt fir aus Diddeleng erauszefueren. Wann dat de Wonsch hei ass, da kënne mir natierlech nach eng Kéier mat hinnen an Diskussioun trieden an da



kucken, wat méiglech ass, wou et méiglech ass. Vlächst kréie mer e klénge Stéck, vlächst kréie mer dat ganz Stéck vum Metzler bis bei d'Jugendhaus. Wéi gesot, mir kënnen nach eng Kéier mat hinnen an Diskussioun trieden. Méi wéi Nee kënne se eis jo net soen. Genuch Argumenter hu mer jo. A fir de Rescht ginn ech dem Pit nach eng Kéier d'Wuert, fir op d'Iwwergäng anzegoen, wou d'Monique gefrot huet.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Ma d'Iwwergäng, déi si jo d'lescht Joer am Februar gestëmmt ginn. Eng Kéier bei der Kräizung mat der Biercher Strooss an eng Kéier bei der Sortie vum Lycée, wou d'Haaptentrée ass. Dofir mussen se lo net nach eng Kéier mat dran, well se jo am Fong scho bestinn. D'Baulech Mesure si jo lo entretemps och ofgeschloss. Dat heescht, mir waarde lo op gutt Wieder, fir dass mer de Marquage kënne maachen, da gesäit dat och rëm méi schéin aus. An dann ass et och mat der Zon 30 km/h vill méi heemlech, fir do lo mam Vëlo ze fueren, respektiv ze trëppelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Wa weider keng Wuertmeldunge méi do sinn, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem heite Reglement averstanen? **Och dat ass unanime.**

3. GEMENGEFINANZEN

3.1. APPROBATION VUM CONTRAT DE BAIL FIR DE JUEGDLous NUMMER 605

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Deen éischte Punkt ass d'Approbation vum Contrat de bail fir de Juegdous Nummer 605, wou mer als Gemeng Locataire ginn, nodeems jo och um nationale Plang eng komplett nei Opdeelung gemaach gouf vum de Juegdousen. A mir sinn als Gemeng jo och un de Syndic vum Juegdous 605 erugetrueden, fir ze froen, ob si bereet wären, dass mir Locataire ginn. An doropshin ass dat och erfollegt. Dat brauch natierlech och den Accord hei vum Gemengerot. A wann eng Gemeng Locataire gëtt vum engem Juegdous, da muss se dat och motivéieren. An ech wäert och dorobber agoen. De Lous 605, dat si 668,4 Hektar. A mir wëllen do Locataire ginn am Kader vum Intérêt général. Well mir

fannen, dee Lous hei, 605, couvriert quasi d'Integralitéit vum der Stad Diddeleng. An do gëllt um Niveau vum der Motivatioun natierlech d'effentlech Sécherheet, d'Renaturéierung vum der Diddelenger Baach. An awer och eng ganz Rei Aktivitéiten, déi am Lous 605 stattfannen, notament de Park Le'h, well do awer eng ganz Rei Fräizäitmoossname geholl goufen, fir dass déi sécher kënnen iwwer d'Bün lafen. Dann awer och well dese Lous juegdlech gesi kee grouse Wäert huet. Mir hunn dat och an d'Begrënnung gesat, a mir wëllen och net, dass hei eng aktiv Juegd duerchgefouert gëtt, mir wëllen och net, dass en Ofschossplang ass. Natierlech kënne mir als Gemeng ee beoptrage fir déi néideg Surveillance ze maachen, dat steet eis zou als Locataire, fir dat kënnen ze maachen. Gejot aktiv gëtt net. Mee wann natierlech Déiere krank oder verletzt sinn, da kann een an da soll een och intervenéieren. Och wann eng Surpopulatioun ass. Dat ass och d'Motivatioun, déi mer hei ginn an deem Contrat de bail ronderëm de Juegdous 605.

Fir e bësse méi op dee Contrat de location anzegoen: Ënnerschriwwen gouf en de 15. Januar 2021 tëscht dem Syndic, wéi gesot. An dat leeft un den 1. Abrëll 2021 bis den 31. Mäerz 2030, also fir 9 Joer. Et ass jo och dat, wat d'Gesetz virgesäit. Et ass och virgesinn, dass nieft der Motivatioun, de Punkt 1, dee mer hei ginn hunn an dat wollt ech nach preziséieren, dass een zu Bireng keng Inten dierf schéissen. Well dat an der Vergaangenheet awer mol gemaach gouf. An dass mer natierlech hei och e Loyer bezuelen. An dat sinn 2.200 Euro d'Joer, wou mer hei dem Syndic ginn. De Syndic, deen hei vertrueden ass duerch den Här Nico Peter, dee President ass, d'Madame Sandy Peter-Hoffmann an den Här René Wegener.

Dat ass d'Motivatioun, firwat mir deen heite Contrat de bail mam Syndic maachen. An et ass jo och en neie Moment, dass mer Locataire gi vum deem dote Juegdous a sou och eng kloer Handhab drop hunn. Wat net de Fall wär, wa mer net Locataire gi wieren. Mee wéi gesot, d'Motivatiounsgrënn si kloer genuch. Et ass d'Sécurité publique, déi hei z'assuréieren ass. An ech mengen dass dat hei e ganz wichtigen Aspekt ass, grad beim Lous 605, vu dass e quasi d'Totalitéit vum Diddelenger Territoire couvriert. Voilà, dat sinn déi puer Erklärungen, déi ech wollt ginn. An d'Diskussioun ass op, wann Dir Froen hutt. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Absolut d'Accord mat der Motivatioun, dass mer d'Sécurité publique un d'éischt Stelle setzen, dat ass ganz kloer. Och d'Motivatioun ass ganz explizit dragesat ginn, dat fannen ech ganz gutt. Ech hu just eng Fro: Dir hutt gesot, wann eng Surpopulatioun vu Wëld do ass, da gi mer aktiv. Dat steet jo och explizit am Artikel 6, dass een och muss seng Chasse exerceieren

wann Degâten do sinn an net just sech contentéieren, fir de Leit d'Degâten ze bezuelen. Meng Fro ass just: Wie géif do aktiv ginn? A géif dat eis awer nach d'Méiglechkeet ginn, eng Klappjuegd z'organiséieren zum Beispill? Well dat steet elo explizit net bei der Motivatioun dran. Do steet just dran, dass der d'Chasse aux canards verbitt bei der Diddelenger Baach. Mee z.B. en Klappjuegd steet explizit elo net dran. War dat gewollt? Well mer awer eventuell müssen eng Kéier reagéieren, wann eng Surpopulatioun do ass? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, Madame Kayser. Nach weider Stellungnamen? Madame Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Eis Fro geet an eng änlech Richtung. Also mir ginn net dovun aus, dass Wëltschued entstoe wäert, well warscheinlech sech net méi ganz vill Wëld an deem Lous ophält. Mee reng theoretesch huet d'Gemeng jo d'Méiglechkeet, eng Cessioun ze maache mat der Autorisatioun vum Juegdsyndikat an der Madame Ministesch, an engem den Auftrag ze ginn, fir an hirem Lous op d'Juegd ze goen. Mir wollt wëssen, wéi dat da konkret ausgesäit?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech hat jo e bësse gehollef, bei deem Dossier matzewierken, well ech e bëssen Anung vum der Juegd hunn. Et ass elo sou, dass den Här Buergermeeschter alles gesot huet. D'Motivatioun hate mer ganz kloer mat der ANF, mat hirem Service juridique och beschwat. Wat déi Surveillance ugeet, do ass et sou, dass déi Surveillance net dann réischt agesat gëtt, wann eppes bemierkt gëtt, mee déi ass effektiv vum 1. Dag un, also vum 1. Abrëll un, wou d'Lous ufänkt. Déi ass reegelméisseg. Et ass och eise Bannhider, dee sech mat dorëms bekëmmert, dee ronderëm fiert. Dann awer, fir den Exercice du droit de chasse muss et effektiv e Jeeër sinn an et gëtt eng Persoun, déi mer op der Gemeng hunn. Et ass net ganz vill, awer trotzdeem. Mat dem ass schonn ofgemaach gi fir do en Deel vu Surveillance z'iwwerhuelen. Ech wäert och deelhuelen. A reegelméisseg Ofstänn muss eng Surveillance sinn, fir ze mieren, ob iergendwou krankt Wëld läit asw.. Wann dat Déier da muss erléist ginn, da muss e Jeeër kommen, deen da berechtigt ass, fir dat ze schéissen. An dat ass, wéi gesot, garantiert. An dann hu mer, wann et gréisser Schied géife ginn, dat kann een ni virausgesinn, - dat hänkt e bësse vum de Kulturen of, déi elo geséit ginn an deene Flächen...Wann awer lo e Bauer op de Gedanke kënnt fir massiv Mais unzebauen, wat ëmmer e Point d'attrait ass fir eis Wëllschwäin, dann ass et awer kloer, dass mir dann och müssen usëtze goen. Dat

bedeit dass een, besonnesch an der éischer Zäit, wou de Mais gesat ass, dat am A hale muss. Well dat hunn d'Schwäin am léifsten, wann e just am Gaang ass ze kéngen. A wann do sech géife gréisser Populatiounen entwéckelen, muss deen Ament och eng Klappjuegd – sous toutes les conditions de sécurité gemaach ginn. Also och mat der Annonce un d'Populatioun, dass déi dann eng Kéier en Dag do stattfénnt, wou een dann Appell mécht un d'Kollegen aus den Nopeschlousen, respektiv un aner Leit, déi berechtigt si fir d'Juegd auszeüben. Dat ka virkommen. Bis elo ass et fir de Moment wierklech Null. Mir hunn och elo an der Commission cynégétique, déi festleet, wéi vill dass den Ofschoss muss sinn, déi haten eis am Ufank ganz grouss ageschat mat iwwer 30 Schwäin a grad esouvill Rei. Dësen Ofschossplang op 3 Joer ass awer elo op Null gesat ginn.

Wéi den Här Buergermeeschter et scho gesot huet, juegdlech gesinn ass dat Lous näischt wäert. Et ass elo kee Jeeër, deen deem anere géif de Kapp aschloen, fir dat Lous do ze steeën. Mir haten nämlech dee selwechte Fall hei wéi fir d'Lous 604. Dat ass dat Keler Lous, dat iwwer de Gehaansbiereg erofgeet, dei lénks Sait vun der Näerzengerstrooss bis d'A3. Och do hate mer ee vun eise Leit an der Syndic bruecht fir eis Interessen do ze vertrieben. Notamment goug et drëm de Gehaansbiereg, well mer do eise Bëschkierfecht hunn a well mer och do vill Leit hunn, déi trëppelen an jogge ginn, fir och deen erauszehuelen aus dem Juegdloos 604. Dat ass och sou gaangen. Mee dat Lous huet doduerch och ganz vill u Qualitéit verluer. An ech kann lech just soen, dass dat doduerch dann her- no fir 600 Euro iwwert d'Stee iwwergaangen ass.

Dat heescht, dat devaluéiert e Lous komplett wann ee fir den Intérêt général iergendepes eraushëlt, wéi z.B. de Gehaansbiereg, deen e Point de repère ass, wou d'Schwäin sech kéinten ophalen. Eist Lous ass an deem Sënn mat deem ze vergläichen. Mir hunn e Präis offréiert, deen net de Geck gemaach ass mat de Leit. A mir hu gesot, mir waarden e bësselchen of, wéi d'Steeë ronderëm sinn. Do ginn et deier Lousen, mat 8000 Euro, an dat Keler mat 600 Euro. Do hu mir eis da géenegt mat eise Syndikat, dass mer dann 2.200 Euro Pacht géife bezuelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Zuang. Deem hunn ech als Net-Jeeër näischt méi bäizefügen. Ass de Gemengerot mat deem Contrat de bail averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.2. APPROBATIOUN VUN ENGEM PACTVERTRAG MAT DER KOPPEL KAJEVIC-HODZIC

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op de Punkt 3.2. weiderginn. Dat ass de

Contrat de fermage mat dem Här Rafet Kaje- vic an der Madame Safeta Kajevic-Hodzic. Dat ass an der Rue Jean Friedrich. Mat de- nen hate mer jo schon 2019 e Contrat de fermage gemaach am Kader vun den Aar- bechten an der Friedrichstrooss, wou si eis jo d'Terrainen zur Verfügung gestallt hu fir d'Installation de chantier, respektiv och fir Parkméiglechkeete vun den Awunner. Vu dass do d'Aarbechten e bëssen a Verzug ge- rode sinn aus technesche Grënn ass decidé- ert ginn, dass de Contrat de fermage vum 22. März 2019, dass dee soll resiliéiert ginn an en neie gemaach ginn. Entretiens an dat ass dat, wat an deem Contrat de fermage den Ënnerscheid ass par Rapport zum éischen, hu si hir Projete weidergefuert. A wat vir- dru jo eng Parzell war, sinn am Fong lo 4 Par- zellen, wou si lo Propriétaire ginn. Dat ass am Fong déi selwecht Entitéit. Mee bei hinnen hu si eeben e Morcellement gemaach, well si jo Propriétaire sinn. Dat sinn déi 4 Parzelle vu quasi 11 Ar.

Also d'Teneur vum Kontrakt huet net grouss geännert par Rapport zu 2019. Ausser déi 4 Parzelle statt 1 Parzell. Si stellen eis dat zur Verfügung fir d'Aarbechten an der Friedrich- strooss. Et ass jo och virgesinn, dass mir hin- nen e Loyer bezuelen. Dat hei ass e Contrat de fermage fir 6 Méint – 900 Euro – an dann all Kéiers fir 3 Méint renouvelabel – 450 Euro.-. Sou dass mer summa summarum iwwert d'Joer op 1.800 Euro kommen. Dat ass dee selwechte Montant wéi deemools. A well mer d'Strooss frëschmaache suerge mer och als Piechter dofir, dass déi néideg Usch- lëss vu Gas, Waasser a Kanal do sinn, wann den Här an d'Madame Kajevic-Hodzic do hire Projet weiderdreiwen no den Aarbechten an der Friedrichstrooss. D'Teneur ass an deem neie Contrat de fermage déi selwecht, wéi an dem initialen. Dëst zu den Erklärungen, wat dese Contrat de fermage ugeet.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Mam Fong, do hu mer kee Problem. Allerdéngs sinn ech och des Kéier vun der Form, also vum Text ge- nervt. Ech liese mol vir, wat als Bedingungen an deem Pachtvertrag steet. Also op där Sait, déi hei ausgewisen ass als 2.3. Punkt 2: „Die Miete wurde auf 900 Euro für die ersten 6 Monate festgelegt. Der Betrag ist vor Ende Februar 2021 auf das Konto xy zu überwei- sen.“ An da kënnt de Punkt 1: „Der Pachtver- trag beginnt am 1. Februar 2021 und endet am 1. Juli 2021. Wenn der Vertrag nicht spä- testens 2 Monate vor Ablauf gekündigt wird, verlängert er sich stillschweigend jeweils um 3 Monate.“

Zum Punkt 1, vum 1. Februar bis den 1. Juli, dat si 5 Méint, keng 6. Wéi laang dauert dann elo dee Pachtvertrag? 6 Méint, déi scho be- zuelet gi sinn um Enn vum leschte Mount oder 5 Méint, wéi et a Punkt 1 steet? Respektiv 2 Monate vor Ablauf, wéi et am Text steet : ass dat da lo virum 1. Mee oder virum 1. Juni? Dat ass keng grave Geschicht. Mee gläich

an deenen zwee nächste Vertrag, déi och schonns vum Schäfferot ënnerschriww gi sinn, also de Punkten 3.3. an 3.4. vun eise Ordre du Jour steet an deem engen en on- méigleche Saz an an deem aneren eng falsch Referenz op de verkéierten Artikel. Dofir er- laben ech mir hei, e waarmen Appell un de Schäfferot ze riichten, eis méi propper Texter virzeleeën.

Ech gehéieren nach zu enger Generatioun, där et wichteg war, dass all Dokument, wat no bausse geet, feelerfräi ass. Well all Doku- ment no bausse jo, op d'mannst an den Ae vu menger Generatioun, e bestëmmtend Bild vun der Stad Diddeleng vermëttelt. Ech weess, ech kommen aus enger anerer Zäit. Wéi ech ugefaangen hu mat schaffen, 1979, do hate mer am Haus keng Fotokopiesma- schinn. Vertrag wéi deen heiten, déi sinn op Stencil geklappt ginn. A wann iergendwou e Feeler war, ass de ganze Stencil ewechgehäit ginn an et ass vu vir ugefaange ginn. An d'Leit hunn dofir hëllesch opgepasst, dass keng Feeler dra waren. Ech verstinn dass haut, mat Copy/Paste, do huet ee schnell Feeler gemaach. Mee wéi gesot, kee Problem mam Fong. Mee wann et hei bei deem Punkt, dem 3.2., net méiglech ass, deen Text nach ze verbessern, well do awer nach 150 Euro am Spill sinn, stëmme mer deen Text net mat. Merci fir Är Opmierksamkeit.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Thill. Nach weider Stellungnamen? Dir hutt Recht. Wann de Ge- mengerot domadder averstanen ass, ännere mer dat op dem 1. August.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Villmools Merci dann.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och. Mir änneren dat, dat si 6 Méint. Dir sidd hei nach op verschid- de Konditiounen agaangen. Ech menge mär sinn hei, ech wëll net soen Tributaire vun de Konditiounen vum Propriétaire, mee dat hei ass eng Diskussioun déi mer mam Propriétaire ha- ten. Mir brauchen deen Terrain hei fir eis In- stallation de Chantier ze maachen, respektiv och de Leit entgéint ze kommen, déi an der Strooss wunnen an déi duerch d'Aarbechten an der Friedrichstrooss kee Parkraum hunn. Aner Alternativen hunn ech hei net héieren. Mee déi Remarque mat de 6 Méint, do änne- re mir dat hei op den 1. August. Dat ass eng Erreur matérielle. Merci dofir.

Ass de Gemengerot mat där dote Modifika- tioun averstane fir dee Contrat de fermage ze stëmmen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. An da si mer frou ze héieren, dass et nach Leit gi vun der aler Schoul.

3.3. + 3.4. APPROBATION VUN ENGEM KOMMERZIELLE CONTRAT DE BAIL MAT DER MADAME ADÈLE PORTANTE AN DEM HÄR ELIO PAUL FIR D'LOCATIION VUN ENGEM DEEL VUM IMMEUBEL 65, AVENUE GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE + APPROBATION VUN ENGEM GEWERBLECHE MIETVERTRAG MAT DER SOCIÉTÉ BLOSSOM S.À.R.L.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op deem nächste Punkt weiderginn. Ech géif déi zwee Punkten zesammenhuelen. An dat ass engersäits e Contrat de bail commercial fir eng Locatioun als Gemeng ze maache vun engem Local commercial a wou mer automatesch och dann duerno eng Sous-locatioun maachen. An hei geet et ëm e Pop-up-Store vun 2 Méint, wou an der Niddeschgaass, 65, av. Grande-Duchesse Charlotte, do wou virun e puer Méint nach d'Casa del Café war, déi Faillite gemaach hunn, an dat Lokal steet eidel. An do si mer als Gemeng un de Proprietär erugetruede nodeems déi Dammen Hansen vu Blossom s.à.r.l. un eis erugetruede si fir ze froen, ob se do kéinten e Pop-up-Store maachen. Wou mir also hei eiser Roll gerecht ginn als Intermediaire an Interlocuteur tëschent Geschäftsleit an de Proprietären.

Hei hu mer engersäits e Contrat de bail, deem d'Stad Diddeleng mécht fir zwee Méint mat der Madame Portante a mat dem Här Paul. Dat leeft u vum 15. Mäerz 2021 bis de 15. Mee 2021 an do ass de Loyer 1.500 Euro de Mount. Hei sinn déi kllassesch Obligatiounen vum Bailleur an och vum Locataire. Mir maachen och do eng Assurance vu Risque locatif a mir maachen och keng gréisser Change-menter um Niveau vun der Distributioun. Dat ass net virgesinn, dat brauch een och net am Kader vun engem Pop-up. Am Contrat de bail ass jo dann och virgesinn, dass mer eng Sous-locatioun kënnen maachen an déi maache mer dann am nächste Punkt, wou mir dann am Kader vum Pop-up-Store deem der Blossom s.à.r.l. zur Verfügung stellen. Der Madame Lynn Hansen an der Madame Kim Hansen, déi jo och e Lien mat Diddeleng hunn. Deene stelle mer dat och zur Verfügung fir 1.500 Euro, och dat fir déi 2 Méint. Also eng 1:1 Operatioun. An och si als Sous-locataire engagéiere sech, eng Rei Konditiounen anzehalen.

Wat se do maachen ass net oninteressant. Si selwer schaffe mat europäesche Labelle vun Dammen- an Härekleeder an och Schmuckaccessoiren. Et ass och eng jonk Clientèle, déi bei se kommen. Se hunn och fair gehandelt an ëmweltfrëndlech Produiten. Si hunn och hir eege Kollektioun, déi Blossom heescht. Wéi gesot, hei fir zwee Méint de Pop-up-Store. Si waren och viru kuerzem an der Stad an hunn sech duerno fir Diddeleng entscheet an hunn och en Online-Shop an hunn och hei eng Approche, wou mer eng ganz gutt

Zesummenaarbecht hunn tëschent der Gemeng, de Proprietären an och de Geschäftsleit. A wat jo och flott ass, dat ass datt fir déi doten 2 Méint de Lokal net eidel steet. Dass et genotzt ka ginn, wat och weider zu enger Attraktivitéit ka bäidroen. Wëssend dass an deene leschte Méint, trotz Kris, dat engt oder anert Geschäft zougemaach huet, mee dass och neier bäikomm sinn, déi opgaange sinn oder um Punkt sinn, fir opzegoen. Och dat gesäit een, wann een duerch d'Niddeschgaass geet, dass do an enger ganzer Rei Lokaler Aarbechte stattfannen. Dofir mengen ech dass awer, trotz Kris, eng ganz Rei Commercen sech nei lancéiert hunn. Deemnächst wäert och op der Plaz am Duerf eng nei Blanchisserie, Klin.lu, opgoen. Alles dat si positiv Punkten, wou mer och als Gemeng Intermediaire gespilt hunn tëschent dem Proprietär an de Geschäftsleit. Sou dass trotzdeem och hei trotz schwieriger Zäit, trotz Covid-19-Pandemie, awer an der Geschäftswelt eng ganz Rei positiv Aspekter sinn. Bon, dat hei ass e flotten, wou mer iwwert e Pop-Up-Store eng nei Initiativ lancéieren. Dat ass dat, wat ech hei wollt soen, par Rapport zu deenen zwee Contrat de Bailen, de Contrat de Bail an de Contrat de Bail de Sous-Location. Voilà.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mir si ganz mat Iech wann der sot, mir mussen dofir suergen, dass Diddeleng attraktiv bleift, dass d'Geschäftswelt eng Chance kritt a mir sti ganz hannert där Saach, dass mer eidel stoend Geschäfte lounen a weider verlounen. Ech hunn awer zwou, dräi prinzipiell Froen. Éischtens sinn ech e bëssen erstaunt, dass de Kontrakt just op zwee Méint ass, ech schwätzen elo de Kontrakt mam Proprietär. An zweetens fanne ech och dann e bësse schued, dass mer genau dee selwechte Loyer deene jonke Leit, déi hire Pop-Up-Store hunn, déi wierklech immens flott Saachen hunn – ech war scho ra luussen, dat kann ech nëmme jiddwerengem recommandéieren – dass mer genau dee selwechte Loyer froe bei der Ekip vum Blossom, wéi deen, dee mir un de Proprietär weiderginn. Ech wëll just drun erënnere, wéi mir de Projet Cube haten, do bezuele mir dem Proprietär 3.250 Euro Loyer de Mount, an do hate mir deenen, déi do ragezu sinn eng Fauteur gemaach, dass déi dat éischt an zweet Joer nëmme d'Hallschent bezuelt hunn, 1.625 Euro. Dat drëtt Joer réischt 2.275 Euro, a réischt duerno, ab dem 4. Joer, bezuelen déi 3.250 Euro.

Ech mengen wann een initiéiere wëll, dass och jonk Leit sech trauen, sou Pop-Up-Storen opzemaachen, oder sou Concept-Storen opzemaachen, da muss een deenen vläicht e bëssen entgéint komme mam Loyer. Do hätt ee vläicht kënnen drun denken, awer e bësse manner ze froen. An da stellt sech jo automatesch och d'Fro, firwat huet d'Proprietären dann net direkt mat der Firma Blossom s.à.r.l. kommunizéiert? Well wa mir dee selwechte

Loyer kréie wéi deen, dee mir weiderginn un de Proprietär, dann ass d'Fro, firwat si mir als Intermediaire do? A firwat lounen mir net dat Lokal op méi eng laang Zäit? Warscheinlech ass dat net sou gewollt, mee et wär vläicht och eng Iddi gewiescht, dem Proprietär ze proposéieren, hei mir maachen dat op méi eng laang Zäit, an dann hätte mer och en Turnover gehat. Ech weess net, ob déi Leit zu Blossom net wollte méi laang bei eis zu Diddeleng bleiwen, oder ob se just wollte schnupperen, da wär dat och méi eng Kontinuitéit gewiescht.

Also déi zwou Froen: Firwat si mir awer als Intermediaire aktiv, wa mer dee selwechte Loyer froen an zweetens: Firwat hu mer deene jonke Leit net d'Méiglechkeet ginn, awer mat engem méi modesten Loyer mol déi zwee Méint hei zu Diddeleng unzefänken? Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci Madame Kayser.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Léif Frënn a Kollegen aus dem Gemengerot, effektiv, dat wat d'Madame Kayser seet, ass net alles falsch. Ech schwätze jo hei net nëmme als Gemengeconseiller, mee och als President vum Geschäftsverband. Mee mir mussen awer trotzdeem oppassen. Hei gëtt e Loyer gefrot vu 1.500 Euro. Dat ass am Prinzip fir d'Geschäftswelt, am Verglach mat deem wat ronderëm gefrot gëtt, ass dat e bëllege Loyer. A wann een do géing higoen an op eemol Loyer ubidde vu 500 Euro, da muss ee ganz gutt oppassen, da mécht ee sech extrem vill Feinden, bei deenen, déi 4.000 a 5.000 Euro froen. A mir musse kucken an eiser Economie. Et ass jo net esou, dass eis Geschäfte, déi mir do stoen hunn allegueren op gesonde Féiss stinn. Mir hunn haut eng Situatioun, wou deesen an dee probéiert, vun engem Mount op deenen aneren ze iwwerliewen. A wa mir do op dee Wee ginn, sou Loyer ze froen, a mir géingen als Gemeng de Rescht iwwerhuelen, da kréie mir wierklech Problemer, an et wier och ongerecht deene vis-à-vis, déi grad wéinst dem Loyer net méi kënnen iwwerliewen. Da misste mer op eemol als Gemeng higoen a soen, bon, Dir bezuelt 4.000 Euro Loyer, dann iwwerhuele mir lo 2.000 Euro, fir dass Dir iwwerlieft. Also do géinge mer, mengen ech, net dat richteg Zeeche setzen.

An ech sinn och frou dass d'Gemeng hei dee Schratt geet a seet, mir maachen dat fir 2 Méint. Ech denken, dass Blossom vläicht nëmme gefrot huet fir 2-3 Méint, bei deem anere Pop-Up-Store, do geet et jo op eng méi laang Zäit, an do geet een op dee Wee, dass ee seet, lues a lues wuesse se an dee Loyer eran, deen effektiv muss gefrot ginn. Iwwer 2 Méint kann e guer näischt sou festleeën. Do muss een déi Saache sou maachen. En plus ass de Blossom jo kee Pop-Up-Store, dee fir d'alleréisch hei zu Diddeleng e Pop-

Up-Store mécht. Déi hunn Erfahrung, déi sinn och schonn e bësse bekannt, déi fänken net bei Null un, déi hunn och eng Clientèle, déi si opsicht. An ech denken och dass déi kapabel sinn dee faire Loyer vu 1.500 Euro ze bezuelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci Här Clement.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci fir d'Wuert. Wat gëtt dann eigentlech nach gemaach, fir déi Pop-Up-Storen herno hei zu Diddeleng ze halen, wann eppes wierklech gutt ass, wat seng Friichte kéint droen? Den Här Leners mécht jo eng exzellent Aarbecht do, wat d'Geschäftswelt ugeet, mee wéi gesäit d'Strategie aus, fir ze probéieren, déi Leit hei ze halen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci. Nach weider Froen? Neen. Da géif ech op déi verschidde Punkten agoen. Bon, Merci dass déi, déi sech dozou geäussert hunn, d'Initiativ vun der Gemeng begreissen an dat da mat ënnerstëtzen. Dat wäert sech jo dann och am Vott hannenno erëmispigelen. Et dierf een awer net de Fehler maache fir eng Equatioun ze maachen: d'Gemeng ass Intermediaire, dat heescht automatesch manner Loyer bezuelen. D'Gemeng ass Intermediaire an Interlocuteur fir e gewëssene Kontakt oder eng Mise en lien méi einfach ze maachen. Se spillt do also eng Roll als Facilitateur. Engersäits wann entweder der Proprietär un d'Gemeng, un de City Management eruntrëtt fir ze soen: Hei ech hunn hei e Lokal. Wat sinn d'Méiglechkeeten? Wat kënnen mer do maachen? Respektiv wann, wéi dat hei de Fall war, déi Dammen Hansen un eis eruntrieden a soen: Voilà, mir sinn am Konzept vum Pop-Up-Store. Ass zu Diddeleng eppes méiglech? Do spille mer eis Roll als Intermediaire. An dat wëll net automatesch heeschen, manner Loyer bezuelen. Dat kann et heeschen, well dat komme jo d'Diskussionen tëschent dem Proprietär an dem Locataire, respektiv dem Sous-Locataire.

D'Iddi vum Pop-Up-Store, an dat ass fir op d'Fro ze äntwere vun der Madame Kayser an dem Här Martini. „Pop-Up“ heescht jo net definitiv. Pop-Uppe lancéiere sech, fir mol einfach ze teste wéi déi Wuer, déi se do ubidden, ob déi an der Stad, wou se sech niddelloossen, ukënnt. An dann hänkt et nach ëmmer un deene responsabele Geschäftsleit ze decidéieren, ob si sech... an do schwätze mir als Gemeng net dran. Dat hei ass jo awer nach eng Initiative privée. Wa Geschäftsleit op de Wee gi vun engem Pop-Up-Store an dat wëllen testen, a sech soen, mir bleiwe beim Pop-Up-Store a mir zéien an eng aner Gemeng, oder awer soen, mir hunn elo d'Méiglechkeet, aus finanzielle Consideratiounen eraus, eis iergendwou niddereeloossen an aus dem Konzept, der Iddi vun dem Pop-Up-Store erauszegoe fir eis definitiv niddereeloossen, mat engem Bail commercial, 3, 6, 9 Joren,

da komme mer jo an eng ganz aner Logik. Mee dee Choix, an dat ass och grad sou gutt, deen hält nach ëmmer der Geschäftsmann, respektiv d'Geschäftsfra. Dat ass kee Choix vun der Gemeng. Et ass e fundamentalen Ënnerschied tëschent engem Pop-Up-Store respektiv Leit, déi sech definitiv wëllen niddereeloosse mat engem kläresche Bail commercial an do och eng aner Richtung upeilen. An dat gëtt och schonn d'Äntwert op d'Fro, déi hei gestallt gëtt: Firwat nëmmen zwee Méint? Ma well hei de Wunsch war, zwee Méint hei zu Diddeleng ze probéieren, fir ze kucken, wéi et ukënnt. An d'Diskussion vum Loyer war am Fong keng Diskussioun, well si och bereet waren, dee Loyer ze droen. Et ass am Endeffekt d'Resultat vun enger Diskussioun, déi stattdoen huet tëschent dem City Management, de Proprietären, de Locataire an och Sous-Locataire. Dofir hu mer hei de Projet de courte durée.

An aner Projeten, wéi dat beim Cube de Fall war, sinn de longue durée. Dofir kann een net déi selwecht Iwwerleeunge féieren, déi selwecht Equatioun maachen. An natierlech, e Pop-Up-Store ass ëmmer fir ze schnupperen, fir ze testen, a vläicht huelen se d'Decisioun, definitiv hei zu Diddeleng ze bleiwen, a vläicht huele se d'Decisioun, weiderzézéien an op anere Plaze wéi am Süden an am Zentrum hiert Konzept ze probéieren. Ech mengen dass dat „de bonne guerre“ ass, géifen d'Fransouse soen. Dofir ass de Loyer net allzedeier, dat wollt ech awer als generell Informatioun ginn. Bon, mir hunn hei awer e Lokal, dat komplett renovéiert gouf an d'Loyerer zu Diddeleng, e kläresche Bail commercial, déi situéiere sech bei enger méi eeler Struktur bei 18 Euro, bei enger méi neier oder komplett moderner Struktur, bei 25 Euro. Dat ass dee Kader, an deem mir eis hei zu Diddeleng beweegen. Wann ee mol kuckt, da si mer liicht iwwer 19 Euro, also éischter am ënneschte Spektrum vun de Loyerer. Also mengen ech dass et, wéi den Här Clement scho gesot huet, e ganz korrekte Loyer ass, dee mer engersäits hei gefrot kréien, mee awer och deementspreechend weiderginn. Dat waren déi puer Punkten, ob déi dech hei, unhand vun deene Constaten, an deene Froen, déi gestalt goufen, äntweren.

Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass éischters mol mam Contrat de Bail tëschent der Madame Portante an dem Här Paul an der Stad Diddeleng averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci. A wien ass mat dem Contrat de Sous-Location averstanen tëschent der Gemeng a Blossom s.à.r.l.? **Dat ass och unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. A mir wënschen dem Pop-Up-Store hei zu Diddeleng vill Erfolleg.

3.5. APPROBATIOUN VUN ENGEM ACTE DE CESSION GRATUITE MAT DER MADAME IRÈNE JUSTINE LEGENDRE FIR TERRAINEN AN DER „RUE DE LA PAIX“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn. Dat ass en Acte de Cession gratuite tëschent der Madame Legendre an der Stad Diddeleng. An dat ass op 82, Rue de la Paix. Dat ass en Deel vun der Voirie. Dat sinn 1 Ar 45 Centiar an déi Cessioun gëtt gemeet fir d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique. Eng kläresch Cessioun gratuite, déi mer hei jo ëmmer am Gemengerot hunn.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.6. APPROBATIOUN VUN ENGEM ACTE DE VENTE MAT DER „JMK S.À.R.L.“ FIR TERRAINEN UM LIEU-DIT „LENKESCHLAG“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass en Acte de vente tëschent der S.à.r.l. JMK an der Stad Diddeleng. Hei si mer am neie Quartier Lenkeschlag, wou d'Gemeng am Fong zwou Parzelle keeft „auf Lenkeschlag“, sou wéi et heescht. Déi eng Parzell ass 1 Ar 79 Centiar an déi zweet Parzell ass 1 Hektar, 30 Ar an 58 Centiar. A mir maachen déi Acquisitioun am Kader vun enger Utilité publique fir d'Integratioun an den Domaine public communal als Espace vert. Et ass jo sou, dass dat doten Areal den Ament a privatem Besëtz ass, mee awer och Domaine public ass. Et ass jo deementspreechend och accessibel. A sou wéi hei och d'Conventioun vum PAP Lenkeschlag virgesinn huet, ass d'Gemeng actuellement och responsabel fir den Entretien ze maache vun deesen ëffentleche Flächen.

Vu dass et ëffentlech Fläche sinn, hei ass et jo haaptsächlech Park, mee et ass och Bësch. Do si Biotopen, also en Espace vert privé, dee fir den Usage public op ass. An andeems mir och dës Acquisitioun maachen, kënnen mer net nëmme weider den Entretien maachen, mee mer kënnen dann och iwwert dës Fläche fräi verfueg well mer dann och Proprietär ginn. Dat e bëssen als Erklärung, firwat mir dat hei maachen. Mir beweegen eis am Fong weider am Esprit vun der Conventioun, vum PAP Lenkeschlag. Well jo och hei op deenen zwou Parzellen, wou ech virdru gesot hunn, Park amenagéiert gouf, Bësch ass, Hecken a Leeën, a wa mir dat heite maachen, da maache mer dee Kaf fir 70.156,10 Euro. A mir maachen dat am Kader vun der Utilité publique. Voilà, dat sinn am Fong déi Erklärungen, déi ech wollt gi par Rapport zu deenen zwou Parzellen, déi mer hei wëlle kafen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci. Ech war mir dat ukucken. Ech ginn och heiansdo do spadséieren. Deen Terrain, dee läit jo an engem Hang an de gréissten Deel si jo och Beem geplant, déi spille jo och eng wichteg Roll an deem Hang. Et ass och e klenge Spadséierwee do. An een Deel, dee war mir lo net sou bekannt, dat ass deen, dee méi enne läit. Deen ass zimmlech verbuuscht mat Hecken an do kann een och guer net ragoen. Meng Fro ass elo: Bleift dat elo, wéi et ass, oder hutt Dir vir, do iergendeppes ze änneren?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Ech hu vir drun d'Stéchwuert gesot „Biotopen“. An dat wat Dir uschwätzt, do si Biotopen. A wann een en Agréff mécht a Biotopen, dee mécht een net einfach esou. Do brauch een eng Autorisatioun vum Ëmweltministère. Dat heescht, wa mer iergend eng Ännerung do maachen, da mussen mir dat mat hinnen ofschwätzen. Dofir gesinn d'Biotope sou wëll aus wéi se haut ausgesinn. Madame Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Also net, dass ech elo falsch verstane ginn. Mir fannen et gutt, wéi et lo ass a mir hoffen, dass Dir näischt änneren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Also op alle Fall, wat ech lech ka soen, mir hunn natierlech d'Méiglechkeet, wa mir hei Proprietär ginn, och nach weider naturno Amenagementen ze maachen. Déi Méiglechkeet, déi hu mer an dat ass positiv fir de Quartier an och fir d'Natur. A wa Saachen am Bestand mussen geännert ginn, da maache mir dat natierlech an Ofsprooch mam Ëmweltministère. Ceci dit, ass de Gemengerot mat dësem Kafakt averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.7. ÄNNERUNGEN UM KAPITEL XIX – SCHWÄMMEN – VUM ALLGEMEINEN TAXERELEMENT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): An da gi mer vun där enger Natur an déi aner Natur. Dat ass de Culte du corps, an do ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, léif Frënn aus dem Schäffen- a Gemengerot, mir befaassen eis lo hei mam Taxereglement wat eis Schwämmen ugeet. An ech wäert mech dann och op dat limitéieren, wat geännert gëtt, notament de Punkt ronderëm d'oppe Schwämm. Do ass en neie Moment, wou mer elo mat rabrëngen. Sou dass mer d'Durée vun enger Entrée op 4 Stonnen limitéieren. A wann ech déi 4 Stonnen iwwerschratt hunn, da muss ech eng zousätzlech Entrée bezuelen. Dat hu mer natierlech an der Optik gemaach, wann d'Schwämm dann hoffentlech am Summer

bei guddem Wieder kann opgoen, dass mer eng gewësse Fluktuatioun kënnen garantéieren. Dass d'Leit eeben elo net méi d'Méiglechkeet hunn, wéi et deelweis an der Vergaangenheet gemaach ginn ass, dass ech vu moies 10 bis 3, 4, 5 Auer am Nomëtze konnt dobliwen. A sou mat deene 4 Stonnen erhoffe mer eis eng gewësse Fluktuatioun vum Public, fir dass den Drock virun der Keess, virun der Entrée, och domadder kann e bësse méi kleng gehale ginn. Wat d'Präisser u sech ubelaangt, do ännere mer näischt. Déi si gewinnt sozial a méi wéi fair. Wat soss nach dobäikomm ass, dat ass de Punkt 1.2. mat den 2-Stonne-Limitatiounen, deen dann do extra nei dobäikomm ass.

Dat ass am Fong fir eise méi oder weiniger bekannte Schwëmmer a Schwëmmerinnen entgéint ze komme fir deenen hir Plage ze loosse, datt se kënnen an der oppener Schwämm schwamme goen an hirem Sport, wéi den Här Buergermeeschter et ugedeit huet, hei kënnen nogoen, ouni dass se awer mussen eng ganz Entrée bezuelen, well se awer am Prinzip duerno net op der Wiss leien oder och soss an der Enceinte bliwen. Deemno ass hei déi doten Ouverture gemaach ginn. An als familjefrëndlech Stad, wéi mir dat zu Diddeleng jo sinn, hu mir och gemengt, dass hei de Moment do wier, fir e Familjentarif mat eranzebrëngen. Eppes, wat mer vir drun net haten. Do komme mer dann de Familljen entgéint, wéi Dir et hei gesitt. Et ass een Adulte mat een oder zwee Kanner, dass da just den Adulte bezilt. Bezéiungsweis wann 2 Adulte komme mat 1 oder 2 Kanner, déi méi jonk si wéi 12 Joer, dass do just den Adulte bezilt a bei all Kand, wou weider mat rakënnt, just 1 Euro ufällt. Hei ass ganz kloer de Accent gesat, fir de Famillen nach méi entgéint ze kommen. Dofir hu mer deen heiten neie Moment mat ragesat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci dem Loris Spina fir déi doten Erklärungen. Froen dozou? Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Mir haten hei jo schonn e puer Mol Rieds iwwer d'Tariffer vun der Piscine. Mir haten am November 2015 an am Juni 2016 menges Wëssens fir d'lescht driwwer Rieds gehat, an d'CSV, Déi Lénk an den ADR haten déi Taxen ni matgedroen aus verschiddeenen Ursachen. D'CSV hat ëmmer zwee Argumenter, firwat se sech enthalten huet. Éischtens mol, well mer net zefridde ware mat den Öffnungszäiten, virun allem vun der Piscine am Hartmann fir de Grand Public, do hu mer fonnt, dass mer net genuch Plage horairen haten, virun allem och well owes net vill op war an och well Samschdes a Sonndes d'Schwämm schonn ëm 13:00 zou war. Dat war deemools 2016, do huet sech vill geännert, dat ass och gutt esou. Ech wollt awer och do nach eng Kéier nofroen, dass Dir eis ganz kuerz nach eng Kéier kéint soen, wéi

d'Ouvertureszäite sinn. Well ech hat um Site gekuckt, bon et ass elo Pandemie, mir schwätze lo net vu lo, mee vun duerno. Um Site steet, dass den Hartmann vu 6:30 bis 22 Auer op ass. Lo wollt ech awer froen, ob dat nach ëmmer sou ass? Da wollt en an engems och froen, wéi dann d'Öffnungszäite virgesi sinn an der offener Schwämm wann elo d'Saison ugeet? Ech hu lo dee Prix d'entrée fir déi 2 Stonnen, fir déi „usual suspects“, wéi den Här Spina gesot huet, déi si vun 10 bis 12 a vu 18 bis 20. Mee lo weess ech awer, dass der och schonn ëm 8 Auer géife kommen, wann et sou e waarme Summer gëtt wéi dëst Joer. Ass do vläicht och ugeduecht, moies vun 8 bis 10 eng Plage fir déi Leit virzegesinn?

Dann deen zweete Punkt firwat mir eis ëmmer enthalten hu beim Vott, dat war, well eng Inkoherenz an den Tariffer war. An do muss ech soen, dat ass och leider dës Kéier rëm de Fall. Éischtens mol hu mer ëmmer fonnt, dass eng Inkoherenz war vun de Präisser tëschent der zouener an der offener Schwämm a mir verstinn net richtig, firwat do keen eenheetleche Präis ass. Dat fanne mir net ganz gutt. An da kommen ech zu där neier Propos hei, déi mer hei virleien hu vun den Taxen. An da kommen ech zu den Tariffer vun de Kanner. Mir hunn et fäerdeg bruecht, an dësem Taxereglement 4 verschidden Tariffer fir Kanner bis 12 Joer fäerdegzebrëngen. D'Kand bezilt 0 Euro, wann et als 1. oder 2. Kand mam Ticket Famill rakënnt. D'Kand bezilt 1 Euro, wann d'Kand dat 3. oder dat 4. Kand aus där Famill ass. D'Kand bezilt 1,50 Euro, wenn et normal an déi zoue Schwämm geet. D'Kand bezilt 2,50 Euro, wann et an déi offe Schwämm geet. Voilà, zum Tarif Famill stelle sech vill Froen. Als alleréisch fannen ech de Punkt 1.3.b total superflu, well dee bréngt jo keen neie Moment. Wann do steet an Punkt 1.3.a „un adulte et deux enfants jusqu'à l'âge de 12 ans inclus“, an ënnendrenner „deux adultes et un ou deux enfants jusqu'à l'âge de 12 ans inclus“. Wat bréngt dat méi? Also dee Punkt kann ee jo mol direkt sträichen.

Mee zum Tarif Famill, do stellen sech och e ganz vill Froen. Wéi gesot, do bezuelen een oder zwee Erwuessener eleng, wa se mat engem oder zwee Kanner an d'Schwämm ginn. D'Kanner sinn da gratis. Eis Fro ass natierlech, firwat limitéiere mer d'Kannerzuel? Ech mengen hei an der Rei eleng sinn Eltere vun 3, vu 4, den Här Clement vu 5 Kanner, déi loosse dann d'Hallschent doheim? Oder wéi maache mer dat, wa mer eng Famill hunn, déi och e bëssen op de Su muss kucken, dat fanne mer net ganz glécklech. Dann ass och d'Fro, wann d'Kanner ënner 6 Joer sinn, zielen déi dann als Kand 1 oder 2? Wann's de lo eent hues, vu 4, 6, 8 Joer – wie bezilt do? Dat ass alles e bësse konfus, dat fanne mer net ganz glécklech. Wéi ass et elo zum Beispill, den Här Martini, dee geet oft schwammen, wann e säi Meedche mathëlt an och d'Nopeschmeedche mathëlt, gëllt dat awer als Famill? Oder mussen mer d'Famillje-

buch mat an d'Schwämm huelen? Ech soen lech och firwat ech dat soen: Ech hunn e Bouf, dee war ganz oft an d'Schwämm gaangen. An dat war e ganze lousen an en ass haut nach ganz lous. A wann dee mat 9 Joer an d'Schwämm gaange wär, eleng oder mat senge Kolleegen, dann hätt dee sech bei iergendeng Madame oder en Här gestallt oder e Student, deen an der Rei gestanen hätt an en hätt sans Gêne gesot: Hei kanns Du mech net als Däi Jong mat ran huelen? Da bezuelen ech näischt an déi 2,50 Euro fir d'Entrée, déi meng Mamm mir ginn huet, déi ginn ech dann an eng Glace ëmwandelen. Dofir, wéi gesot, mir fannen et net ganz koherent, dass d'Kanner hei sou ënnerschiddlech bezuelen. Entweder mer loosse d'Kanner alleguerte fir näischt eran oder mir fannen en anere System, well dat heiten, dat ass eng grouss Inkoherenz. Wat mer och e bësse vermessen, dat ass, dass z. B. kee Gruppentarif do ass. Wéi ass et z.B. mat de Scouten, déi mat de Kanner an d'Schwämm ginn, wéi ass et mat enger Dagesmamm, déi mat hire Kanner an d'Schwämm geet? Dorunner hätt een och kënnen denken. An et ass och kee Joresabo virgesi fir d'Famill.

Mee d'CSV huet awer och eng konkret Pro-
pos: Firwat maache mer net z.B. e Famillje-
pass? Sou wéi mer z.B. an der Stad de Famil-
len, de Menagen eng Vignette gi fir den Auto
ze parken, hätt een och vläicht kënnen drun
denken, e Familljepass ausstelle fir kënnen
an d'Schwämm ze goen, d'hätt een och kë-
nnen e Familljepass ausstelle fir kulturell Ak-
tivitéiten als Famill ze besichen an do en In-
centive ze ginn, dass och déi Saachen e bësse
méi promouvéiert ginn. Also wéi gesot, do
wäre ganz vill Méiglechkeeten do. Dann, wéi
gesot, wat mer och total vergiess hunn, dat
sinn déi Kanner tëschent 12 a 15 Joer. Also
mat 15 ass een Adulte, mat 12 ass ee Kand
an dertëschent, do steet näischt dran. An da
kënnt natierlech déi grouss Fro: Wéi wëllt
der dat kontrolléiere mat där Durée limitée
à 4 Stonnen? Mir fannen dat natierlech och
absolut luewenswäert, dass do soll kontroll-
éiert ginn, dass do och soll limitéiert ginn,
fir dass d'Leit déi an der Schlaang stinn och
d'Chance kréien, fir eng Kéier eranzegoen.
Mir wëssen, wéi onsäglech peinelech dat ass,
wann s de mat denge Kanner an der Rei stees
an d'Schwämm ass voll. Mee meng Fro ass
konkret: Wéi kontrolléiere mer dat? Maache
mer en elektronische Bändchen? Hu mer e
Service Gardiennage, deen dat kontrolléiert?
Well ech mengen, dat ass jo schéi gesot, mir
hunn eng Durée limite vu 4 Stonnen, mee
wann d'Leit sech net drun halen, wéi ma-
che mer dat dann? Zum Präis. Ech hu mer
elo nach eng Kéier d'Méi gemaach, mol séi-
er ze kucken, wéi vill d'Droit d'entréeën, dat
heescht, wéivill mer rakritt hu vun eisen Ti-
cketen. 2020 kanns de jo net zielen, dat war
jo e Pandemiesjoer. Mee 2019 stinn am Bud-
get 157.500 Euro Ticketen, déi mer rakritt
hunn. Deem géintiwier stinn Dépense vun
der Piscine, dat ass souwuel déi zoue wéi

déi offe Schwämm vun 1,9 Milliounen. Wéi
gesot, Ticketen eran, do kréie mer 157.000
Euro. Dofir, fir ze soen, mir hu sozial Präisser,
dat ass OK. Mee dee Kuddelmuddel an dat
Gewurstelt an deenen Tariffer – da kann
een och einfach soen, hei komm mir loosse
d'Kanner alleguer fir näischt eran. Well et ass
jo lo net um Präis, wou mer hänke bleiwen.

Ech hunn awer och nach eng Fro zu de Schou-
len a virun allem zu de Maison Relais, déi
an der Fräizäit jo och dacks an d'Schwämm
gaange sinn, wat jo och eng gutt Saach ass.
Mee, do muss een dann awer och e bëssel-
che kucken, wéi limitéiere mer deenen hir
Accèsen. Well, mir haten dann och de Fall
dass dann Eltere mat hire Kanner, déi dann
eeben net an d'Maison Relais ginn, dass déi
an der Schlaang stoungen an déi konnten net
rkommen. Mee d'Maison Relais, déi sinn
dann awer laanscht gepilgert an déi si ragaan-
gen. Do ass et och wichteg, dass ee kuckt,
net déi Kanner ze strofen, oder déi Famillen
ze strofen, déi weeder an engem Schwamm-
club sinn nach an enger Maison Relais sinn,
mee déi an der Famill wëllen an d'Schwämm
goen, dass een dann do awer och Plage horai-
ren huet fir déi oder eng Méiglechkeet huet,
fir dass déi awer och kënnen prioritär erago-
en. Wéi hutt Der lech dat virgestallt. Mat de
Maison Relais, gëtt do Ofsprooch gehalen?
Dass déi eng Maison Relais z.B. nëmmen
dierfe Méindes an déi oppe Schwämm an déi
aner nëmmen Dënschdes? Fir dass net all
eis Maison Relais mat all hire Kanner dann
d'Schwämm occupéieren. Dat ass net béis
gemengt, méi fir eng Gerechtegkeet vis-à-vis
vun deenen anere Kanner an deenen anere
Famillen awer ze gewährleisten. Wéi gesot,
mir begrëssen et, dass eis Schwämm opgeet.
D'Fro ass och nach, wéi vill Leit iwwerhaupt
däerfen an déi offe Schwämm goen. Dat wär
vläicht och interessant ze wëssen. A wéi ge-
sot, mir fannen awer hei dat Taxereglement
total inkoherent an net ganz glécklech. Voilà.
Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-
MEESCHTER): Merci der Madame Kayser.
Nach weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (Dei Gréng) : Jo Merci fir
d'Wuert. Also mir haten och e puer Iwwer-
leeungen, déi an déi Richtung ginn. D'Prä-
isser, déi hu sech jo net geännert. Et sinn e
puer Ëmformuléierung gemaach gi mat den
Termer, déi duerchaus sënnavoll sinn, mee
et gesäit komplizéiert a schwéierfällg aus.
Do steet z.B. dass et nach ëmmer Carnete
ginn. Ass dat nach sou, dass dat nach rich-
teg Tickete sinn oder gëtt dat och elo elek-
tronesch mat Badge oder Chip agefouert fir
déi oppe Schwämm? Eng gutt Saach fanne
mir dass ee ka fir 2 Stonnen en Ticket hue-
len. Do sinn awer just 2 Plagë virgesinn. Fir-
wat gëtt dat net einfach iwwert dee ganzen
Dag gemaach, dass ee ka just 2 Stonnen an
d'Schwämm goen? Dann och d'Fro: Wéi sinn
d'Ouvertureszäiten? An dann hu mer eis och

gefrot, ob et net méiglech wier, do si jo lo vill
Progrès gemaach ginn, an et gi jo och Bei-
spiller elo wéi d'lescht Joer um Stauséi, dass
een en informatiséierte Reservationssystem
kann ubidden, lo net fir déi ganz Plazen, mee
vläicht en Deel, well dat gesäit jo ëmmer
schrecklech aus, wa bei batterer Hëtzt d'Leit
stonnelaang do an der Schlaang stinn. Lo si
jo e puer Beem do, déi awer elo geschnidde
gi sinn, dann ass awer net sou vill Schied do.
Bon, et kann ee sech jo och nach ënnert de
Préau vum Hartmann stellen. Also iergend-
wéi misst een do kënnen dat Ganz e bëssen
anescht organiséieren.

An um Internetsite vun Dudelage.lu, do
fënnt een och keng Informatiounen iwwert
d'Ouvertureszäiten. Et muss ee fir alles, och
d'Coursen, déi ugebuede ginn, et muss een
ëmmer de Service des Sports urufen. Dofir
froen ech mech, firwat kann een dat net op
de Site schreiwen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-
MEESCHTER): Merci der Madame Heinen.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buerger-
meeschter, fir unzefänken, wëll ech e bëssen
an d'Vergaangenheet goen an lech e Carnet
weise vu viru 60 Joer, dat war an den Ufanks
60er. Wéi deen ausgesinn huet, do gesitt Der
en um Schiirm. Éischtens mol, wéi dee ver-
faasst war, dat war interessant. Déi Zäit war
d'Schwämm scho ganz beléift a ganz wich-
teg fir eis Kanner, besonnesch well mer och
do schwamme geléiert hunn. Lo zréck awer
an Géigewuert. Déi lescht Joren hu gewis-
sen, dass d'Attraktivitéit vun der Schwämm
nach gewuess ass. Mee d'Kapazität vun der
Schwämmmanlag ass oft op Grenze gestouss.
A lo no der Renovatioun vun der Schwämm
ass eng Ëmännerung am Taxereglement an
d'A gefaasst ginn. An dat fir eng Méiglechkeet
ze schafen, méi Leit am Laf vum Dag eranze-
loossen. Sou sinn déi äusserst gönschteg a
sozial Entréespräisser déi selwecht säit 2016.
Wann ee sech bis elo onbegrenzt vu moies
10 bis owes 20 Auer an der Schwämm opha-
le konnt, gëtt dat mam neie Reglement ver-
hännert. D'Dauer vum Schwämmopenthalt
ass op 4, respektiv 2 Stonne limitéiert, et sief,
dass een nach eng Kéier bezilt. Déi Limit vum
2 Stonnen ass besonnesch fir déi Leit gedue-
echt, déi moies vun 10 bis 12 an owes vun
18 bis 20 Auer, also no der Aarbecht, vun der
Schwämm profitéiere wëllen.

Meng zwou Virriednerinnen hu vill Froen op-
geworf, déi och a mengen Aen deelweis ganz
berechtegt sinn. Mir waren och verschidde
Saachen opgefall, notament och firwat ee
bei der Famill op 2 Kanner limitéiert. Bon,
sou vill Kanner huet een tëschent 6 an 12
Joer och net, mee et ass awer méiglech, datt
een der dräi, respektiv véier huet. Fir et méi
einfach ze maachen, hätt een dann d'Kanner
kënnen einfach illimitéiert eraloossen. Ver-
schidden Terme sinn och schlecht gewielt.
Well an der mëttelster Kategorie gëtt ëmmer

vun „Etudiant“ geschwat. Ech menge ganz, datt dat „Elève“ solle sinn. Elève vun eisem Secondaire, wou se alleguer no 13 Joer rakkommen, wann een do Elève schreift, dann ass dat mol kloer, datt e bis – a lo kommen ech op d’Altersgrenz – déi steet nach ëmmer bei 15 Joer. D’Obligation scolaire, déi geet awer bis 16 Joer. Also misst een dat emol op jidde Fall änneren. An dann ass et kloer, datt eebe Jugendlecher vun 13, 14, 15 a 16 Joer da garantéiert mat deem e wéineg méi gönschtege Präis wéi d’Adulten erakommen. Alles an allem fanne mir als LSAP dat Reglement awer gutt a wäerten dat matstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci Här Claude.

JOS THILL (DÉI LÉNK): Merci fir d’Wuert. Dat wat d’Madame Kayser gesot huet, dat stëmmt. 2016, wéi d’Tariffer erhéicht gi sinn, do hate mer eis enthalten. Ech muss soen, dat neit Reglement, dat gefält eis relativ gutt. Mir sinn och frou, datt trotz deenen Émbauaarbechten d’Gemeng d’Tariffer prinzipiell net an d’Luucht setzt, mee op de Wee geet vun enger Beschränkung vun der Openthaltsdauer. An déi Openthaltsdauern, déi hei virgeschloe sinn, déi schéngen eis och raisonnabel. Flott fanne mer wierklech, datt fir Famillje mat Kanner e Familljentarif agefouert gëtt. Et stëmmt datt de Prozentsaz vun den Familljen hei am Land, déi 3 Kanner oder méi hunn, dat sinn 8 % vun der gesamter Bevëlkerung. A mir wäeren an deem Sënn natierlech och d’Accord, a mir géifen dat och wëschenswäert fannen, wann ee fir d’Kanner vill méi allgemeng géif opmaachen an déi Beschränkung op eent bis zwee Kanner géif ophiewen.

Dann hu mer eigentlech just nach eng Fro an e Wonsch. D’Fro, dat ass déi selwecht, wéi déi, déi d’Madame Heinen schonn erwänt huet. Wéi gëtt dat kontrolléiert, déi Entréeszäiten an déi Openthaltsdauern, déi jo da limitéiert sinn? An de Wonsch: wéint den Émbauaarbechten vun der oppener Schwämm a wéinst Covid konnten eng Rei Leit hir al Ticketen, also d’Carnets-Ticketen, net méi benotzen. An dofir wäere mer frou, a mir géifen et richteg fannen, wa lo de System ëmgestallt gëtt – eventuell op en elektronesche System, wann d’Leit dann awer hir al Ticketen nach kéinten ëmtauschen, fir dat neit System kënnen ze benotzen. An do wäere mer frou, wann de Schafferot eis kéint bestätegen, dass dat och sou gehandhaabt gëtt. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci Här Thill.

CLAUDE MARTINI (CSV): Just eng ganz kuerz Prezisiounsfro dozou. Fir eppes ze kompletéieren, wat d’Madame Kayser gesot huet. Dat mat de Maison Relais, mat de Familien, dat ass dat heiten: wann s du dënschdes an donneschdes wëlls mat dengem Kand

ëm zwou Auer an d’Schwämm goen, no der Schoul, éier et léiert vläicht. Et ass waarm dobaussen, da sees de: „Da gi mer no der Schoul nach e bëssen an d’Schwämm.“ Da geet dat net, well d’Maison relais bis 16:00 Auer do war. An dat fannen ech awer net korrekt, well ech fannen, dass de och als Erwuessene kanns mat dengem Kand an d’Schwämm goen, och wann eng Maison Relais do ass. Fréier si mer och mat der Waldschoul an d’Schwämm gaangen, da waren och aner Erwuessener do. Dass mer vläicht net eng grouss Mass vu Leit eraloossen ouni Kanner, doriwwer kann een diskutéieren. Mee dass awer eng Famill mat Kanner roueg ka vun 14 bis 16 Auer schwamme goen, dat ass fir mech total OK. An och wann eng Maison Relais dobannen ass, ech mengen net, dass mer do eppes géingen un der Sécherheet perturbéieren. Wéi handhaabt Dir dat gären an Zukunft? Fuere mer sou weider, wéi dat bis elo war, dass mer da réischt ab 16:00 an der Schoulzäit kënnen eragoen? Oder maache mer et awer e bësselche méi large, dass mer soen, déi mat de Familien, déi kënnen awer 1-2 Stonne schwamme goen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci Här Martini. Nach eppes, fir d’Froeronn ofzeschléissen? Dat ass net de Fall. Da géif ech d’Wuert weiderginn hei un de Loris.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo Merci lech alleguer fir déi konstruktiv Diskussionsureegungen. Ech probéieren och elo a menger Stellungnam, beziungsweis wann den Här Buergermeeschter nach Saachen drunhänkt, op all Punkt anzegoen, souwäit dat nach elo méiglech ass mat all deene Remarken, déi eebe komm sinn.

Grundsätzlech dierfe mer net vergiessen, dass mer hei e Gemengesservice hunn, eng Risenattraktioun fir eis Diddelenger, d’Familien, d’Kanner, d’Schwëmmer, d’Netschwëmmer an awer och Leit vun auswäerts. An natierlech, e Gemengesservice ass, sou wéi deene heiten, ni käschtedeckend an däers sollt ee sech, mengen ech, ëmmer bewosst sinn, wa mer lo hei iwwer déi verschidden Detailer diskutéieren. D’Éffnungszäiten, déi sinn elo do sou opgestallt, wéi se och am Konsens mat de Leit, déi d’Schwämm benotzt hunn déi lescht Joren, sou ausdiskutéiert gi sinn. Sou dass mer mengen, dass dat doten déi Éffnungszäite sinn – also ech schwätzen hei vun 10 Auer zum Beispill – wou awer déi meeschte kënnen dovou profitéieren, déi genau deen dote Service brauchen. Nichtsdestotz muss een d’Erfahrungen einfach eng kéier lo mol gemeinsam maachen. An da muss een eebe kucken, wéi dat éischt Joer ofleef. An dann hu mer jo ëmmer nach d’Méiglechkeet, Ännerunge virzehuelen, wat zumindest d’Éffnungszäiten ubelaangt. Sou dass ech do mol mengen: Kommt mer vertrauen do lo mol deem Service, déi dat do ausgeschafft hunn opgrond vun deenen Er-

farungswärter, déi se haten an deene leschte Joren an da wäert dat och schonn an der Praxis klappen.

D’Maison Relais, jo, dat ass effektiv en Thema. Mir probéieren, et och do e bëssen änlech ze maache wéi déi lescht Joren, wou vill Undrang war. Wou mer da gesot hunn, engersäits mussen a sollen déi Diddelenger Maison Relais sech umellen an da probéiere mer och mat hinne Plagen ze definéieren, wou lo net dee gréissten Undrang ass vum Public. Dass déi vläicht zu Zäite ginn, wou de Public net onbedéngt direkt drop zrëckgräift. Vläch e bësse méi fréi moies, also 10:00, dat ass och sou eng Plage, déi déi lescht Jore vill genotzt ginn ass vun de Maison Relais. Dass do lo net, wa mer schonn op de Limitte si vun eisem Commodo, deen den Ament bei 1.200 virgesinn ass, dass mer do net musse Leit dobausse loossen, well mer 2-3 Diddelenger Maison Relais hunn. Also do gëtt scho koordinéiert mat de Leit vum Service des Sports a mat de Responsabele vun de Maison Relais, fir dass do sou mann wéi méiglech Drock opkënn.

Déi Zäitlimit gëtt effektiv beim Rausgoen elektronesch kontrolléiert. A wann dann do festgestallt gëtt, dass déi Zäitlimit vu 4 Stonnen iwwerschritt gouf, da muss eebe do eng ganz Entrée nobezuelen ginn. Mat e bësse Wach vun enger Véierelsstonn, wou mer eis awer do ginn. Den Apparat ass dann eebe do net sou streng. Wéi gesot 15 Minutte Sputt hu se. Well et jo awer mol ka virkommen, dass ech ënnerwee opgehale ginn, dass ech nach mat engem muss schnëssen oder vläch e Kand awer nach méi laang Zäit brauch, dass mer do net ze streng sinn, wéi gesot.

Wat den Här Claude proposéiert huet, do kann ee gäre bei „Etudiant“ nach „Elève“ hannendrun hänken, fir dass dat och kloer ass, wien domadder gemengt ass. An och déi 16 Joer, fir deenen Diskussiounen aus dem Wee ze goen, ech mengen, du bass schoulflchteg ab 4 Joer an du muss 12 Joer Schoul scgemaach hunn, da bass de op 16. Dat kann een och sou adaptéieren. Da si mer och do an deem Sënn weider koherent.

D’Madame Heinen hat d’Beem ugeschwat. Do gëtt elo och nach nogeplazt. Dat bleift lo net sou fräi a plakeg, wéi et lo ass. Do hu mer jo och mat der Noperschaft zesummen e flott Konzept ausgeschafft, dass een engersäits mat Drot, mat Hecken a mat Beem de Siichtschutz och do garantéiert, dass béid Säite méi propper an natierlech ofgetrennt sinn. Do geschitt dann och nach eppes, wat sécherlech och nach fir zousätzleche Schied wäert suergen an der oppener Schwämm, wann dann am Summer d’Sonn wäert hofentlech drécken a knallen.

Den Artikel zu der Famill. Dat ass en neie Moment muss ee soen. Dat hate mer virdru

guer net. Lo kann ee wierklech diskutéieren, ob een nach méi drunhänkt. Mir hunn et lo sou geholl. Den Här Thill huet et och ugedeit, dee gréissten Deel vun den Familien ass eeben eent an zwee Kanner. Et ginn awer och Famille mat méi Kanner. Do kann een elo alles gratis maachen. Mee ech weess awer net, ob een dee richteg Message gëtt, wann een ze vill gratis ubitt. Dofir fannen ech dat heiten e gudden Usaz, wou ee seet: Komm mir maachen dat heite mol fir 1-2 Kanner. Natierlech ginn et ëmmer erëm Luusserten, déi kënne vun engem System profitéieren. Dat gesi mer an all Beräich an dat bleift och hei net aus. An nach ass et un eis, fir e gewëssene Kader ze setzen an da gi mer trotzdeem dovun aus, dass mer zu Diddeleng ganz vill Éierlecher hunn, an och déi, déi op Diddeleng kommen awer gréisstendeels éierlech sinn a sech un dat Reglement do halen. A verschiddener kënne sech jo dann och deemtsprechend ausweisen. Et ass jo awer net, dass dat lo iwwerstreng gehandhaabt gëtt. Do sëtze jo och Leit, Mënschen an der Keess vum Diddelenger Personal, vun eiser Gemeng, déi awer och do dat néidegt Fangerspëtzegefill haten an deene leschte Joren, fir domadder kënne anstänneg a mënschlech ëmzegoen.

Ech mengen, dass ech elo fir den éischte Jet mol geäntwert hunn. Ech géif vläicht nach eng Kéier dem Här Buergermeeschter d'Wuert ginn an nach eng Kéier meng Notten iwwerkucken, falls nach eppes feelt. Bezéiungsweis, Dir kënnt lech jo och nach eng Kéier mellen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Loris Spina fir déi doten Erklärungen. Ech wollt nach just op zwee Punkten agoen. Déi Iwwerleeung vum Familiepass, déi hei opgegraff gouf, dat ass eng Pist, déi ee sécherlech ka weiderdenken. Et muss een nach kucken, ënnert wéi enger Form. An nach kritt e Familiepass jo nach eng ganz Rei Parametere. Dir hutt et jo selwer – gesot, d'Kultur – an dat kréie mer hei haut de Moien net geléist. Mee d'Iwwerleeung en tant que tel soll ee mengen ech roueg ophuelen a weider dru schaffen. Ech mengen dass dat ganz interessant a ganz positiv ass. Par Konter maachen ech awer net déi selwecht Lecture wéi d'CSV par Rapport zum Familientarif, dass Der sot, deen ass superfétatoire. Do musst Der mol kucken, de Loris Spina sot jo, et ass en neie Moment. Wat bezilt dann eng Famill elo, wa se an d'Schwämm geet, mam aktuelle Reglement? Do bezilt en Erwuessenen, wa mer déi heiten Dispositiounen huelen „un adulte et un ou deux enfants jusqu'à l'âge de douze ans inclus“, wa mer mol einfach dat Beispill huelen. Do bezilt en Adulte an der oppener Schwämm den Ament 5 Euro. Wann en da mat sengen zwee Kanner geet, dat ass 2,50 Euro pro Billjee, da bezilt en 10 Euro. Bei där doten Dispositioun, wou mer hei am Taxereglement hunn, bezilt e just nach 5 Euro. Wa mer géife soen, do kënnt déi drëtt Persoun nach dobäi, da bezilt en, een

Erwuessene mat dräi Kanner, dat Beispill, dat Der zitéiert hutt, dann ass den Tarif 12,50 Euro, wou et dann hei mat där neier Dispositioun deemtsprechend 7,50 Euro sinn. Also dat ass e Rechebeispill, wat palpabel ass. Also dat ass awer eng Approche, wou mer hei an Diddeleng d'Famille ganz kloer ënnerstëtzen. A mir maachen dat heite jo net fir d'„usual Suspects“, fir déi ze nennen, respektiv fir d'Luusserten, wéi d'Madame Kayser et gesot huet an den Här Spina, mee fir déi Familien, déi wierklech déi ëffentlech Schwämm, déi oppe Schwämm hei wëllen notzen. Fir si ass dat heiten awer en Tarif, deen de Famille largement entgéint kënnt par Rapport zum aktuellen Tarif. An ech mengen, dat ass jo och dat wat mer och hei maache wollten.

LORIS SPINA (LSAP – Schäffen): Jo effektiv, Merci fir d'Wuert. Zwou Infoen, déi ech awer vergiess hat, weiderzeginn. Effektiv, déi Leit, déi Billjeeën, Carneten oder Änleches schonn haten, déi solle sech mam Service des Sports a Verbindung setzen. Déi entfalten natierlech net, an déi kënne dat notze fir déi nächst Entrée an der oppener Schwämm. An effektiv, d'oppe Schwämm an d'zoue Schwämm, dat sinn an deem Sënn awer ënnerschiddlech Servicer. An eng Schwämm déi zou ass, do gees de éischter dohinner fir e bëssen ze schwammen, fir sech e bëssen ze ameséieren. Woubäi's de an der oppener Schwämm vill méi Zäit dra verbréngs an eng ganz Infrastruktur ronderëm nach méi notz. Dofir mengen ech, dass dat awer scho Sënn mécht, do zwee verschidden Tariffer unzibidden. An der Message vun der Kommunikatioun, bezéiungsweis um Site vun der Gemeng, deen huele mer och sou mat, dass mer kucken dass mer do e bessere Lien maachen tëschent dem offizielle Site vun der Gemeng, bezéiungsweis vum Sport a vum Service des Sports, also dat huele mer och gäre mat op de Wee. Dat wollt ech nach drunhänken. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo, Madame Kayser.

MICHELE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci. Mir stellen dat guer net a Fro, dass dat gutt ass, dass d'Famille méi bëlle rakommen, mee mir fannen et e bëssen onglécklech, oder wierklech net gutt, dass mer d'Kannerzuel limitéieren op just 2 Kanner. Well aus menger Erfahrung, och wann 8% vun de Famille méi wéi 3 Kanner hunn, mir denken och hei un d'Famille recomposéeën a sou weider, also do si vill Familien, déi méi wéi zwee Kanner hunn. Dofir fanne mir dat net glécklech, dass dat op 2 limitéiert ass. Wa mer wëllen een Incentive maachen, fir de Familien entgéint ze kommen, da fannen ech dass een dat awer weinstens bis 5, well 5 ass hautzedaags gängeg, wann s De eng Famill recomposée bass, hues de awer oft 5 Kanner. Dann de Punkt 1.3.b. Dat musst Der awer zouginn, deen ass total superflu. Well dat ass par Rapport zum 1.3.a keng Ausso. Dat wollt ech

awer nach soen, dat fanne mer inkoherent. Dann, zu den Ouvertureszäiten. Den Här Spina huet gesot, déi si wéi se waren. Vlächicht kann een dat awer nach eng Kéier kuerz rappelléieren, wéi se sinn an och wéi d'Plag si fir de Public, och an der Schoulzäit. Wéi ass dat ugeduecht? Net dass et sou geet, wéi den Här Martini gesot huet. Et ass awer wichteg, de Leit dobaussen och lo schonn ze soen: Wéini kënnt dir mat äre Kanner an d'Schwämm goen.

An dann hunn ech déi Iddi vun der Madame Heinen extrem gutt fonnt mat de Reservatiounen. Ech hat mol net dorunner geduecht. Effektiv, um Stauséi huet dat gutt geklappt. Dat wär awer vlächicht nach eppes, wat een och nach kéint mat op de Wee ginn, dass een dat soll iwwerleeën. Dass eeben, wann et déck waarm ass, wann s de mat denge Kanner kënns, dass de dann einfach direkt kanns eragoen. Do misst een awer och nach vlächicht eng Méiglechkeet fannen, souvill Plagen ze reservéiere fir Reservatiounen. Dat wär awer op jidde Fall eppes ganz Sënnvolles. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Loris.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, dat kënne mer gäre mathuelen. Mat de sanitäre Restriktiounen, déi mer haten, do si mer jo och iwwer Reservatiounen gefuer, sou dass et do schonn eng Basis gëtt, fir sou kënne ze schaffen. Da muss ee kucken, ob een dat kann transposéieren op den oppenen Deel vun der Schwämm. Dat kann eventuell Sënn maachen. D'Öffnungszäiten, do géif ech mech lo net ze wäit aus der Fënster erausleenen, well een och do muss waarden, wéi wäit eis do Covid nach verschidde Méiglechkeete gëtt. Sou dass een do lo awer keng fix Ausso sollt maachen. Do huet d'Vergaangene gewisen, dass eise Service des Sports méi wéi flexibel ass an do sécherlech flott Léisunge fënnt. Also wat de Punkt 1.3. ubelaangt, wann de Gemengerot der Meinung ass, mir sollten dee b do ewechhuelen, dass dee superflu wier, domadder kënne mir och gutt liewen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Och hei muss een zwar soen, dass d'Rechebeispill: 2 Erwuessener, dat ass jo Papp a Mamm mat hiren zwee Kanner an d'Schwämm ginn. Actuellement en Erwuessenen: 5 Euro. De Papp bezilt 5 Euro, d'Mamm bezilt 5 Euro, dat éischt Kand 2,50, dat zweet Kand 2,50, da si mer rechneresch bei 15 Euro. Mat där doter Dispositioun si mer bei 10 Euro. Dat eent ass, wa Famille monoparentale oder just de Papp oder just d'Mamm mat hire Kanner an d'Schwämm ginn, an den 1.3.b ass wann déi zwee Erwuessener, Papp a Mamm, mat hiren engen oder zwee Kanner soen, hei mir ginn zesummen an d'Schwämm. Et ass ëmmer nach en Tarif, deen en faveur ass vun de Familien an dofir gesinn ech deen net als superfétatoire.

Iwwert d'Zuel kann een och nach diskutéieren. Et kann een och nach bis Maximum 3 Kanner ... Mee 5 mengen ech, mir mussen awer e gewëssene Kader och setzen an och net vermëttelen, dass alles gratis ass. An ech muss jo och eng gewësse Logik hale par Rapport zum Familljentarif.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): An de Familljentarif, fir dat nach eng Kéier ze preziséieren, do och en zousätzlecht Kand, dat kascht dann 1 Euro. 1 Euro Entrée fir 4 Stonnen an enger oppener Schwämm, mir kommen de Leit do scho ganz ganz vill entgéint. Wéi gesot, och mat den Öffnungszäiten. All Stonn, déi ech dann drunhänken an opmaachen, kascht mech jo och als Gemeng deemtsprechend méi. Well dann ass da jo och méi Personal. D'Botzekippe mussen anescht agesat ginn, de Schwammmeeschter muss éischter an den Asaz kommen, Weekends muss d'Ekippe ronderëm de Gardiennage, déi extern Leit, mussen éischter an den Asaz. Do kënnt jo ëmmer e gewëssene Rateschwanz hannendrun, an op dat dann den Opwand wäert ass fir e puer Leit, déi virun 10:00 géife kommen... Dat muss een och alles ëmmer erëm mat consideréieren, dat huet awer och e finanziellen Impakt, woubäi mer alleguer wëssen, dass dat heiten e Service ass, deen d'Gemeng vill Sue kascht.

MICHELE KAYSER-WENGLER (CSV): Also, éischters mol, därf een haut iwwerhaapt nach soen e Papp an eng Mamm an zwee Kanner? Dat ass eng Thematik, déi mer lo hei net wëllen erëffnen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Oder zwee Pappen oder zwou Mammen, egal.

MICHELE KAYSER-WENGLER (CSV): Neen, dat do war lo just Anekdot. Mee et ass d'Saach vun de Fraisen. Et ass wéi Dir sot. Mir ginn net räich mat den Ticketen. Ech hunn d'Rechnung gesot gehat. 2019 hu mer 157.000 Euro vun all eisen Ticketen erakritt, a mir hunn 1,9 Milliounen Euro bezuelt fir d'Piscinen, Dépenses ordinaires. Dovu sinn 1.270.000 Euro fir d'Personalfraisen. Dat ass scho wouer. Do kënnt et op eng Stonn Botzfra oder Botzpersonal och net un. Ech mengen dat ass keen Argument fir ze soe mir maachen elo net op virun 10 Auer. Dann och de Gardiennage. Dat huet eis 20.000 Euro kascht, déi Zäit, wou d'Piscine normal op war. Ech menge Gardiennage muss mer egal wéi bezuelen, och wa verschidde Leit mengen, sou eng privat Gardiennage-Firma wär net ëmmer sou eng gutt Saach. Mee bon, dat ass och erëm eng ganz aner Diskussioun. Wéi gesot, mir fannen einfach d'Inkoherenz hei an deene verschiddenen Tariffer, och elo mat e bësse Korrektur, mat Ären Argumentatiounen si mir net ganz frou. Dofir géife mir eis lo mol hei bei deem Taxereglement enthalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech hunn och nach eng Kéier eppes nozefroen. De Carnet, dat hat ech virdru gefrot, ass dat nach ëmmer Pabeier oder ass dat en elektronesche Bändchen? An dann hunn ech awer e Problem och mat deenen 2 Stonnen a 4 Stonnen. Hunn ech dat lo richtig verstanen: Wann ech tëschent 10 an 12 Auer kommen an tëschent 18 an 20 Auer, dann däerfe just Leit kommen, déi 2 Stonne kommen? Well wann ech elo awer moies ëm 9 kommen an ech soen, ech wëll just 2 Stonne bleiwen, dat geet dann awer net. Also dat kéint awer do e bësse Konflikter da bréngen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech wollt eis Meenung nach eng Kéier soen, vun der LSAP-Fraktioun. Mir sinn éischters mol der Meenung, jo déi Äntwert, déi de Schafferot hei proposéiert, déi ass komplex. Fir verschiddeener ass se vläicht ze komplizéiert. Mee si gëtt och eng Äntwert op déi komplex Situatioun, wéi d'Famille sech haut zesummesetzen. A wann een zu jidderengem seet: Maach mol d'Rechnung, huel déi al Präisser, huel déi nei Präisser. An da gesäit een einfach, dass hei trotzdeem dës Majoritéit gekuckt huet, fir de Leit alleguer entgéint ze kommen. An et gi warscheinlech keng einfach Äntwerten op déi komplex Situatioun, wéi d'Familien a wéi d'Leit sech einfach zesummestellen, déi d'Piscine benotzen. Dat war meng éischt Bemierkung.

An déi zweet Bemierkung ass, dass mir einfach der Meenung sinn, och wann et net vill ass, mee einfach hei de Solidaritéitsgedanke spillt. Dat heescht, dass jiddwereen e kleng Bättrag zu deene Servicer bäidroen soll, déi offrëiert gi vun der Gemeng fir d'Allgemengheet. An dat hei ass, mengen ech, duerchaus drobar. An dofir si mir och net der Meenung, dass mir sollen op de Wee goen fir Saachen total gratis ze maachen. Natierlech, wa mer ëmmer vergläichen, wat kënnt op där enger Säit eran, wat muss op där aner Säit bezuelt ginn, fir déi Servicer oprecht ze erhalen, da kéinte mer bei allem soen: Bréngt dat et nach? Komm, mer ginn alles gratis. Ech mengen hei soll einfach de Solidaritéitsgedanke spillen. A wa jiddereen hei e kleng Beitrag leescht, dann dréit dat och zum Gemeinschaftsgefüll bäi. An ech mengen dat ass fir eis duerchaus drobar. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MICHELE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hu just nach eng Fro, dat ass elo grad opkomm. Wéi ass dat z.B. wann d'Kanner mat der Maison Relais ginn? Wie bezilt do den Entrée?

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Fir déi lescht Fro direkt opzegräifen. Do sinn d'Tariffer gratis. Dat ass e Service, wou mer fir eis Gemengeservicer ubidden, wou mer soen, wa Kanner an der Maison Relais sinn, da wier et jo komesch wann d'Gemeng der Gemeng do Sue géif bezuelen. All Aktivitéit, déi d'Gemeng am Kader vun der Maison Relais mécht, do bezilt jo dann d'Maison Relais. Et ass änlech wa mer heihinner komme mat Kanner. Wann hei Liesunge sinn, wann hei Theaterstécker sinn, wann do eng Maison Relais kënnt, dann ass et ëmmer gratis. Änlech ass et bei de Schoulen, déi bezuele jo dann och näischt. De Carnet, deen ass effektiv nach ëmmer physesch, also e Pabeierscarnet. Do gëtt et kee Badge a keen Chip oder sou. An dat mat den 2 a 4 Stonnen, ech mengen dat ass dann un de Leit fir ze decidéieren. Fir ze soen, wann ech ëm 10:00 Auer kommen, ech bleiwe just fir ze schwammen oder ech bleiwe méi laang an da bezuelen ech den normalen Tarif. Do ass et de Leit dann iwwerlooss. Wéi gesot, mir kennen eis Pappenheimer, déi am Prinzip dohinner komme fir ze schwammen. An dat gëtt jo herno bei der elektronescher Kontroll kontrolléiert wa se rausginn. Voilà. Ech mengen dat waren elo déi lescht Bemierkungen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Madame Kayser.

MICHELE KAYSER-WENGLER (CSV): Sorry, wann ech mech net ginn. Mee am Sënn vun der Solidaritéit an der Équitéit. Wann d'Maison Relais-Kanner näischt bezuelen, an de Papp mat senge Kanner muss bezuelen, dat fanne mir net gutt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): D'Maison Relais ass jo net gratis.

MICHELE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo mee d'Entrée an d'Piscine ass awer deen Ament gratis.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Wéi gesot, mir hunn d'Optioun geholl, fir als familljefrëndlech an och ënnerstëtzend Gemeng, déi kulturell Ugebueter déi mer hunn, beziungsweis och déi sportlech Uebeuter, de Maison Relais an de Schoule gratis zur Verfügung ze stellen, well déi sech jo iwwer aner Weeër do engagéieren. An ech gesinn eis awer wierklech schlecht als Gemeng e Kannergrupp aus der Maison Relais, déi z.B. en Theaterstéck gesinn, ze bezuelen. Beziungsweis och fir an eng Schwämm ze goen, wou se da mussen der Gemeng Sue ginn. Dat ass zumindest fir eis de falsche Wee.

MICHELE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn et just ëmgedréit gemengt. Da kommt mer loossen d'Kanner alleguer bis 12 Joer gratis ran iwwerall. Dat wär e Message als kannerfrëndlech Gemeng. Dat wär super, da géife mer mega do stoen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Dat wat mer hei maachen ass jo näischt Anesches wéi och an anere Gemengen. D'Maison Relaisen an effektiv effentlech Institutioune wéi Maison Relaisen a Schoulen, déi vun der Schwämm profitéieren. Do kann ech aner Beispiller vun anere Gemenge soen, wou et och sou ass. Ceci dit, géife mer awer nach Ännerunge maachen an dësem Taxereglement. No dësen Diskussiounen géife mer den Alter op 16 setzen an „Élève“ derbäisetzen, fir dass dat méi prezis ass. An da muss een dat ulafe loossen. An da kucken, wat d'Reaktioun an d'Erfahrungswärter sinn. Mat deenen doten Ajouten, respektiv Modifikatiounen géif ech proposéieren, dass mer vum Vott iwwerginn.

Wien ass mat dësem Taxereglement averstanen? D'Stëmmen vun LSAP, eisem onofhängege Member an Déi Lénk an Déi Gréng. Wien ass dergéint? A wien enthält sech? Dat ass d'CSV.

3.8. ÄNNERUNGEN UM KAPITEL XXXV – TAXE D'OCCUPATION TEMPORAIRE VUM DOMAINE PUBLIC – VUM ALLGEMEINEN TAXEREGLEMENT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Gutt, da géife mer och deen nächste Punkt iwwergoen, dat ass d'Taxe d'occupation temporaire du Domaine public, an do muss mer eng Modifikatioun maachen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Mir hate jo am Gemengerot vum 11. Dezember d'lescht Joer d'Modifikatioun vum Taxereglement, Kapitel 35 gestëmmt. Wéi de Buergermeeschter richteg sot, Taxe d'occupation temporaire du Domaine public heescht dat. Do huet awer leider d'Cellule juridique vum Interieur Problemer mam Artikel 7, dat heescht mat der Amende vun 100 Euro wann ee sech net un d'Reegelen hält. An hiren Ae sollt dëst an d'Police-Reglement vun der Gemeng geschriwwen ginn. Eise Sekretär an de Service Circulation, déi hunn do nach eng Kéier Récksprouch mam Ministère geholl an den Artikel 7 elo ëmgeschriwwen, sou datt et elo eng zousätzlech Tax ass a keng Amende. An déi aktuell Schreifweis ass dann elo fir de Ministère, respektiv seng Cellule juridique vum Ministère de l'Interieur konform a kann also sou gestëmmt ginn. An et ännert och näischt um Text par Rapport zum Dezember.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci Claudia. Froen dozou? Remarken? Dat ass net de Fall. Da kéinte mer doriwwer ofstëmmen. Wien ass mat där Modifikatioun hei averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

3.9. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DE REMPLACEMENT VUN DER CHAUDIÈRE AM CENTRE DE DOCUMENTATION SUR LES MIGRATIONS HUMAINES

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Da géife mer op e puer Devisen iwwergoen am Kader vun der Exekutioun vum Budget 2021. Dat ass am Centre Doc, am Centre de Documentation sur les Migrations humaines, do muss d'Chaudière gewiesselt ginn. Déi ass vun 1996, huet also schon e puer Joer um Bockel. An dat kascht 20.000 Euro, fir déi kënnen ze wiesselen an och fir nei Standarde kënnen ze erfëllen. Ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen? **Dat ass unanime**, da soen ech lech villmools Merci.

3.10. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR DEN NEIE BUEDEM AM ALE GEBAI VUN DER SCHOUL GAFFELT.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Da gi mer eriwuer an d'Gafelt, do muss de Buedem frëschgemaach ginn. An der Gafelter Schoul, dat sinn Aarbechte fir 65.000 Euro, dat ass den Devis. Dat ass den alen Deel vun der Gafelt. Do ass jo de Moment Mosaik um Buedem, dat geet alles lass. Dat muss ersat ginn a gëtt duerch Kautschuk ersat, well Kanner oft do spillen. Dat ass mat 65.000 Euro, wou dat zu Buch schléit. An et si 5 Klassen, wou dat soll sinn. Ass de Gemengerot och mat deem doten Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.11. DEVIS ESTIMATIF FIR DE REMPLACEMENT VUN DE LËFTUNGSRÉIER AM JUDOSSALL AM SOUS-SOL VUN DER SCHOUL GAFFELT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Mir bleiwen an der Gafelt, ginn awer do an de Judossall. Do mussen d'Conduité vun der ganzer Ventilatioun frëschgemaach ginn. Dat sinn 30.000 Euro. D'Leitung leeft do ënnerierdesch a muss frëschgemaach ginn an dat gëtt an Ofsprooch mam Veräin eng Kéier an enger Vakanz gemaach. Ass dem Gemengerot och mat deem doten Devis vun 30.000 Euro averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech villmools Merci.

3.12. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTALLATION VUN ENGEM BLITZABLEITER AN DER SCHOUL ITALIEN.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Da gi mer eriwuer an déi aner Schoul, an de Quartier Italien. Do muss mer e Parafoudre, als e Blitzableiter installéieren. An dat ass eng Zomm vun 43.000 Euro. Ass de Gemengerot och mat deem Devis averstanen? **Dat ass och unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.13. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'MISE EN CONFORMITÉ VUM HAAPTTABLEAU FIR DE STROUM AN DE GEBAIER A A B VUN DER SCHOUL STRUTZBIERG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): An da gi mer eriwuer an déi aner Schoul. Dat ass de Strutzbiereg. Do muss mer den Haapttableau fir d'Elektresch fir d'Gebai A a B frëschmaachen. Dat ass wéinst Aarbechte vun der CREOS an d'CREOS wäert deen dann och deplacéieren. An dat bréngt natierlech mat sech, dass, wann d'Haapttafel erneiert gëtt, dat dann och positiv ass fir déi zwee Schoulgebai, well déi dann do dann och eng up-to-date Infrastruktur hunn. An dat schléit mat ronn 15.000 Euro zu Buch am Devis. Och domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

3.14. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTALLATION VUN ENGEM TRAFI FIR DE BOUCLAGE VUM RESEAU AN DER RUE RIBESCHPONT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): An da bleiwe mer bei eise Schoulen. Mir ginn op de Ribeschpont, wou mer den Trafi fir de Bouclage vum Réseau muss frëschmaachen. An dat maache mer fir och do d'Situatioun ze verbesseren. Well wann dann eng Pann wär, da kann dat weider awer fonctionéieren. Dat heescht, mir sinn do méi autonom. Dat heescht natierlech mir mussen dee ganze Gruef do zéie mat der CREOS zesummen. Voilà, ech mengen och dat ass positiv fir d'Schoul selwer am Fall vun enger Pann. Ass de Gemengerot och domadder averstanen? **Och dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3.15. FIXATION VUN DEN INDEMNITÉITÉ FIR DÉI ALLGEMENG VOLLEKSZIELUNG VUM 1. JUNI 2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Da gi mer weider, an zwar op de Recensement. Do ass et jo sou, dass dee viraussichtlech am Juni soll stattfannen. Dee sollt jo schon am Februar stattfannen, mee duerch déi ganz Pandemieskris ass jo festgehale ginn dass de Report gemaach gëtt op Juni 2021. Et ass jo dëst Joer eng ganz nei Prozedur, wou vill online gemaach gëtt a virun allem de guichet.lu. Et ass jo sou, dass de Statec hei de Lead huet an d'Gemengen do mathëllefen. Bon, et läit am Ermiesse vun der Gemeng, Agents de recensement ze hunn, wéi mer dat och schon 2011 haten. Well de Recensement, Vollekszielung op Lëtzebuerger, jo all 10 Joer stattfënnt. An do ass et sou, dass jo och de Staat eng ganz Rei Indemnitéité gëtt fir déi Agents recenseurs, an do ass et natierlech sou dass mir, op dat wat de Staat gëtt, nach eng Kéier dat selwecht drop leeë fir déi Agenten. Dat heescht, de Staat, dee gëtt 25 Euro wann een bei der Séance d'information matmécht. Dofir gi mir nach

eng Kéier eppes drop. Dat heescht, mir gi 50 Euro dem Agent. Par Immeuble recensé gëtt de Staat 1 Euro, a mir setzen nach eng drop, dat heescht, da kritt en 2 Euro. Par Logement recensé kritt een 2 Euro a mir ginn och dat Duebelt drop, da kritt ee 4 Euro. A par Personne recensée ass et 1,20 Euro, an do gi mir och nach eng Kéier dat selwecht drop, och 1,20 op 2,40, als Incentive, fir och déi Leit ze rekrutéieren bei hirer Tâche. De Recrutementsprozess ass am Gaang, fir dass mer dann och am Juni startbereet si fir dann dat do kënnen ze maachen. Froen dozou?

MICHELE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Dir hutt gesot, 2011 war déi lescht Vollekszielung. Du ware mer an enger komplett anerer Zäitschinn, an engem komplett aneren Zäitalter. Mir ware virun allem net a sou enger digitaliséierter Welt. A mir ware virun allem net an enger Coronazäit. A lo kommen ech dann och op de Punkt. Éischtens mol zu der Formation, zur Participation à la séance de formation. Do huelen ech lo mol un, dass déi wäert jo online sinn. Ech huele lo mol net un, dass déi Leit sech mussen deplacéieren, sech fräi froen, fir dohinner ze goen. Dat heescht, do ass d’Fro, firwat do nach eng Verdueblung vun der Indemnitéit muss gemaach ginn, dat ass jo e komplett neie Moment. Zweetens: Wéi vill Recenseuren hu mer? Wéi vill Recenseure brauche mer? Dir hutt et gesot gehat, et gëtt alles méi digitaliséiert. Um Ziedel vun der Statec steet souguer, dass een de Questionnaire kann iwwer myguichet.lu ausfüllen. Dofir ass meng Fro: Ass dat iwwerhaupt nach zäitgeméis, dass een d’Leit lass schéckt, un Diere schelle léisst, fir deene Leit dann en Ziedel an de Grapp ze drécken. Ech fannen dass dat och national e bëssen anescht misst gekuckt ginn.

An zweetens, mir als Diddelenger Gemeng. Wie schécke mir do op den Tour? Wéi siche mer déi Leit eraus? Sinn dat nëmme geimpfte Leit, fir dass déi net och nach eng Gefor si fir eng eeler Populatioun, wou se vläicht wirklech mussen eng Hand mat upaken, fir den Ziedel auszufüllen. Ech géif mengen dass dat eng absolut Néidegkeet ass. Zweetens, als Alternativ, moies e Schnelltest, éier se op den Tour ginn. Dat ass en absolute Must, well soss fannen ech et onverantwortlech, wa mir géife Leit op den Tour schécken. Wa mir e Superspreader dobäi hunn, deen dann eng ganz Strooss infizéiert, da wëll ech awer net gesinn, dass Diddeleng an der Press steet, dass beim Recensement vun der Vollekszielung mir souvill Leit infizéiert hunn. Mir fannen dass dat heiten eppes ass, wat net lo de Moment ass fir duerchzuféieren. Virun allem net dee Porte à Porte. Mir hu sou gutt opgepasst, dass mer déi Leit, déi vulnerabel sinn an déi nach laang net all geimpft sinn – nach laang net all – an och nach net bis den 1. Juni wäerten duerchgeimpft sinn, fir dass mer déi net a Gefor brénge fanne mer dat heite keng gutt Saach, kee gudden Moment.

Vläicht dass Dir dee Message och national mol weider drot. Mee dat heiten ass eng obsolet Geschicht, déi fousst op Realitéite vun 2011, mee awer net méi vun 2021.

BOB CLAUDE (LSAP): Ma ja, ech wollt just soen, dat een effektiv déi lescht Vollekszielung mat myguichet.lu maache konnt. Ech hunn et gemaach. Ech ginn dovun aus, dass ëmmer méi Leit dat maachen, automatesch. An et ass ganz einfach. Déi Vollekszielung, dat ass eng Saach vun dräi Minutten, net méi, wann ee se doheem mécht. Et ass einfach. All Fro ass och verständlech. Sou komplizéiert ass dat guer net. An dofir mengen ech datt een effektiv soll Appelle maachen, also de Ministère, de Staat soll Appelle maachen, datt sou vill wéi méiglech d’Leit dat online maachen. Da sinn all déi aner Bedenken, wou gesot gi sinn, da sinn déi iwwerflësseg. Merci. **DAN BIANCALANA** (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Claude. Här Thill. **JOSEPH THILL** (DÉI LÉNK): Jo, eng Remark och zum Zäitpunkt vun der Enquête, deen do virgesinn ass. De Statec mécht och aner Enquêtes, vill méi grouss. Ënner anerem eng, déi heescht Enquête “Budget des Ménages”. Obschonn datt um Site vum Statec nach steet, d’Enquêteure géife bei d’Leit goen, an d’Haus eran, sinn d’Instruktiounen vum Statec ganz kloer, datt déi Enquêteuren net däerfen an d’Haiser eran. Dofir déi selwecht Fro wéi d’Madame Kayser. Dat ass menger Meinung no och eng national Fro. Also ech fannen deen Zäitpunkt hei vun där Enquête einfach net opportun.

Dann eng zweet Fro. Eng Remark awer och iwwer den Text, dee mer virleien hunn, wou och drasteet, datt d’Gemeengebeamte fir de Contrôle vun deene Recensements-Béi eng Primm vu 40 Cent pro recenséierter Persoun géife kréien. Dat mécht ëmmerhin e Käschtpunkt vun iwwer 8.500 Euro aus. A sou eng Primm schéngt eis haut tatsächlech net méi ubruecht. Fréier huet déi Kontrollaarbecht vläicht zu Iwwerstonne gefouert an déi waren dann onbezuelt. Haut, mam Hoiraire mobile, maachen déi Gemeengebeamten déi Kontroll integral an hirer normaler Aarbechtszäit. A mir gesi wirklech net an, firwat dofir nach eng zousätzlech Primm misst bezuelt ginn. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da ginn ech op déi verschidde Punkten an. Ech sinn e bëssen iwwerrascht iwwer verschidde Proposen, déi hei gehale ginn. Well d’Press jo awer an der Lescht ganz vill iwwer d’Prozeduren an d’Modalitéite vun der Vollekszielung bericht huet. Éischtens. Zweetens, d’Vollekszielung, do ass Diddeleng jo keng Insel, mir maachen dat jo net nëmme hei an Diddeleng, dat ass jo national. An de Statec, deen huet den Auftrag dat ze maachen, an e brauch d’Gemeenge fir dat ëmzesetzen. A wann en d’Gemeenge brauch, fir dat ëmzesetzen, da brauchen

d’Gemengen natierlech Agenten, déi nieft hirer Aarbecht – den Agent recenseur mécht dat hei jo net während senger Aarbechtszäit, mee no hirer Aarbecht – hei aktiv ginn. Dat heescht, déi Leit maachen dat an hirer Fräizäit. A wa mir gärén hätten, dass si dat heite maachen, musse mir hinnen awer och e finanziellen Incentive gi fir dat ze maachen. Ech wëll lech soen dass déi Tariffer, déi de Staat hei bezilt déi selwecht Tariffer si vun 2011 an och virdrun. A mir fannen et wichtig, wa mer Leit brauchen, fir dat ze maachen, wéi gesot, 2011 hate mer ëm déi 70 Leit hei an Diddeleng, déi Agent recenseur waren. Mee well dat jo och en Effort war, mussen déi Leit och en Incentive kréien, fir déi doten Aarbechten ze maachen, well mer brauche se. Och wann 2011 den Undeel vum Ausfille vum Formulaire online, respektiv via myguichet.lu nach minim war, sou wäert grad eeben och wéinst der Pandemie vill méi staark drop zrëckgegraff ginn. Et ass sécher dass d’Leit – an dat stoung awer an der Press, dofir ass dat mengen ech keen neie Moment – e Courrier heemgeschéckt kréie mat engem Code. Si mussen net iwwer guichet.lu fueren, mee si kënnen et iwwer guichet.lu maachen. Si kréien e Code, wou se sech kënnen aloggen an dat online ausfüllen an dat kënnen iwwer guichet.lu maachen. A wou brauche mer herno dann d’Agents recenseurs? D’Agents recenseure brauche mer herno bei der Ofstëmmung. Well alles, wat iwwer online leeft, dat kritt de Statec jo matgedeelt an de Statec seet dann de Gemengen, hei dat heite sinn déi Leit, déi an den Delaie vun der Online-Prozedur nach net de Formulaire ausgefëllt hunn. An d’Vollekszielung ass jo maassgeblech fir déi nächst Joren. Quitt dass jo virgesinn ass ab 2024 all Joers eng Vollekszielung ze maachen.

A fir der Madame Kayser ze äntweren: Mir beweegen eis hei an engem reglementaresche Kader, an engem europäesche Kontext. Dee virschreift, dass eng Vollekszielung all 10 Joer stattfënnt. Dat wat fir Lëtzebuerg gëllt, gëllt jo dann och fir all déi aner europäesche Länner. Et ass lo keng „Sauce luxembourgeoise“ an där mir eis hei beweegen, mee mir fueren an engem europäesche Kontext. Déi Leit, wou mir, d’Gemeng an d’Agents recenseuren, matgedeelt kréien, dass déi net online verfuer sinn, ma do wäert natierlech den Agent – wat 2011 net méiglech war, mee wat mer kënnen maachen – deene Leit dat an d’Boîte geheit. Dann huet e fir Persounen, déi dat ausfüllen – 2011 war dat natierlech méiglech – 2021, hätte mer net d’Pandemiekris, wär et sécherlech och nach méiglech. Wann d’Leit da Froen haten, souz een um Kichendesch an d’huet ee mat de Leit de Formulaire vun der Vollekszielung ausgefëllt. Sou war dat, an dat wär och elo nach esou, wa mer net d’Pandemiekris hätten. Mee hei ginn et dann awer e puer Méiglechkeeten, wann d’Leit Froen hu par Rapport zu hirem Formulaire, maache mer dat selwecht wéi 2011. Da kënnen d’Leit sech och ganz gärén

un hiren Agent recenseur wennen. Déi wou wëllen, kënnen hir Telefonsnummer hannerloossen, wou se ugeruff kréien. Respektiv huet awer och de Statec eng Aart Call Center, wou d'Leit kënnen uruffen, a wou d'Mataar-bechter vum Statec – well dat heite jo eng national Organisatioun ass, mat de Gemengen zesummen – zur Verfügung sti fir d'Leit ze leeden als Hëllefstellung fir de Formulaire auszufüllen. Also ze soen, dass et net opportu ass, deelen ech net sou. Well mer awer un e reglementaresche Kader gebonne sinn, en europäeschen, deen erfogsat gëtt um nationale Plang fir déi europäesch Memberlänner. An am Kader vun 2021 hu mer nach eng gewësse Latitüd.

Ech wëll awer elo och hei net verstoppen, dass mer net onschëlleg sinn als Syvicol fir vum Februar op Juni ze verréckelen. A mir hunn och eng Kéier, souwuel beim Statec wéi och beim Wirtschaftsminister intervenéiert, ob een net nach eng Kéier kéint verréckelen an den Hierscht eran, an der Hoffnung, dass dann d'Situatioun besser wär. Mee mer sinn awer un 2021 gebonnen. Mee am Kader vun 2021 hu mer nach eng gewësse Latitüd. Dat ass also e komplex Gefüge an deem mer eis beweegen, mat e bësse Spillraum, dee mer hunn. An awer wou déi Leit, déi herno och um Terrain sinn, an ech hu gesot, de Recrutementsprozess ass am Gaangen, dee leeft. Et ass eise Populationsbüro, deen dat och geréiert, deen an der Gemeng och de Lead huet um Niveau vun der Koordinatioun. An natierlech, wa mer déi Saachen erëmkreien, dofir hu mer jo och déi Tax do mat den Agents de l'Administration communale. Déi Leit, déi de Formulaire ausfüllen, déi kënnen jo entweder dem Statec en zréckschécken, mee déi kënnen awer och op d'Gemeng kommen. An do gëtt natierlech och op der Gemeng déi néideg Kontroll gemaach. A wann Dir déi dote Iwwerleeung bréngt, da misst Der se och bréngen – awer do hutt Der d'Tax all Kéiers matgestëmmt – wa Wale sinn, Europawalen, Landeswalen, Gemengewalen. Do ass jo och eng Surcharge de travail am generellen an och am Contrôle. Do stëmme mer jo och Taxen. Da misst Der am Fong déi selwecht Reflexioun och bei deenen Taxe maachen, mee déi Taxen hutt Der ëmmer matgestëmmt. Voilà, dat waren d'Erklärungen, déi ech awer nach wollt ginn zu der Organisatioun vum Statec a vun der Gemeng zu der Vollekszielung. Madame Kayser.

MICHELE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, natierlech weess ech, dass dat am europäesche Kontext néideg ass, an natierlech weess ech, dass dat national néideg ass an ech hu souguer an der Press dem Syvicol seng Demarché verfolgegt. Wat d'Press ubelaangt, do kënn Der mech ganz seelen iwwert den Dësch zéien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech wollt lech net iwwert den Dësch zéien, et war d'Opportunitéit.

MICHELE KAYSER-WENGLER (CSV): Mee wat ech awer lo nach dozou wollt proposéieren... Dir hutt gesot, den Agent, dee geheit de Leit dann an d'Boîte, dat fannen ech ganz interessant, dat woussst ech net, dass dann de Statec kuckt, wien alles ausgefëllt huet online an dann d'Gemeng consultéiert a seet, bei deene Leit ass nach näischt geschitt. Dat fannen ech ganz flott. Do wär et awer vläicht ganz flott, wa mer op de Wee géife goen, e kommunale Callcenter ze maachen. D'Leit hu vläicht manner Hemmungen, bei der Gemeng nozefroe wa se net eens ginn, an da vläicht einfach eise Recenseur „on demand“ lasszeschécken. Dat heescht, wann ee seet, ech ginn net eens, dass een da just „on demand“ bei déi Leit geet, wann eng Demande do ass. An, wéi gesot, onbedéngt och kucken, wéi do déi sanitär Mesurë sinn a wie mer do lassschécken. Dat ass souwuel fir d'Protektioun vum Recenseur wéi fir d'Protektioun vun deene Leit, wou déi heem ginn. Awer e klenge Appell, mir maachen dat jo och soss ëmmer, dass d'Leit kënnen op Gemeng goe fir sech unzemellen, oder uruffen. Firwat maache mer dat net och an dësem Sënn? Ech mengen dat géif eis als Gemeng ganz gutt zu Gesiicht stoen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dass Der déi dote Fro nach eng Kéier opwerft, fir nach eng Kéier drop anzegoen. Dat hat ech effektiv vergiess. Wéi war d'Prozedur 2011? An déi ass dës Kéier net anescht. Mir maachen en internen Appell bei eise Gemeindebeamten a Saliéieren. Dat hu mer och 2011 gemaach intern. Well mer och dovun ausginn, dass déi Leit Diddeleng kennen. Respektiv maache mer och, dat hu mer och 2011 gemaach, en Appell un déi verschidde Leit, déi och an eise Walbüro waren, dat sinn déi Leit, déi dann och Diddeleng kennen, déi och déi verschidde Quartiere kennen. Well déi Leit, déi mir da sollicitéieren, dann och Diddeleng kennen an och de Quartier kennen. Mir probéieren och sou gutt wéi méiglech e Matching ze maachen, dass déi Leit, déi Agent recenseur sinn, och Leit aus dem Quartier sinn. An duerch déi Approche, wéi och 2011 – ech mengen elo e grouse Callcenter ze maachen, dat bréngt näischt. Mee aus där dote Logik eraus, wann den Agent recenseur och nach seng Handysnummer hannerléisst, da kënnen jo déi Leit aus dem Quartier – a vu dass de Recenseur, wann de Matching klappt, jo och aus dem Quartier ass – deen uruffen an da kann en direkt eent zu eent déi néideg Erklärunge kréien.

Ech mengen dass dat méi effikass ass, wéi lo do e grouse Callcenter anzeriichten. Et ass dee Wee vun der Proximitéit, wann ee weess, wien Agent recenseur ass, en ass aus mengem Quartier, ech hunn eng Fro... Ech mengen et ass iwwert deen dote Wee, wou och gewäärlescht ass, dass een den direkte Kontakt huet iwwer Telefon, wou een dann och déi néideg Erklärunge kritt. Well mer

déi néideg Voraussetzungen hei hunn, dass sou mann wéi méiglech direkte Kontakt ass. Also et ass net virgesinn dass ee bei d'Leit soll heemgoen op de Kichendësch. Madame Kohn, wollt Dir nach eppes soen?

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Jo, ech hat ausgestreckt, mee Här Buergermeeschter, Dir hutt elo grad d'Äntwerte ginn. Et wollt nämlech nach froen, fir d'Leit dobaussen ass dat vläicht interessant ze wëssen: Wat ass de Profil? Dir hat gesot, de Recrutement, dee leeft den Ament, dat heescht, déi Prozedur ass ugelaft. Do sinn der vläicht, déi sech froen: Kommen ech a Fro fir mech do ze melden? Oder gëtt dat intern gemaach? Wat ass de Profil? Sinn déi gebonnen un iergende Statutt, well se do eng Vertrauensklauseel mussen anhalen? Dat ass vläicht interessant, fir dobaussen ze erklären, wie kënn iwwerhaupt a Fro. Well et sinn der jo, déi sech vläicht wëlle mellen op sou eppes. Dat war meng Fro, mee do hutt Der jo ganz vill geäntwert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also et ass kloer, dass dat heiten och eng Saach vu Vertrauen ass. An dofir sinn eebe och déi Formatiounen vum Statec virgesinn, och um Niveau Confidentialitéit, Protection des données. Dat sinn eng ganz Rei Parametere, déi alleguer d'Agent recenseur landeswäit mussen anhalen en ergo och déi Diddelenger. Dëst gesot... e passionanten Debat ronderëm d'Vollekszielung, well se net onwichtig ass. Dat betrëfft eis elo manner, mee huet eis awer 2011 concernéiert. Dat weess ee vläicht nach oder net méi, well jo och d'Unzuel vun de Gemengerotsmemberen dovunner ofhängeg ass. Och dat ass jo gesetzlech sou verankert, fir dass een dann och de Switch ka maachen. An dat war jo fir eis 2011 de Fall.

Ass de Gemengerot mat dësen Taxen averstanen, déi mer den Agents recenseurs wëllen zoukomme loossen? LSAP, CSV, déi gréng an den Här Haas (indépendant) sin dofir, déi Lénk sin dogéint. Villmools Merci.

3.16 + 3.17 APPROBATION VUM RELEVÉ A RÔLE SUPPLÉMENTAIRE VUN DER HONDSTAX VUM EXERCICE 2020 + APPROBATION VUM RELEVÉ A RÔLE VUN DER HONDSTAX FIR DEN EXERCICE 2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer weidergoe bei eis Frënn op véier Patten, eis Hënn zu Diddeleng. Do hu mer dann de Rôle supplémentaire fir d'Joer 2020. Dat ass en zousätzleche Montant vun 3.710 Euro. Dat sinn also am Rôle supplémentaire 106 Hënn, sou dass mer 2020 hei zu Diddeleng en Total hu vun 1316 Hënn. An dann huelen ech deen nächste Punkt mat. Dat ass da fir 2021, den éischte Rôle. Dat ass e Montant vu 44.660 Euro an dat ass dann eng Zuel vun 1276 Hënn à ce stade. Et kënn jo dann nach am Laf vun 2021



och de Rôle supplémentaire. Ass de Gemen-
gerot mat deene Montanten averstanen?
Dat ass unanime. Villmools Merci.

3.18 APPROBATIOUN VUN DEN DEKONTEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-
MEESCHTER): An da géif ech weidergoen
op d'Dekonten. Dat sinn der 9 Stéck. Dat ass
d'Extensioon vum Parking résidentiel, d'Ho-
rodateuren, dat sinn 500.000 Euro den Devis,
d'Depensen 424.052,38 Euro, dat war an de
Joren 2016, 2017, 2018 an 2019. Dann hu
mer d'Ateliers communaux, d'Mise en con-
formité, dat ware 400.000 Euro, d'Dépenses
effectives 397.875,42 Euro. An och dat war
virun allem 2017 an 2018. Da war eis Gemen-
genzär an der Spidolsstrooss. Dat war en De-
vis vun 290.000 Euro, d'Dépenses effectives
187.522,72 Euro. Dat war och 2018 an och
2019. Da war de Gymnase zu Butschebuerg,
den Daach, dee frëschgemaach gouf. Da war
en Devis vun 200.000 Euro, d'Depense war
198.730,03 Euro. Dat war 2019. An dann hu
mer d'Annex vun de Pompjeeën, hannert der
Gemeng, wou jo och eng Rei Gemengeservi-
cer sinn. Do huet d'Centrale de détection in-
cendie / Sortie secours misse frëschgemaach
ginn, respektiv installéiert ginn. 65.000 Euro
an d'Depense war 30.984,43 Euro.

Wéi gesot, déi Depense ass méi bëlleg aus-
gefall, dat hu mer jo och geschriwwen. Well
jo do och d'Iwwerleeunge sinn och dat Gebai
komplett frëschzemaachen, sou dass mer do
net de ganze Montant gebraucht hunn, just
am Fong dat gemaach hunn, wat néideg ass.
Am Centre sportif René Hartmann, d'Salle
multisports, d'Ännerung vum Affichage mat
den Aueren. Dat war en Devis vu 16.000
Euro, d'Depense 15.958,80 Euro. Do krute
mer och e Subside vum Sportsministère vun
3.900 Euro. An da war am Centre Culturel hei,
am Groupe technique de contrôle, de GTC,
deen huet missen ersat ginn. 35.000 Euro
den Devis an d'Depense och 35.000 Euro, dat
war 2019-2020. De Mini-Stade um Däich, do
ass de synthetesch Terrain frëschgemaach
ginn. 40.000 Euro den Devis, d'Depense
38.370,48.- Euro. Dat war 2020. Dann hate
mer d'Slackline, déi installéiert gouf. 25.000.-
Euro den Devis. D'Depense 23.581,90.- Euro,
och do krute mer e Subsid vum Ministère,
wéi och um Däich. Dat sinn déi 9 Dekonten,
déi ech hei wollt presentéieren. Huet de Ge-

mengerot Froen dozou? Dat ass net de Fall.
Da géif ech proposéieren, dass mer doriwwer
ofstëmmen. Wien ass mat dësen Devisen
averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe ech
lech villmools Merci.

3.19 EXTRAORDINÄR SUBSIDEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-
MEESCHTER): Da géife mer op d'Subsiden
iwwergoen. Do hu mer der zwee. Dat ass e
Subsid vu 65 Euro fir d'Fondation Lëtzebuer-
ger Blannevereenegung an e Subsid vun 150
Euro fir d'Asbl MemoShoah. Froen dozou?

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Jo Merci Här Bu-
ergermeeschter. Wat d'MemoShoah ube-
laangt, déi Associatioun huet net nëmmen
eng finanziell Ënnerstëtzung gefrot, mee och
virgeschloen, eng vun hiren Ausstellungen
oder eng Konferenz kënnen unzebidden zu
deem ganz wichtege Thema. A mir wollten
eigentlech froen ob d'Gemeng, vläicht no der
Covid-Zäit, bereet ass, op déi Propositionen
anzugehen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-
MEESCHTER): Merci Här Thill. Nach weider
Stellungnamen? Et ass jo net déi éischte
Kéier, dass mer mat der MemoShoah eppes
maachen. Viru méi wéi engem Joer hate mer
an dësem Haus eng Lëtzebuerger-Däitsch-
Amerikanesch Kënschtlerin, d'Adrienne Hahn
wou opgetrueden ass fir déi wou konnten do
sinn. Dat war eng éischt Zesummenaarbecht
mat MemoShoah. A mir hunn d'nächst Joer
virgesinn, och an Zesummenaarbecht hei
mam Centre Culturel, en Theaterstéck iwwer
den Eichmann ze maachen, wou mer och
schonn un d'MemoShoah erugetruede sinn,
déi sech och bereet erkläert hunn an deen
dote Projet mat eranzeklammen.

Dëst gesot, ass de Gemengerot mat deenen
zwee Subsiden averstanen? **Dat ass unani-
me.** Da soen ech lech villmools Merci.

4. „EU-MERCOSUR“ RESOLU- TION

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-
MEESCHTER): An da gi mer op den nächste
Punkt iwwer. Dat ass hei d'Adhesioun zu der
Resolutioun vum MERCOSUR, eng Resoluti-
oun vun de Klima-Bündnis-Gemengen. An do
ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

RENE MANDERSCHIED (LSAP): Merci Här
Buergermeeschter, Dir kënnt lech erënneren,
dass ech beim leschte Gemengerot vum 5.
Februar matgedeelt hunn dass déi interna-
tional Joreskonferenz vum Klimabündnis am
Oktober 2020 eng Resolutioun ugeholl huet,
déi Fräihandelssofkommes tëscht der EU an
de MERCOSUR-Staaten a Südamerika an der
aktueller Form ofgeleent huet. Doropshi war
jo d'Plenarsitzung vum Klimabündnis de 16.
November 2020, wou alleguerten déi Mem-

bersgemengen déi do waren, et waren der
32, déi Resolutioun och unanime gestëmmt
hunn. Dat war och de Wonsch vum Klima-
bündnis dass och déi jeeweileg Gemengeréit
vun deene Gemengen, déi am Klimabündnis
sinn, nach eng Kéier déi Decisioun géife gutt-
heesche fir kënnen eiser Regierung am EU-
Rot den néidege Support ze ginn, wann déi
Diskussioun do kënnt iwwert d'Resolutioun
an se déi Resolutioun elo och gegebene-
falls an där Form géif ofleenen. Dofir begréis-
sen ech da virun allem mol eise Kolleg de
Pol Polver vum Klimabündnis, dee sech Zäit
geholl huet, fir eis herno kuerz déi Resoluti-
oun hei ze presentéieren an och de Patrick
Hoss vun eise Gréngen Haus, dee fir deen
nächste Punkt och scho prett ass. An deem
Sënn hat Der jo och hat Der vu mir jo och wéi
versprach direkt no dem Gemengerot déi Re-
solutioun zoukomme gelooss kritt a konnt se
a Rou ukucken, sief dat als Particulier, sief dat
och als Ekipp vun Äre jeeweilege Fraktioun-
nen. An ech géif da proposéieren, dass ech
dem Pol d'Wuert gi fir eis kuerz déi Resoluti-
oun virzustellen.

POL POLVER (KLIMABÜNDNIS): Merci dass
ech haut dierf hei sinn, Dir Dammen an Dir
Hären aus dem Gemengerot. Et ass effektiv
eng Saach, déi eis ganz vill um Häerz leit, net
nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mee och um
europäeschen Niveau vum Klimabündnis an
och wéinst där joerzéngtelaanger Partner-
schaft, déi mer mat den indigene Vëlker am
Süde vun der Welt a virun allem am Amazo-
nasbecken hunn an déi heivunner direkt och
beträff sinn. Ech wollt lech net nach eng Kéier
den Inhalt vun der Resolutioun hei virdroen.
Deen hutt Der gesinn an lech sécherlech och
Gedanken driwwer gemaach. Ech wollt lech
vläicht e puer Hannergrond-informatiounen
zu deem Deal ginn, deen hei um Dësch vun
der EU-Kommissioun an och vun de Mem-
berstaate vun der EU läit a wou mir mengen,
dass een deen Deal soll ofleenen.

De MERCOSUR, firwat steet deen Numm? Et
ass eigentlech, de Verglach mat der EU a Süd-
amerika. Et ass e Bannemaart vu bal 300 Mil-
lioune Leit mat 12,8 Milliounen Quadratkilo-
meter an den Ament sinn doranner Member
Argentinien, Brasilien, Paraguay, Uruguay a
Venezuela. Woubäi awer dat lescht Land, Ve-
nezuela, den Ament suspendéiert ass wéinst
politeschen Onrouen. Et sinn aner südame-
rikanesch Länner, déi sinn associéiert, mee
nach net richtig Member dobäi. Tëschent
der EU an dem MERCOSUR ass jorelaang
verhandelt gi fir e Fräihandelssofkommes
ofzeschlëssen. Dat war dunn am Juni 2019
prett an et war e grondsätzlechen Accord fir
sou en Handelssofkommes. A wann dat géif a
Kraaft trieden, da wär dat weltwäit déi gréis-
ste Fräihandelszon, déi mer géife kennen. Di-
rekt duerno sinn awer d'Kritike lassgaangen.
Et sinn eng Rei vun EU-Memberstaaten, wéi
Éisträich, mee och Lëtzebuerg an awer och
eng breet Allianz aus Fuerschungsinstituter
an aus ONGen an Europa, déi sech dergéint

ausgeschwat hunn. Haaptsächlech aus 3 Grënn: Deen éischten ass, dass den Hauptbestanddeel vun deem Ofkommen den Handel mat Agrarprodukter ass, a virun allem mat Soja. An den Ubau vu Soja fir deen a Südamerika nach ëmmer grouss Deeler vum Reebësch ewechgemaach ginn ass natierlech e Virundreiw vum Klimawandel. An dat dierf et jo eigentlech am Kader vum Paräiser Accord an och vum EU Green Deal net méi ginn. Zweetens ass et sécherlech och keen Accord, deen op Ressourcëschonung baséiert, mee au Contraire op engem Wirtschafts- an Handelsmodell aus der Vergaangenheet, deen op Wuesstem an ëmmer méi Verbrauch vu Ressourcë baséiert. An drëttens dierft sou en Accord eigentlech net géint d'Interessie vun engem groussen Deel vun der Bevëlkerung, och a Südamerika, ofgeschloss ginn. Dat ass awer menge mir hei de Fall. Well virun allem och erëm déi indigen Bevëlkerung, déi am Reebësch leeft, déi awer gesetzlech gesi keen ofgeséichert Propriétéitsverhältnes vun deem Reebësch huet, déi wäert duerch sou en Accord nach weider ënner Drock geroden an dat gesäit een elo schonn den Ament.

Wann Der lech déihei zwee Kéischercher ukuckt, da gesitt Der wat an der Haaptsaach an deem Fräihandelsaccord géif kommen. Op der Säit vun der EU a Richtung MERCOSUR wäeren et virun allem Fäerdegprodukter, Industrieprodukter an an déi anerer Richtung, vum MERCOSUR Richtung EU, dat ass dann deen türkisgréng groussen Deel vum Kéis riets, dat sinn also landwirtschaftlech, Agrarprodukter. A wann een da just an deen Deel vun den Agrarprodukter, deen aus dem MERCOSUR an d'EU géif importéiert ginn, erakuckt, da gesäit een, dass et virun allem do de Soja ass. E klengen Deel Kaffi a Jusen, et ass e bësse Weess, et ass Rëndfleesch a, wéi gesot, den Hauptpunkt läit awer um Soja. De Soja, dat ass haut schonn um Territoire vum MERCOSUR eng Fläch, déi ass méi grouss wéi Frankräich. Also op deem Territoire, an deene Länner vum MERCOSUR gëtt Soja ugebaut, dat si riseg Monokulturen, fir déi entweder Reebësch ewechgemaach gouf oder, grad sou schlëmm, Savanneland, also Grasland, wat ëmgeplout gëtt. Et ass och esou, dass déi grouss Konzerne, déi de Soja ubauen, déi verdreiwen oft déi kleng Bauere, déi virun op deem Territoire geschafft hunn an natierlech och déi indigen Populatiounen.

Firwat deen Hunger no Soja? Majo als Kraaftfudder, virun allem fir d'Kéi, also fir d'Rëndvéier, déi bei eis an Europa an de Ställ stinn a mat deem Kraaftfudder gefiddert ginn. Natierlech gëtt och dohannen, argentescht Rëndfleesch ass bekannt, gi Ränner gezeit, fir Fleesch virun allem. Och do kann ee soen, dass dat fir ronn 80% vum Ofholze vum Reebësch am Amazonasbecken verantwortlech ass. An et ass kloer, wann de MERCOSUR-Vertrag géif a Kraaft treden, dass mer däers Fleesch, Rëndfleesch, mee och Héngerfleesch, nach massiv méi géifen an d'EU

importéieren. Dobäi kënnt, 95% vun deem Soja, deen am Territoire vum MERCOSUR ugebaut gëtt, ass genmodifizéiert. Eppes wat mer jo hei an Europa an der breeder Populatioun net wëllen, sou Produiten op de Maart kommen ze loossen. An de Soja gëtt extrem staark gesprézt mat Pestiziden. Et kann een also soen, dass op engem Hektar Soja-Ubau a Brasilien ongeféier 12-16 mol méi Sprézmëttelen agesat gi wéi dat bis ewell an der EU Usus ass an erlaabt ass. Et muss een och soen, dass zum Beispill a Brasilien, d'Réckstänn vu Pestiziden – hei ass d'Beispill vum Glyphosat – déi dierfe legal 10 mol méi héich sinn um Kaffi wéi z.B. bei eis an Europa bis well erlaabt ass. Op de Sojaboune ass et souguer 200 mol méi héich. An et ass kloer, dass e Vertrag wéi de MERCOSUR, dat ass net nëmmen en Erofsetze vun Douanestaxen. Dat ass och e géigesäitegt Akzeptéiere vu Standarden. Zum Beispill wat d'Réckstänn vu Pestiziden ubelaangt. Iwwert de MERCOSUR géifen also och Produiten aus Südamerika, déi ganz staark belaascht si mat Réckstänn vum Sprézen, dierften déi bei eis kommerzialiséiert ginn a sou och op de Marché kommen.

Eent vun deene Felder, wou geplangt ass fir d'Douanestaxen erofzesetzen, virun allem a Richtung EU eran an de MERCOSUR, sinn dann och op d'Pestiziden. Och op Pestiziden, déi bei eis zwar nach produzéiert gi vu Chemiefabrikanten, déi awer bei eis verbuede sinn. Déi géifen also mat engem verbëlleegten Douanestarif an de MERCOSUR exportéiert ginn. Well se da méi bëleg sinn, well d'Douane manner héich ass, hu se dann och Succès, ginn och agesat. A mir re-importéieren dee Knascht herno iwwert de MERCOSUR-Vertrag erëm an de landwirtschaftleche Produiten, déi mer dann importéieren.

Ech hunn et virdu gesot, et gëtt an Europa eigentlech eng breet Koalitioun géint dee MERCOSUR-Vertrag. E puer EU-Staaten hu sech ganz kloer dogéint ausgeschwat. Fuerschungsinstitute an ONGen hu sech dergéint ausgeschwat. An engem rezente Sondage, deen net an alle Länner vun der EU, mee an enger Selektioun vun den EU-Länner gemaach gouf, hu 70% vun der Bevëlkerung sech géint de MERCOSUR-Vertrag ausgeschwat. An där Koalitioun, wann ech dat sou kann nennen, ass eeben och dat europäesch Klimabündnis, net nëmmen aus de Grënn vu Reebëschofholzung, aus der Verletzung vum Verbraucherschutz, mee och well eis indigen Partner extrem weider ënner Drock wäerte geroden, well den Ureiz, fir hinne weider Territoire ofzehuelen, weider de Reebësch ofzeholen, Savanneland ëmzeploue fir Soja unzebauen oder aner landwirtschaftlech Produkter, wäert ëmsou méi grouss ginn. Dofir huet am leschten Hierscht, op europäeschem Niveau d'Klimabündnis déi Resolutioun, déi lech virläit ugehall. Zu Lëtzebuerg hu mer se op eiser Pleniëre, den Här Manderscheid huet dat gesot, och eestëmmeg ugehall.

A mir wënschen eis, dass dat och a méiglechst ville Gemengeréit debattéiert a gestëmmt gëtt, fir einfach och eiser Regierung de Réck ze stäipen, dem Här Asselborn de Réck ze stäipen, bei sengem „Neen“ zu MERCOSUR. Bis den Datum vun haut, dat gesitt Der an der Lëscht hei ënnen, ass dat an 13 Lëtzebuerger Gemenge geschitt, an an deene meeschte vun deene Gemenge war dat och souguer eng eestëmmeg Ofstëmmung géint de MERCOSUR, oder fir d'Resolutioun géint de MERCOSUR.

Firwat ass et sou wichteg, deen Drock oprecht ze erhalen an domat eise Ausseminister och de Réck ze stäipen? Éischstens, et ass kloer dass d'EU-Kommissioun hir Pläng, fir de MERCOSUR-Vertrag awer ze ratifizéieren trotz alle Widderstänn net opginn huet. Op Invitatioun vum Här Asselborn war virun e puer Wochen eng Videokonferenz mat der Direktesch vun der DG Commerce, also där Abteilung an der EU-Kommissioun, déi fir Handelsverträge zoustänneg ass, an déi Madame huet ganz kloer gesot, si halen um MERCOSUR-Vertrag fest. Si hätte souvill Zäit doran investéiert a sou laang dorunner geschafft, si wëilten dat lo net kippen. Et gëtt och säitens vu Spuenien a Portugal a vu verschiddene Memberstaaten Drock fir ze soen, komm mir ratifizéieren dee Vertrag elo. An dat ass ganz kloer well deenen zwee Länner hir kulturell a wirtschaftlech Verbindungen zum MERCOSUR am stäerkste sinn. Si hunn also handelsméisseg gesinn, dee gréissten Interêt dorunner, menge se mol. An d'Europarlament huet sech zwar och majoritär géint de MERCOSUR-Vertrag, sou wéi e lo virläit, ausgeschwat. Si hu sech awer eng Hannerdier opgelooss, andeems se gesot hunn: ënnert der jëtzege Form. Wa mer also e bëssen dru fréckele ginn, da kéinte mer awer vläicht domat averstane sinn. An dat ass och genau dat, wat d'EU-Kommissioun den Ament probéiert, mat sou klengen Addendummen de Widderstand géint de MERCOSUR ofzeflaachen oder souguer ze brieche. An eent vun den Argumenter vun der EU-Kommissioun ass fir ze soen: Jo eigentlech hu mer jo nëmmen e Problem mam MERCOSUR, well den Här Bolsonaro a Brasilien e Populist ass a sech net un d'demokratesch Spillreegelen hält a kee Respekt huet vis-à-vis zum Beispill vun den Indigenen. Mee wann den Här Bolsonaro mol net méi bis do ass, da kéinte mer jo eigentlech all de MERCOSUR ratifizéieren. A mir soen „Neen“. Natierlech ass den Här Bolsonaro kee Frënd vun der Demokratie oder vun de Mënscherechter oder vun den indigen Populatiounen. Mee de Kärproblem vum MERCOSUR ass net aus der Welt geschaaft, just well den Här Bolsonaro bei den nächste Wale vläicht vun engem anere President ofgeléist gëtt.

Dofir eisen Appell, fir dës Resolution ze stëmmen. A se net nëmmen ze stëmmen, mee och bekannt ze maachen, dass Der se gestëmmt hutt, wann Der se gestëmmt hutt.

Mir haten dofir och e Bréif als Draft mat bäigeluecht, fir se un déi dräi Ministeren, déi hei zu Lëtzebuerg mat dem MERCOSUR-Vertrag befaasst sinn, dat ass den Ausseminister, mee dat ass och de Landwirtschaftsminister an d'Ëmweltministesch, ze schécken, fir ze soen: Mir als Gemeng, als Stad Diddeleng, mir sinn do dergéint a mir stëmmen der Ratifizierung vun deem MERCOSUR-Vertrag net zou. Wann Der nach Froen hutt... Mee ech soe lo scho mol villmools Merci.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Da soen ech dem Pol Polver Merci fir déi prezis Explikatiounen a wéi gesot, et ass lo unlech, wann Dir nach Froen hutt, fir lech ze mellen. Den Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Manderscheid fir d'Wuert. Ech kann dat wierklech begrëssen, wat den Här Polver eis lo alles duergeluecht hutt. Dat ware fir mech zum Deel awer nach nei Aspekter, interessant Aspekter. Ech wëllt mech awer entschëllegen, wann ech meng Interventioun hei huelen, dass ech ganz vill vu senge Saache widderhuelen. Et weess ee jo ni, wat de Virriedner seet. Wéinst der Schwierigkeet fir hei lo just nach erauszuplécken, wat ech besonnesch wëllt betounen, a wat nach net gesot ginn ass, erlaben ech mer, meng Interventioun ganz ze presentéieren, mat dem Risiko, dass Verschiddener ufänken ze gaapsen, well et dat selwecht ass, wat den Här Polver gesot huet. Also wéi gesot, léif Kollegeinnen a Kollegen, den 28. Juni 2019 huet d'EU mat der südamerikanescher Handelsvereinigung MERCOSUR déi Absichtserklärung ënnerzeechent fir dat Fräihandelsafkommen ze schafen. An deem Accord muss lo nach unanime vun den EU-Staate ratifizéiert a vum EU-Parlament ofgeseent ginn. A MERCOSUR steet, wéi den Här Polver et scho sot, fir „Mercado común del sur“, et besteet aus de Grënnerstaaten Argentinien, Brasilien, Uruguay a Paraguay. Och Venezuela war mol Member an ass wéinst politeschen Onrouen erëm ausgeschloss ginn.

30 Joer besteet dee MERCOSUR elo. Iwwer 20 Joer gouf mat der EU verhandelt an zanter 2016 rëm méi intensiv. Deen Dag selwer vun der Absichtserklärung mat der EU huet den argenteschen Ausseministère vun enger „historescher a strategescher Associatioun mat der EU“ geschriwwen an all déi ekonomesch Virdeeler fir déi südamerikanesch Staaten ervirgehuwen. Iwwer Klimaschutz a gesellschaftlech a sozial Fortschritter kee Wuert. Awer an der EU waren zur selwechter Zäit massiv Stëmmen géint dat Handelsafkommen ze héieren, z.B. aus Éisträich, Däitschland a Frankräich. Ausléiser waren deemools déi ëmstridden Haltung vun dem President vun dem gréisste vun de MERCOSUR-Memberen, Brasilien, dem Här Jair Bolsonaro. Ronn 75.000 Bëschbränn huet den Amazonas déi Zäit opgewisen, 84% méi wéi d'Joer virdrun. Vun deenen déi meescht erwisenermoossen

e kriminellen Ursprung haten. An deene puer Méint, wou de brasilianesche President am Amt war, ass d'Ofholze vum Amazonas ëm 50% eropgaangen. Iwwregens mat engem Plus vun 20% vun de Bëschbränn war de Juni 2020 dee schlëmmsten zanter 13 Joer. Den Hannergrond dovun: Och wann déi südamerikanesch Wirtschaft zanter ëmmer op hir wäertvoll Réisstoffer, Gold, Sëlwer asw. baséiert, sou mécht sech zanter enger Zäit awer eng aggressiv Agrarindustrie breet. Déi Länner gehéieren zu deene gréissten Exporteure vu Rëndfleesch, Sojabounen, déi als Véifudder gebraucht ginn, Zocker an aneren. A well een dofir Plaz brauch, besteet eng reell Gefor, dass dofir Raubbau um Amazonas bedriwwen gëtt. 70% vun den illegale Rodunge solle vum Agrarsektor ugestëft ginn.

Dozou kënnt nach een anere grouse Problem, dee vun den indigenen, meeschtens autochthone Bevëlkerungen, déi duerch dat brutalt Virgoen an hire Mënscherechter bedrot ginn an doutgemaach oder aus hirer Géigend verdriwwen ginn. De 24. August 2019 huet dunn och den EU-Rotspräsident Tusk virum G7-Gipfel zu Biarritz Brasilien ënner Drock gesat a verkënnegt, dass en Handelsafkommen mat der EU onwarscheinlech kéint ginn, wann de Bolsonaro seng Situatioun net géif an de Grëff kréien. D'politesch Situatioun a Südamerika ass alles anescht wéi stabil. Sou laang déi strukturell Problemer wéi Aarmut, Ongläichheet an Diskriminéierung net behuewe ginn, gëtt d'Demokratie a ville Länner mat Feiss getratt an et entstinn autokratesch Strukturen, déi eng Gefor si fir fräi Walen, Presse- a Meinungsfräiheet a fir d'Rechter vu Mannerheeten. Dat alles provozéiert Gewalt an als Reaktioun Ënnerdréckung. Mënscherechtsverletzungen si keng Raritéit, Aktiviste verschwannen a ginn doutgemaach. Déi ganz Thematik kulminéiert a Brasilien: dat Land huet 60% vun der Fläch um Amazonas, dovun goufe schonn 20% zanter 1970 zerstéiert. A Brasilien ass mam Jair Bolsonaro e President un der Muecht, dee fir Folter ass a fir Militärdiktature schwätzt. Hien ass e Klimaskeptiker a behaupt ganz ongenéiert, dass de Klimawandel net vu Mënschenhand geschafene ass. Op de G7-Gipfel vu Biarritz ass e mol guer net komm. Hien huet kee Problem domadder d'Ëmwelt ze zerstéieren an d'Rechter vu Minoritéite sinn him egal. Wéi de Ricardo Galvão, Chef vun der brasilianescher Weltraumfuerschung INPE, déi d'Bëschbränn mat Satelliten iwwerwaacht, de Bolsonaro wéinst senger Klimapolitik an den Amazonasofholzung kritiséiert huet, ass hie kuerzerhand den 3. August 2019 entlooss ginn. Déi offiziell Zuele vum Institut goufen als Lige bezeechent. Dass de brasilianesche Staatschef kee glafwürdeg Partner ass, gëtt villen EU-Bierger ëmmer méi kloer. Deen eenzeg, deen him ëffentlech seng Bewonnerung ausgeschwat hat, war den Donald Trump, an dat ass jo och keng Referenz. Wann een dann am Accord vum Juni 2019 an den offizielle Publikatiounen vun der EU op

genee déi ugeschwate Punkten noliese geet, da kann een do zwar folgend fromm Absichte liesen: Klimaschutz, nohaltig Entwécklung, Schutz vun Déierenarten a Biodiversitéit, Ralliement zum Accord vu Paräis, Ënnerstëtzung vun der Zivilgesellschaft, Schutz vum Aarbechtsrecht a vu Mannerheeten a sou weider.

Obschonn d'EU sech als Zil gesat huet, hir schiedlech Emissiounen bis 2030 ëm 40% ze reduzéieren, obwuel international Ofkommen existéieren, déi d'Rechter vun Indigene schützen, ass Brasilien domadder ëmmer nach kee glafwürdege Partner, mat deem een en Handelsafkommen ënnerzeeche kéint, dat Klimaschutz a Respekt vu Mënscherechter garantéiere kéint. De Bolsonaro huet seng Agrarlobby am Réck a wëllt fir massiv Exporter no der EU op d'Ënnerzeechnung vum Accord drängen. Onglécklecherweis huet en awer och Verbündeter an Europa an der Automobilindustrie, déi op massiv Exporter no Latäinamerika hoffen. An deem Sënn wäert och der Madame Merkel hir Haltung ze erkläre sinn, fir zu Bréssel ze intervenéieren, an ze fuerderen, fir zu engem schnellen Ënnerzeechnen ze kommen an d'Klimapolitik net als Drockmëttel géint Brasilien ze benotzen. Dat gesinn awer méttlerweil vill Leit an der EU anescht. Den Amazonas ass déi gréng Long vun der Welt, den Haaptspäicher vun CO2 an dee gréisste Sauerstoffliwwerant fir eis Atmosphär. A sou koum et dozou, dass dat europäescht Klimabündnis am Oktober 2020 en Opruff gemaach huet, dat Handelsafkommen mat MERCOSUR net ze ratifizéieren, wann déi Sträitpunkten net gekläert ginn. Et gouf eng Resolutioun opgesat zum Schutz vum Amazonas-Reebësch a vu sengen indigene Vëlker. Déi Resolutioun geet awer nach méi wäit wéi ëm dat diskutéiert Handelsafkommen hei, mee si zeechent och Weeër an Haltungen op, déi d'EU och an aneren Handelsafkommen misst unhuelen, fir ze vermeiden dass si sech duerch wirtschaftlech Accorde matschëlleg u klimateschen a mënscherechtleche Katastrophe maache kéint. A wéi gesot, den Hannergrond, deen den Här Polver och nach bruecht huet, vun deene Wueren, déi exportéiert ginn, an déi dann och net onbedéngt den europäesche Standards entspreche, dat ass e ganz interessanten Aspekt, deen een och net dierft aus den Aë verléieren an deen nach dobäi kënnt, bei de Problem vum Amazonas a vun deenen indigene Vëlker. Sou ass dann all EU-Land, wat Member ass vum Klimabündnis, an all Gemeng aus dem Klimabündnis, gefuerdert, fir des Resolutioun ze stëmmen. A well mir vun der CSV menge verstanen ze hunn, ëm wat et hei geet, stëmme mir fir déi Resolutioun.

Ofschléissend wëllt ech eng Expertin a Latäinamerikastudien, d'Madame Sabine Kurtenbach, zitéieren: „Politik und Wirtschaft können ihre Partner auf die Erhaltung von demokratischen und menschenrechtlichen

Mindeststandards verpflichten und nicht erst laut schreien, wenn es zu spät ist.“ Mir soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Merci fir d’Wuert. Déi Resolutioun, déi d’Klimabündnis Lëtzebuerg eis hei proposéiert, nennt eng ganz Rei wëschenswäert Fuerderungen, wat Fräihandelsaccorde vun der EU mat Drëttstaaten ubelaangt. Ech ziele just e puer Beispiller op vu Saachen, déi an där Resolutioun verlaangt ginn: Eng Legislatioun betreffend propper Handelsketten. Eng demokratesch an transparent Informatioun vun de lokalen Instanzen an der Zivilgesellschaft. Eng Evaluatioun vum Impakt vum Handelsaccord op eng nohalteg Entwécklung weltwäit, also net nëmme bei eis, mee och an eise Partnerlänner. An d’Méiglechkeet, bei Ausschreiwunge lokal Fournisseure virzezéien. Wéi gesot, dat si just e puer Beispiller. An dat si lauter Fuerderungen, déi och en direkten Impakt op Gemenenniveau hunn, dofir mécht et och Sënn, dës Resolutioun als Gemeng ze stëmmen. A mir stëmmen dës Resolutioun selbstverständlech mat. Leider sinn Déi Léng an eiser Chamber déi eenzeg Partei, déi wierklech voll a ganz hannert den Iddie vun dëser Resolutioun stinn. Well wéi gesäit et a Wierklechkeet aus? A Wierklechkeet ass dee Vertragsprojet hei mam MERCOSUR keng Ausnam, mee d’Reegel vun der EU-Handelspolitik. A Wierklechkeet bedreift d’EU eng ganz liberal Handelspolitik, an déi Orientéierung gëtt vun de Lëtzebuerger Regierungen, Regierungen an der Mehrzahl, also vun eise grouse Parteien: DP, LSAP, Déi Gréng an och der CSV, mat verschiddenen Nuancen bis elo ënnerstëtzt. An deene leschte Joren huet d’Europäesch Gemeinschaft änlech Fräihandelsaccorde wéi deen heiten, dee mer hei kritiséieren, ënnerschriwwen mam Vietnam, de Philippinnen, Thailand, Indonesien, Malaysia, Australien, Neiséiland, Chile, Mexiko a rezent mam Kanada, dee sougenannte CETA-Accord, a mat Japan.

Gewéinlech a graff resuméiert fonctionéiert dat esou, datt d’Europäesch Gemeinschaft sech an deene Länner e fräien Zougang sécher fir Déngschtleeschungen, z.B. am Finanzsecteur a fir Industriegidder, z.B. Stol an Autoen. An dat huet den Här Polver mam konkrete Beispill vum Accord mam MERCOSUR hei mat konkreten Zuelen och beluecht. Als Géigeleeschung gëtt dann den europäesche Maart fir Agrarprodukter méi wäit opgemaach, also z.B. fir Weess a Moschterkären aus dem Kanada, fir Fleesch, Zocker a Soja aus Brasilien. Dozou ass ze soen dass d’Europäesch Gemeinschaft mat 50 Milliounen Tonnen Importer vun Agrarprodukter all Joer, dee gréissten Importateur vun Nahrungsmëttel op der Welt ass. 50 Milliounen Tonnen, dat sinn 100 Kilo pro Joer a pro Awunner aus der EU. Ronn en Drëttel vun deene Produkter ginn am Kader vu Fräihandelsaccorden importéiert. Lo ass jo den Handel prinzipiell näischt Schlechtes. Do wou

d’Lompen ufänken ze sténken, ass bei där total neoliberaler Approche vun der Europäescher Gemeinschaft an de Lëtzebuerger Regierungen. An deenen Accorde kréien déi multinational Firmaen reegelméisseg d’Recht zougestanen, national Legislatiounen, déi hirem Profit schueden, virun ontransparente Schiidsgeriichten unzegräifen. Vun Transparenz am Decisiounsprozess ass keng Spuer, wéi och d’Duerchbaatsche vum CETA-Accord mëtten am Lockdown hei zu Lëtzebuerg am Mee d’lescht Joer bewisen huet. Vu lokaler Produktioun, kuerze Weeër, dem Aspuere vun CO2 vum internationalen Transport ass och keng Spuer. Well 90% vun deene Milliounen Tonnen Agrarprodukter, déi d’EU sou importéiert, kéinte mer problemlos hei selwer an Europa produzéieren.

A mat dësen Handelsaccorden, och dat huet den Här Polver schonn ënnerluecht, gëtt dann och nach, an dat ass eigentlech dat Schlëmmst, déi europäesch Qualitéitsproduktioun ënnerlaf. Eng Rei Agrarprodukter kommen dann zwar méi bëlleeg aus anere Kontinenter op eis Telleren, si ginn dofir awer mat Methode produzéiert, déi an der EU verbuede sinn. Wéi z.B. Fleesch mam Asaz vun Hormonen, genmanipuléierte Soja, planzlech Produkter mat Asaz vu Pestiziden, déi an der EU schonn net méi erlaabt sinn. An do muss ech aus menger Erfahrung soen, wat ech wierklech bei der EU-Handelspolitik dat Allerbescheuertst fannen, dat ass datt Pestiziden, déi hei an Europa verbuede sinn, well se vill ze vill toxesch sinn, awer nach ëmmer dierfen produzéiert an exportéiert ginn. Do muss een se jo net méi all hunn! Well mir exportéieren dee Knascht an den Dag drop hu mer et a Form vu Banannen oder Tomatenzooss op eisen Telleren. Mee wat mécht een net alles, fir sech de schéine Männche bei BASF a Bayer an anere grouse Chemiekonzerne ze maachen? An engem liewenswäerten Asaz fir eis Konsumente wäert eise ganze Gemengerot an e puer Minutten also fir dës Resolutioun stëmmen.

Portugal, dat fir de Moment de Virsetz vun den EU-Institutiounen huet, huet awer schonn ugekënnegt, si géife probéieren, deen Accord mam MERCOSUR méiglechst séier ratifizéiert ze kréien a wa méiglech nach an hirem Präsidenschaft, also virum Juli. An dofir sinn ech wierklech gespaant wat geschitt, wann deemnächst d’Bankenassociatioun ABBL an ArcelorMittal bei eis Regierung pilgeren, fir där kloer ze maachen, si bräichten déi Mäert a Brasilien an an Argentinien, fir nëmmen déi zwee gréisst Partner ze nennen. Ech waarden also drop, ob, wann et drop ukënnt, eis Regierung an och eis zwee Deputéierten hei aus dem Gemengerot, grad sou couragéiert si wéi lo beim Vott vun där Resolutioun, an dee MERCOSUR-Accord refuséieren. Merci fir Är Opmierksamkeet.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci villmools. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här

Buergermeeschter, Merci och fir déi Presentatioun, déi mer kruten, déi war wierklech immens detailléiert an immens interessant. Mir kennen allegueren e bëssen de Kontext an dat do war wierklech ausféierlech a kuerz a kloer. Erlaabt mer just kuerz Stellung ze huelen zur Resolutioun vum Klimabündnis, déi mer haut virleien hunn, zemools haut um Dag vum Klimastreik, deen op der ganzer Welt am Gaangen ass. Ech wëll net am Detail vum MERCOSUR agoen. Meng Virriedner hunn dat wierklech am Detail gemaach. Mee bei dësem Handelsofkomme hu mir ganz vill Bedenken. Sou wéi den Accord virgesinn ass, schreift e sech sécher net an enger Strategie, déi nohalteg, ëmweltbewusst a respektvoll mat Mënscherechter ass. Mol net dovunner ze schwätzen dass d’Zerstéierung vum Reebësch am Fong eng eenzeg Katastroph ass fir de ganze Planéit. Am Accord gëtt sécherlech iwwert de Paräiser Accord geschwat, mee am selwechten Otemzuch hu mer awer absolut keen Hiewel, deen u sech dat Ganzt soll penaliséieren, falls en Net-Anhale vum Accord geschitt.

Allgemeng si mir ee Land, wat de Libre Echange ënnerstëtzt. Mir Déi Gréng maachen dat och, mee sécherlech net ënner där heite Form, well hei si mer an engem ganz ongesonde Cas de figure. An der aktueller Form ënnerstëtzt dësen Accord net eis Ambitiounen. Mee ech wëll nach dobäi soen, datt alles wat d’Pandemie eis geléiert huet ass Klimaschutz, méi lokal produzéieren, lokal consomméieren. Mee och aner Wäerter si wichteg, wéi z.B. manner Fleesch iessen allgemeng an eng resilient Liwwerketten ënnerstëtzen. An ech kéint och hei weiderfueren. D’Gemeenge kënnen an deem Sënn, wéi dat och scho virdru gesot ginn ass, Drock ausüben. An an deem Sënn begrëisse mir wierklech, datt mer haut dës Resolutioun op dem Ordre du Jour hunn an natierlech wäerte mir dës Resolutioun och ënnerstëtzen. Merci villmools.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci fir d’Wuert. Ech wäert dann och nach e puer Remarque maachen, och am Numm vun der LSAP-Fraktioun. Obwuel et mir och lo geet, wéi dem Här Gangler. Et ass och scho villes gesot, an ech mengen ech widderhuele mech lo hei warscheinlech bei menger Presentatioun e bëssen. Mir stëmmen hei of haut iwwert eng Resolutioun vum Klimabündnis. D’Klimabündnis, wat viru méi wéi 30 Joer entstanen ass a wou ronn 1.800 Gemengen aus 27 europäesche Länner sech vernetzt hu fir gemeinsam a solidaresch mat den indigene Vëlker ze agéieren a sech aktiv fir de Klimaschutz anzusetzen. Well och eist Handeln an eise Liewensstil huet Konsequenzen op d’ganz Welt. A besonnesch hei, wéi mer gesinn hunn, fir déi bedroete Vëlker am Amazonas. Mir als Diddelenger Gemeng wëllen och mat Verantwortung iwwerhuelen, andeems mer lokal Moossnamen huelen. Fir déi politesch Responsabel ze stäerken, fir

sech ze wiere géint sou en Ofkommes, wéi dat wat mer lo virleien hunn.

Sou hu mer eis verpflichtet, d'CO₂-Emissionen all 5 Joer ëm 10% ze verringern, d'Pro-Kapp-Emissionen einzusetzen durch Energiesparmaßnahmen, Energieeffizienz an den Aspekten von erneuerbaren Energien. An eis sou gemeinsam mit den indigenen Völkern für ein Klimagerechtes ansetzen. Des geliefte Solidarität mit diesen Völkern vom Reibisch geht net mol geliefert von ihren eigenen Regierungen. Mir erinnern uns an d' Biller, den Här Gangler hat et virgucken und scho gesot, vom August 2019, wo den Amazonas gebrannt huet. Mee, wa mer eierlich sinn, ass dat alles schon an den Hangergrund geroden. De Moment si mer all beschäftigt mit der Pandemie, dat heescht, dat Ganz ass e Bisse vom Schirm verschwunden, emsou méi hu sou Leit wéi den Här Bolsonaro frei Hand für sou weiterzuführen, wéi bis elo. De brasilianische Präsident hat nimm Spott iwwer für d'Menschen déi do wunnen, Umwelt schützen an Aktivisten. Wéi all Populist lieft hien an enger Parallelwelt, an alles, wat him net geht, geht als Fake News aufgestempelt. En huet a sengem Walkampf deemoos keen Hehl draus gemacht: Méi weiter an Ackerland, méi Autobunnen, méi Groussprojekte. Et vergeet keng Woch, wo net Ofholunge genehmigt ginn an durch Gesetz der Schutz vom Amazonas einhergewe geht. Mee et bleibt och net bei Wieder. De System ass den hei: für d'eischt ginn illegal Brandrodungen oder Ofholunge gemacht, duerno geht da Véi drop gestellt. Da geht dat Ganz an Agrarflächen einklassiert, a schon hu mer dat erreicht, wat mer wollten. Menschenrechte gi mit Féiss getrappelt a méi wéi een Aktivist a Gewinner vom Amazonas hu während deene leschte Joren hiert Liewe gelooß.

Brasilien huet awer 2015 och der Paräiser Klimavertrag unterschrieben, huet sech also verpflichtet, den einzusetzen. Mee mache mer eis nischt vir, dest goug net aus Léift zu der Natur gemacht. Et wollt ee wahrscheinlich net aus der Staatengemeinschaft rausklappen a sech sou de Wee verspare für Handel ze feiern mam Rest von der Welt. Ob dat Ganz lo anescht war mit engem anderen Präsident, sief mol dohinner gestellt. Well der System do, den huet och scho funktioniert, wéi en nach net sou offensichtlich war. De MERCOSUR-Vertrag ass virun allem e Vertrag wo et em wirtschaftlich Interesse geht, an dat für déi zwou Säiten. A weiter der Paräiser Klimavertrag nach der MERCOSUR-Vertrag gouf vu Brasilien abgehalan an der Widerstand wisst géint diese Kontrakt, dohannen an och hei, der mittlerweile zu enger Bedröng ginn ass an unbedingt iwwerschafft muss ginn, für net ze soen, an Poubelle gehen.

An och eis Priorität müsse sech ändern. Jiddere von eis muss seng Gewinnechten

iwwerdenke für sou konkret als Verbraucher Afloss ze helen. Dat souwuel bei dem, wat mer essen, wéi och bei dem, wat mer kafen. Manner Amazonas für nach méi Soja, für nach méi bellegt Rindfleisch – ass dat dat, wat mer wollen? Ma wa mir als Einzeln aktiv ginn, an dat machen der jo immer méi, wa mer eis engagieren, Nohaltegeet groussschreiben, recyceln, eis gespuerte Suen an Energiemoosname stechen asw., da kann et net sinn, dat Grousskonzern der einhergrüwen an hantert zoenen Dieren hir Kontrakte unterschreiben a sou Milliarde verdienen a sech en Drück em Klimaschutz, Amazonas, Menschenrechte, Aartenschutz an d'Zukunft von eisem Planét kümmern. Mache mer eis nischt vir, et geht hinne virun allem em dat grousst Geld.

Vertrauen ass gutt, Kontroll ass besser. Dofir déi Resolutions hei, déi mir als LSAP voll a ganz einherstetzen. Mir setzen eis a für d'Rechter an der Liewensraum von den indigenen Völkern ze schützen, den Amazonas, d'Long von eisem Planét, iwwerliewenswichtig für eis all. Sozial- an Umweltstandards müssen unbedingt iwwerschafft ginn, doniewent d'Anhang vom Paräiser Klimaabkommen gesichert. Dat et möglich muss sinn, des Versprechen kontrollieren ze können an noutfalls och ze sanktionieren, wa se net abgehe ginn. Dat Nohaltegeet muss grous geschriwwen ginn, dat déi lokal Agrikultur hei an am Amazonas virgezu geht. Ausserdem keng Subventionen méi akkordiert gi für intensiv Landwirtschaft oder Züchtung, Monokulturen oder den Aspekten Pestiziden. An dat op all Niveau eng komplett Transparenz besteht, souwuel für politisch Verantwortlich op kommunalem wéi op nationalem Plang, wéi och für den einfache Bürger.

An hei kommen och zum Stéchuert Verbraucherschutz. Dat ass einfach bis elo – e Witz. Wann s du an der Butte gees, da kann du net entscheiden, du kann och net kucken, du kann och net rausfannen, wat's du op den Teller kass. An dofir kann och hei einnehmen der Message op der Wee ginn ouni awer e ganz grousse Merci für déi ganz Virantwort an déi Präsentation ze machen und den Här Polver villmoos Merci an och un eist Grängt Haus, well do si mer och immer gutt bedängt, sei ganz Zeit. Op alle Fall dat och matzeginn: wann der dat scho verschéckt, och der Verbraucherschutzministerium mit anzubannen an hinnen der Réck ze stapfen. Well och weess, dat hinnen dacks och einfach d'Hann gebonne sinn, well dat wat aus der EU kennt, ass einfach nimm lachhaft. Dat heescht, mir geifen och gare wessen, wa mir an der Butte ginn, wat mer kafen an wat mer kachen a wéi mer eis verhale sollen. An dat als einfache Bürger ass einfach net möglich. An och mengen, souguer eis Minister huet et do schwéier, obwuel se der Moment ganz aner Suergen huet. Mee och mengen, der Verbraucherschutz, der läit eis all um Härz an dorop kennt et jo raus an dat wéi mer

aus Solidarität mache mit der Völker dohannen. Mir wollen einfach gesond liewen an e gutt Liewen hunn alleguer op dieser Welt, an dorës geht et eigentlich. Also, dat EU-MERCOSUR-Ofkommen, sou wéi et elo um Dsch läit op alle Fall, dat wéi mir net. Merci.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Da géif ech proposieren, dass mer d'Riednerbeiträge abschließen wa kee méi eppes ze soen huet. Pol, wollts Du nach eppes dozou soen?

POL POLFER (KLIMABÜNDNIS): Ma ech wollt nach eng Kéier Merci soen dass dat haut möglich war, den Austausch. Ech wollt awer nach eppes zusätzlich soen, well och von e puer von der Riedner dat individuell Verhalten ugeschwat ginn ass a vläicht och der Besoin, für dat ze ändern. Mir lancieren als Klimabündnis an den nächsten zwou Wochen grad dozou eng Campagne. Déi nennt sech „Change the future“ an ass aus engem europäischen Projekt erwachsen. A mir hoffen dass vill Leit zu Diddeleng a vill Leit aus dem Diddelenger Gemengrot sech dorunter werte bedeelegen. Wéi funktioniert et? Mir hu 25 „Challenges“ rausgesicht. Op all Challenge stinn e puer Punkten. Et kann ee sech no sengem Rhythmus an no senger Fassong dar aussuchen, dar déi Challenges, déi een ugoe wéi. Dat kann z.B. sinn, ech kafe während drei Wochen nimm regional, saisonal Produkten oder ech machen owes all meng elektrisch Apparate aus a lassen se net am Standby-Modus, oder ech plange meng nächst Rees iwwer 50 km mit Bus a Bunn a jiddere ass frei ze mache von den Challenges wat e wéi, mee all Challenge, den e mit Succès mécht, tritt hien a seng Ekippe a seng Gemeng Punkte zugeschrieben. A mir wollen dat sou e Bisse wéi den „Tour du Duerf“, also sou als Competition täschent der Klimabündnis-Gemeng lancieren. An 2 Woche werte mer souwäit sinn. Da gitt der méi doriwwer gewuer. Merci.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci dem Pol. Den Här Thill.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Jo just ganz kuerz. Wann dat geht, da géif ech verschloen, dass der Vertrag, den den Här Polver eis gehalten huet, och géif un d'Membere vom Gemengrot verdeelt ginn.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Dat wollt ech lo grad proposieren. Merci. Dat ass jo selbstverständlich. Da géif ech d'Diskussion abschließen an da geife mer zum Vott iwwergehen. An da froen ech hei an d'Ronn, wien ass d'Accord, dass mer déi Resolution sou unanime stämmen, wéi do präsentiert ginn ass? Da géif ech bieten, d'Hann ze hiewen. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? **Dann ass dat unanime** sou ugehall. Da soen ech lech Merci für der Support. An nach eng Kéier Merci dem Här Polver für d'Kommen an d'Präsentationen.

5. AVIS ZUM NATIONALE LOFTQUALITÉITSPLANG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Villmools Merci. An da géif ech proposéieren, dass mer op deem nächste Punkt iwwerginn, dat ass den nationale Loftqualitéitsplang, dee mer virleien hunn. Wou ech kuerz viruginn un de Manderscheids Ren. Wou et eis einfach wichteg war, déi Diskussioun hei am Gemengerot ze féieren, och wa keng legal Obligatioun besteet, sou wéi et effektiv virdrun de Fall war beim Kaméidisplang, do war jo eng legal Obligatioun virgesinn, dass de Gemengerot saisiéiert gëtt, fir doriwwer ze befannen. Dat ass hei net de Fall. Et ass am Fong just de Schäfferot, dee säin Avis soll ofginn. Mir hunn et awer wichteg fonnt, och de Gemengerot mat ze associéieren. An da ginn ech hei dem René Manderscheid d'Wuert fir duerch de Plang ze féieren, respektiv och dem Patrick Hoss.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter. Et ass scho gesot ginn, den nationale Loftqualitéitsplang, dee gëtt opgestallt op der Direktiv vum Europaparlament 2008/50/CE vum 21. Mee 2008 an do steet richteg driwwer: La qualité de l'air ambiant et un air pur pour l'Europe. Et gëtt explizitt drop higewisen, dass déi Direktiv sech op geographesch Punkte bezitt, wou et zou enger Iwwerschreidung vun de Grenzwäerter kënn. Wéinst der iwwersichtlecher Gréisst vu Lëtzebuerg ass awer hei en nationale Plang opgestallt ginn, woubäi d'Land dann an dräi Zonen agedeelt ginn ass. De Plang bezitt sech reng op den NO₂-Verbrauch, dat heescht de Stéckstoffdioxid, well dat deem eenzege Polluant ass, bei deem d'Grenzwäerter iwwerschritt ginn. D'Verwaltung muss just an deem Fall aktiv ginn, wou de Joresduerschnittsgrenzwäert vu 40 Mikrogramm/Kubikmeter iwwerschritt gëtt. Zu Diddeleng ass vun 2018 bis 2020 op dräi Miessplazen den NO₂ iwwert d'ganz Joer gemooss ginn an de Joresmëttelgrenzwäert vu 40 Mikrogramm/Kubikmeter ass ni iwwerschritt ginn. Dofir gëtt Diddeleng am nationale Loftqualitéitsplang och guer net betruecht. Mee et ass wéi den Här Buergermeeschter gesot huet. Fir ganz transparent ze sinn hei am Gemengerot, hu mer de Patrick Hoss hei aus dem Gréngen Haus, deem eis da kuerz géif drop aféieren, wéi d'Situatioun dann hei zu Diddeleng ass.

PATRICK HOSS (ËMWELTBRODER): Jo Merci. De Grond fir d'Stéckstoffdioxid-Problematik ass dee vum héige Verkéiersopkommes mat de Verbrennungsmotoren, déi de Stéckstoffmonoxid ausstoussen, deem duerno mat dem Sauerstoff an der Loft reagéiert an zum groussen Deel a Stéckstoffdioxid ëmgewandelt gëtt. An de Stéckstoffdioxid ass ënner anerem dofir verantwortlech dass am Summer, a Verbindung mat deene flüchtige Kuelewaasserstoffer den Ozon entsteet. En

ass awer och ganz problematesch fir Astmatiker. Wéinst der Relatioun zum Stroosseverkéier si Miessplazen hei zu Diddeleng, festgeloebt op d'Hauptachsen. Dat ass eng Kéier op der Lëtzebuergerstrooss, no beim Rondpoint zur Birengerstrooss. Eng Kéier an der Rue du Commerce, lo neierdénks no heibäi op der Kräizung Rue de la Libération a Rue du Centenaire. A mir haten an der Campagne, déi mer mam LIST gemaach hunn e Quartier erausgeholl, dat war d'Schumanstrooss, fir eng Kéier den Hannergrondwäert ze kréie fir d'NO₂-Belaaschtung. Déi hu mer lo an deem Miessprogramm net méi dran, mir hunn awer dofir de Shared Space dran opgeholl fir eng Kéier ze kucken, wéi do d'Evolutioun vun den Stéckstoffdioxidemissiounen ass.

An der Rue du Commerce ass schonn eng Kéier virun 10 Joer eng Kéier vun der Ëmweltverwaltung eng Miesscampagne duerchgefouert ginn. Deemools ass och prognostizéiert ginn, dass de Joresmëttelwäert vu 40 Mikrogramm/Kubikmeter kéint iwwerschritt ginn. Et ass awer do trotzdem net agetraff an dofir sinn och fir d'Rue du Commerce vun der Ëmweltverwaltung keng Mesurë virgeschloe ginn. Am Verglach zu den deemools gemoossene Joresmëttelwäerter vu 37 an 39 Mikrogramm/Kubikmeter leien d'NO₂-Wäerter fir 2018/2019 lo bei 28, 29 a 24 Mikrogramm/Kubikmeter, wat also bedeitend manner ass, obwuel den Trafic op där Plaz ëm e Villfaches zougeholl huet.

Op der Miessplaz Lëtzebuergerstrooss/Route de Burange sinn 2018 déi 40 Mikrogramm/Kubikmeter 10 Mol iwwerschritt ginn, awer de Joresmëttelwäert, dee louch bei 39 Mikrogramm/Kubikmeter, dat heescht nach ëmmer 1 Mikrogramm/Kubikmeter drënner. Do muss een awer preziséieren, dass 2018 déi Miessplaz, déi do vun der Ëmweltverwaltung ageriicht ginn ass, net de Virgabe vun der EU-Direktiv entsprach huet. Mir hu se dann 2019 nei ageriicht op der Lëtzebuergerstrooss a während 6 Miessperioden ass op deenen zwou Plazen nach gemooss gi fir e Verglach tëschent deenen zwou Plazen ze kréien an 2019 louch de Miesswäert op där neier, de Virgabe vun der Direktiv entsprecher Miessplaz bei 27 Mikrogramm/Kubikmeter an 2020 bei 21 Mikrogramm/Kubikmeter.

D'Resultater vun dese Miesscampagnen, déi mat der Ëmweltverwaltung am Kader vum Klimapakt duerchgefouert ginn, déi fannt Der op eiser Homepage. Déi fannt Der an der Rubrik „Résidents“ an da Sous-Rubrik „Environnement et Développement durable“. Soubal mir nei Wäerter vun der Ëmweltverwaltung erakréien, ginn déi och ëmmer do publizéiert. An och d'Joresberichte vun de Joren 2019 an 2020 sinn do ze fannen.

Déi Gemengen, déi am Plang lo explizitt behandelt gi sinn, dat sinn d'Gemengen Hesper, Esch, Iechternach, Déifferdeng, Réimech, Käerjeng an d'Stad Lëtzebuerg. Fir déi huet



d'Ëmweltverwaltung och konkret Mesuren ausgeschafft, déi am nationale Plang opgefouert ginn. Fir d'Ëmweltverwaltung si Fuerverbueter keng Optioun, fir déi hei am Land ëmzesetzen. Am Avis orientéiere mir eis un de Conclusiounen, déi am Plang opgefouert gi sinn. Mir haten och eng Videokonferenz mat der Ëmweltverwaltung an hunn do ausféierlech Informatiounen iwwert hir Virgoesweis an där Thematik krut.

D'Ëmweltverwaltung huet fir déi nächst Jore Modellisatiounen gemaach. Déi beruffe sech op d'Verkéiersmodeller vun der Cellule „Modèles de transport“. A si si ganz optimistes, dass spëtstens bis 2023, wann déi meescht Gefierer Euro-6-Norm hei zu Lëtzebuerg erfüllen, well de Fierpark hei zu Lëtzebuerg relativ schnell ëmmer erëm erneiert gëtt, dass dann op kengem vun deene 7 kritesche Punkten den NO₂-Joresmëttelwäert nach iwwerschritt wäert ginn. D'Afféiere vun der Euro-6-Norm dréit souwiesou dozou bäi, dass d'NO₂-Emissiounen sech wäerte ganz markant verréngere. Da ginn Ureizer geschaf fir d'Ëmklammen op méi ëmweltfrëndlech Carburanten, dat selwecht gëllt fir d'Promotioun vun der Elektromobilitéit an dem gläichzäitegen Ausbau vum Réseau vun de Luetstatiounen. E weidere Beitrag ass natierlech d'Ëmsetze vun der MODU2.0-Strategie, wat hei zu Lëtzebuerg awer an engem méi längerfristegen Zäitraum ze gesi wäert sinn. Da muss een awer trotzdem nach drop hiweisen, dass an der EU-Direktiv och nach weider Polluante betruecht ginn. An dat sinn de Schwefeldioxid, de Kuelemonoxid, de Bläi an de Feinstaub. Fir déi Polluante ginn hei zu Lëtzebuerg d'Grenzwäerter net iwwerschritt. Dofir hunn och keng Mesuren am nationale Loftqualitéitsplang dofir misse virgesi ginn. Et ass allerdénks sou, dass fir déi Polluanten d'Weltgesundheitsorganisatioun vill méi streng Grenzwäerter huet, wéi d'EU déi huet.

Beim NO₂ sinn d'Grenzwäerter gläich. Bei der WHO gëllen déi 40 Mikrogramm/Kubikmeter grad sou wéi an der EU. Mee wéi gesot, fir déi dote Polluanten, do sinn d'Grenzwäerter vun der Weltgesundheitsorganisatioun vill méi héich, an do kéint et sinn, dass op EU-Niveau och Ännerungen kommen, well si e Sonderbericht ausgeschafft hunn. Dat ass de Sonderbericht 23 aus dem Joer 2018, deem den Titel huet: „Luftverschmutzung – unsere Ge-



sundheit ist nach wie vor nicht hinreichend geschützt“. Opgrond vun deem Rapport ginn et am EU-Parlament awer och an der Kommissioun, Bestriewunge fir d'EU-Grenzwärter deene vun der WHO unzepassen an da kënne vläicht ganz nei Erausforderungen op d'Land a verschidde Gemengen duerkommen. An dofir fannen ech et wichtig, och wann et keng Obligatioun fir e Gemengerot gëtt, fir eng Stad wéi Diddeleng, déi awer mat där Thematik konfrontéiert ass, eng Position zu deem Avis ze bezéien an trotzdeem sou en Avis zu deem Plang ofzeginn. Merci.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Patrick. Huet iergendee Froen dozou? Dat heescht, mir sinn eis eens, dass mir déi Richtung aschloen, déi de Patrick proposéiert huet? Pardon, entschëllegt, Monique.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Bon, ech hu lo net direkt vill Froen. Ech krut der och elo schonn e puer beäntwert. Ech wollt awer eng kleng Stellungnam ofginn am Numm vun de Gréngen. Also am Avis steet jo, dass Diddeleng keng vun deene Gemengen ass, wou d'Moyenné vun de Grenzwärter iwwerschratt goufen. Mir hunn och nogekuckt um Internetsite vun der Gemeng, do kann een déi Wäerter jo noliesen an do war effektiv zwee Mol de Wäert vu 40 iwwerschratt ginn a mir hunn awer elo och d'Explikatioun kritt, dass eeben do huet missen eng Moossstation verréckelt ginn. Op Geoportail kann een iwwerengs och d'Moossstationen kucken goen. Souguer gëtt et do d'Méiglechkeet, an der Groussregioun aner Moossstationen ze kucken an dann och ze vergläiche mat eisen. Am allgemenge kann ee soen, dass de Plan d'action Moossname virgesäit an der Mobilitéit, vu que datt d'Ursaache fir d'Loftverschmutzung gréisstendeels hei ze siche sinn. D'Situatioun huet sech jo da verbessert, duerch déi nei Technologie bei den Dieselmotoren an d'Opkomme vu méi Elektroautos. Am beschte wär et natierlech, déi héich Unzuel vun Autos erofzedrécken duerch d'Emklammen op ëffentlechen Transport, Mobilité active, Co-voiturage asw. Den Tele-travail dréit an deem Sënn och en Deel zur Verbesserung vun der Loftqualitéit bäi.

Mir sinn d'Accord mat den Iwwerleeunge vun Schäfferot a besonnesch eng Remark fanne mir awer och interessant. Dir maacht lech Suergen iwwert d'Couloire fir frësche

Loft, déi sougenannt Coulées vertes, national gesinn ass jo domat och d'Wichtigkeet vun de Plan sectorielle ënnerstrach, déi definéieren, wou a wou net dierf gebaut ginn an op lokalem Plang hu mir d'Instrumenter vu PAG a PAP fir potenziell Konflikter tëscht Bebauung a Frëschoftkorridore kleng ze halen. Nach mussen déi richteg politesch Decisiounen getraff ginn, fir datt mer och an Zukunft nach gutt kënnen duerchootmen. Wat och interessant hei zu Diddeleng war, war déi Zesummenaarbecht mat LIST. Dat ass duerschau begreissenswäert. An dat, wat's De lo zum Schluss sos, fir déi aner Polluanten, dass do déi EU-Grenzwärter mussen ugepasst ginn, do muss een dann och en A drop halen. Voilà. Merci.

PATRICK HOSS (ËMWELTBÄRDER): Ech reagiere kuerz op déi Remark mat de Couloiren. Et ass esou, dass mir an där Videokonferenz mam Ëmweltministère eeben dorobber higewisen hunn. Mir hu gesot kritt, dass eeben an der Ëmweltverwaltung eng zoustänneg Persoun ass, déi déi verschidde Plan d'Actione vun der Ëmweltverwaltung openeen ofstëmmt fir ze kucken, dass déi och koherent sinn. Et ass awer sou dass den Austausch mat anere Verwaltungen oder Ministère vläicht nach net sou op de Punkt gesat ginn ass, wéi et an deem Fall misst sinn. Well op där enger Säit gëtt jo promovéiert, dass Bauverdichtung soll gemaach ginn an op där aner Säit soll een awer drop oppassen, ass och de Frëschoftaustausch an de Stadkäre garantéiert ass. Do wier et sënnavoll, wann do vläicht um nationalen Niveau eng Ofstëmmung géif kommen.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Nach eng Wuertmeldung?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Jo Merci Här Manderscheid. Majo, zu där extensiver Etüd vun der Loftqualitéit wollte mir Folgendes soen: och wann d'Stad Diddeleng déi immens Chance huet, net zu deene 7 Gemengen ze gehéieren, déi 2019 duerch ze héich Stéckoxiden opgefall sinn, da si mer eis awer bewosst, dass et hei ëm eng Problematik vun der Loftqualitéit a vun der Gesondheet vum ganze Land geet an dass d'Problematik an der Ëffentlechkeet muss thematiséiert ginn. An deem nationale Plang vun de potenzielle Léisungen, souwuel lokaler wéi méi genereller nationaler Aart, ass extensiv a beinhalt eng Hällewull vu Punkten. Wann een och ka kritesch sinn zu verschiddene Punkten, z.B. zu engem massive Pushe vun der Elektromobilitéit, sou kann een dee Plang awer am grouse Ganze matdroen. An an deem Sënn stëmme mir jo och fir den Avis vum Gemengerot, deem eis hei virläit.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Ganz kuerz dräi Bemierkungen: Déi éischt hutt Dir, Här Manderscheid an Här Hoss, scho selwer gemaach. Also hei am nationale Plang zu der

Loftqualitéit ass eigentlech haaptsächlech Rieds iwwert de Problem vun de Stéckoxiden. Also déi aner Problemer mat der Loftqualitéit, z.B. déi vum Feinstaub, vum Bläi, vum CO₂-Ausstouss, déi ginn eigentlech an deem Plang kaum erwäant. Also d'Ambitioun vum Plang sinn zimmlech modest. Déi zweet Remark, déi ass méi fundamental. Sou wéi hei am Avis gëtt oft behaupt, Problemer wéi deen heiten, also vun der Loftqualitéit, déi géife sech mat moderner Technik léise loossen. Also leider schéngt dat mer éischter e Wonschdenken ze sinn. Ech géif do op deen engleschen Economist Jevons hiweisen, dee scho virun 160 Joer beluecht huet, datt dat mat där Geschicht vun där moderner Technik net sou stëmmt. An déi Etüden sinn dann am Ekonomiesberäich och bekannt als Paradox vum Jevons. An ech kann lech eigentlech nëmmen encouragéieren, eng Kéier um Internet ze kucken, wat iwwert dee Mann do steet, well ech fannen dat ganz interessant. An dann déi drëtt Bemierkung. An do hoffen ech, verzeit Der mir, dass ech eng Bemierkung maachen, déi ech mer awer net sou richtig ka verquessen. Ech stelle mat grousser Satisfaktioun fest, datt Der dat Märchen wat d'Regierung an och d'Majoritéit eis hei am leschte Gemengerot wollte verklickeren, dës Kéier net méi ernimmt. Also ech maachen do Referenz op den Ausbau vun der Autobunn A3 op 2 x 3 Bunn, déi jo zu manner Verkéier a manner Kaméidi innerorts, also an den Uertschafte géif féieren. Wann dat sou wier, wann do manner Verkéier géif Entstoen, da géif et och manner Stéckoxide ginn. Also glécklecherweis kréie mer dës Märchen hei net nach eng Kéier zerwéiert.

Meng Conclusioun: den nationale Plang an den Avis vun der Gemeng, dee mer hei presentéiert kréien, si leider net besonnesch ambitéis a si dinn eigentlech kengem wéi. Mir stëmmen deen Avis mat, mee eis Begeescherung hält sech awer a Grenzen.

RENE MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Nach eng Wuertmeldung? Dat ass net de Fall, da géif ech lech proposéieren, dass ech lech géif froen: Kann de Gemengerot deen Avis, dee mer hei formuléiert hu sou matdroen, wéi en sech do um Schiirm presentéiert? **Ech gesinn do ass jiddereen d'Accord.** Da soen ech lech Merci.

6. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL – MODIFIKATIOUN VUM REGLEMENT FIR D'BESETZUNG VUN DE POSTEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Villmools Merci René Manderscheid. Dann deen nächste Punkt ass Enseignement fondamental. An dat ass eng Modifikatioun vum Règlement d'occupation des postes.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Voilà, Merci Här Buergermeeschter. Den Erni Ferrari ass ënnerwee fir erof, hie kënnt direkt fir dat Reglement, wat mer – alle Jahre wieder – eng Kéier hei op de Leescht huelen, well awer ëmmer iergendwellech Ännerungen nach dobäikommen oder wou mer mierken datt mer, wa mer d'Reglement geännert hunn, eis dann awer nach e puer Saache feelen. Ech gi ganz kuerz drop an. Mir haten et en long et en large den 23. Februar an der Schoulkommissioun diskutéiert. Ech wollt trotzdem op déi eenzel Ännerungen agoen. An do géif ech dann ufänken, dass mer mat där éischter Proposition, den Artikel 5, an dat ass einfach nëmmen eng Ëmännerung vum Text vum Abschnitt. Dat heescht, mir huelen deen zweeten Abschnitt erop op deen éischten, well dat méi logesch ass.

Dann, déi zweet Ännerung, déi mer géife maachen, dat ass einfach e Saz, dee mer bäisetzen, och fir d'Stagiaire-Instituteuren, dat fannt Der och am Artikel 5 erëm. An do kënnt am Fong just dobäi: „... et d'adresser cette demande d'affectation au bourgmestre par le biais du directeur de l'Enseignement fondamental.“ Dat ass eng Formalitéit, déi mer do bäisetzen. Dann eppes, wat mer d'leschte Joer zwar schonn dragesat haten, dat war natierlech d'Lenkeschlei mat hirem Groupe de travail. Wou mer festhalen hunn, datt déi Leit, déi am Groupe de travail waren, 4 Joer solle kënnen dobleiwen, fir e Monitoring kënnen ze maachen, dee vum SCRIPT och begleet gëtt. An elo ass et esou, datt mer gemierkt hunn, datt déi aner Leit, déi net am Groupe de travail waren, awer affektéiert ginn op der Lenkeschlei an datt et och do néideg wär, datt och déi Leit kéinten hire Grupp 4 Joer begleeden. Wichteg ass do vläicht ze soen – 4 Joer – mir hale sou fest Datume vun 2021 bis 2025, d'Schoul, dat heescht de Cycle, soll awer net ënnerbrach ginn. Dat heescht, déi kënnen awer ëmmer de Cycle fäerdeg maache mat deene Kanner, déi se do hunn.

An dann, déi drëtt Ännerung, dat ass den Artikel 6. An do muss ech soen, 2018 hate mer relativ vill Diskussiounen an der Schoulkommissioun, wéinst dem Cycle 1, wéinst dem Titulaire de classe vum Cycle 1, wou mer gesot hunn: Jo, wann eng Klass ageet, da kann et net sinn, dass den Titulaire da kann an der Ancienneté wielen an datt dann all Klass vun deem u rëm muss nei besat ginn. Mir hunn dat dunn an der Schoulkommissioun ofgestëmmt, mir waren der Meenung, datt mer dat sollten änneren. Si hunn awer duerno eng Ëmfro gemaach beim Personal vum Cycle 1 a si waren awer lo rëm der Meenung, dass si et awer léiwer hätte wéi et virdru war. Och an der Schoulkommissioun hu mer gesot, mir huelen dat lo net extra op den Ordre du Jour, mee wa mer lo d'nächste Kéier mam ROP an de Gemengerot ginn, da wäerte mer dat och rëm mathuelen. Si sinn der Meenung, datt dat wat 2018 war, do ware 35 vu 40 Instituteuren der Meenung, datt dat

besser war. Sou datt mir eis och elo an der Schoulkommissioun eens gi sinn, datt mer dat da réckgäנגeg maachen.

Ech mengen dat sinn all d'Ännerungen, déi mer am Reglement hunn. Bon, wa Froe sinn, den Ern ass och hei. Et waren an der Schoulkommissioun net vill Diskussiounen. Mir hunn am Virfeld d'Comitéë gefrot, mir hunn d'Presidente gefrot, do waren ënnerschiddlech Meenungen. Déi eng, déi waren dofir, fir sou Saachen ze änneren, déi aner net. Mir sinn awer herno unanime an der Schoulkommissioun eens ginn, datt dat doten dat Richtegt wär an dofir proposéiere mer lo déi Ännerungen hei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Froen dozou? Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, Merci Josiane. Mir kruten elo hei scho genau explizéiert, ëm wat et geet. Ech denken, datt et zwee wichteg Punkten sinn. Éischtens mol dee Changement am Dialog gefouert ginn ass. An dat ass eppes, wat ganz flott ass a ganz wichteg ass. Éischtens mol an der Schoulkommissioun, mee doriwwer eraus, dass effektiv zum Beispill d'Titulair vum Cycle 1 sech déi Méi gemaach hunn, eng Ëmfro ze maache bei hiren Titularen, wéi si et sech virstellen. Dass net de Representant eleng eng Decisioun hält oder eng Propos mécht. Dat begrësse mer explizitt. An och dass och déi aner Changement an Adaptatiounen am Konsens mat de Comitéen a mat de Presidente an och mat eisem bienveillanten Direkter, dat muss ech och ëmmer soen, zustane kënnt an och an der Schoulkommissioun gutt diskutéiert gëtt.

Ech denken dee wichtigste Changement, wat och déi gréissten Impakt op laang Dauer huet, dat ass dee Changement, dass wann e Projet an e Projet pédagogique an enger Schoul kreéiert gëtt, an dat geet iwwert d'Lenkeschlei eraus, dass mer eis do effektiv och e Kader sinn hunn, dass déi Leit, déi dee Projet ausschaffen, eng Garantie hunn, dass se kënnen 4 Joer weider op deem Projet schaffen an och déi, déi vun Ufank un do dobäi sinn och kënnen déi 4 Joer matschaffen, an dass mer dat awer trotzdem limitéiert hunn op déi 4 Joer „à partir de la mise en oeuvre du projet“, dat war och eppes, wat mengen ech all Mënsch um Häerz louch, dass mer dat awer kloer definéieren. An dat fannen ech och ganz gutt, dass dat hei zu Pabeier bruecht gëtt. Wéi laang dat heiten da rëm gëllt, dat gesi mer dann. Dat ass erëm eng Affär à suivre. Mee wéi gesot, momentan si mir ganz zefridde mat där Propos hei an d'CSV dréit dat heiten natierlech och mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. D'Josiane hat et virdru gesot „alle Jahre wieder“. Effektiv 2018, 2020, an elo 2021 gi Modifikatiounen proposéiert. A wann een elo awer de Contenu gesäit vun deene puer Proposen, mierkt een awer trotzdem, dass et elo ufänkt, e bëssen zevill an den Detail ze goe bei eenzele Changementen, déi awer scho richtig ausgedréckt waren. D'Madame Kayser huet et elo grad och gesot gehat, mat der Geschicht vum Groupe de travail, wann et esou ee gëtt an enger Schoul oder ronderem e Projet, dass dat jo schonn definéiert ass. Et ass eebe just dass elo am Fong geholl, wou och schonn drastoung vun deene 4 Joer, dass dat elo just an engem anere Saz ënnendrennen an e bësselchen anescht ausgedréckt gëtt, mee fir dat selwecht ze soen. Mir müssen awer lo oppassen, dass mer lo net all Joers hei d'„Toilettage de texte“, grad wéi déi Propos vum Ribeschpout do fir déi zwee Artikelen ze inverséieren, muss ech éierlech soen, ënnert eis, dass dat awer relativ wäit geet.

Ech fannen dass et wichteg ass, dass effektiv déi Changementen, wann et der da sinn, am Konsens geholl gi mat der Direktioun. De Joël Mischaux passt jo awer drop op, dass mer lo net op eemol Extrapolatiounen hei kréien. D'Schoulkommissioun selwer huet d'Proposen och matgedroen. Dat Eenzege, wat elo nei ass, dat ass d'Definitioun vun de Stagiaren, dass déi och op der 1. Lëscht e Posten kënnen brigéieren. Dat ass am Fong fir mech déi eenzeg richtig Neuerung déi et dëst Joer an deem Règlement d'occupation des postes gëtt. D'Stagiäre kréien d'Méiglechkeet kënnen hir Klass, wou se dann haten, mat am Cycle weiderzehuelen. Voilà fir de Rescht, wéi gesot, Konsens, dat ass d'Haaptsaach. Mee wann een ufänkt, Punkt a Komma all Kéiers ze réckelen, grad wéi d'Ännerung vum Cycle 1, déi hate mer 2018 erausgeholl, lo setze mer se 2021 rëm eran... dat ass alles an der Rei, mee et muss awer lo opgepasst ginn dass net all Joers do Punkten a Strécher geännert ginn. An deem Sënn soen ech lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Gutt, da gi mer zum Vott iwwer. Wien ass hei mat deene Modifikatiounen, sou wéi se hei presentéiert goufen, averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.



7. APPROBATION VUN DE CHANGEMENTER AN DER ZESUMMESETZUNG VU VERSCHIDDENE GEMENGE- KOMMISSIONEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Da ginn mer op de Punkt 7 iwwer. Dat sinn eng Rei Modifikatiounen an den consultative Kommissionen.

Am Aarbechtsgrupp „Sustainable Urban Mobility Plan“ do ersetzt d’Madame Christine Zehetgruber als Expertin den Här Paul Krack vu Komobile.

An der Circulationskommission kennt e Verrieder vun den Agents municipaux, „Pecherten“ am Volleksmond genannt, als Mem-bre-expert.

An der Familljekommission gëtt de Laurent Krantz als Expert proposéiert. An der Jugendkommission och de Laurent Krantz als Expert.

An der Bautekommission gëtt den Här Guy Vitali ersat vum Här Vic Haas.

An an der Subsidekommission gëtt den Här Vic Haas ersat duerch den Här Guy Vitali.

An der Kommission fir d’Sécurité publique, éffentlech Sécherheet, gëtt den Här Jeannot Uri ersat duerch den Här Fränz Nicolay. Also alleguerten de Statut vum Independant.

An am Groupe de travail „Refonte globale du PAG“, do gëtt den Här Uri ersat duerch den Här Fränz Nicolay an den Här Uri als Independent gëtt erausgeholl aus dem Pool des remplaçants.

Dat sinn d’Modifikatiounen, déi, wat eis Kommissionen ugeet, proposéiert goufen. Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen averstanen? Här Thill, Dir hutt eng Fro.

JOSEPH THILL (DÉI LÉNK): Jo, just eng Fro zu der Circulationskommission. Gewéinlech stinn an deene Kommissionsnominatiounen Persounen. Hei gëtt just gesot, e “Représentant des Agents municipaux”; also am Prinzip kee Problem. Ech wollt just

wëssen, wien dann herno déi Persoun designéiert? Ob dat de Schafferot ass, oder sinn dat d’Agents municipaux ënner sech, déi dee wielen? Dat ass meng Fro. An am Prinzip kee Problem.

CLAUDIA DALL’AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Bei den Agent municipauxen, dat hu mer och scho bei anere Kommissiounen gehat, z.B. bei der Jugendkommission, dass mer soen, et ass een Educateur aus dem Jugendhaus, dat huet och mam Schaffplang ze dinn, well d’Kommissionen net ëmmer deen nämmelechten Dag sinn an da kënnen si sech ënnereneen eens ginn, wien dann déi Kéier kënn. Et ass och heiansdo vläicht en Thema um Ordre du Jour wat deem enge méi läit wéi deem aneren. Mee et war eis awer en Uleies, ee vun hinnen elo an d’Kommission ze mellen, also e Representant, virun allem och well mer de Parking résidentiel elo ausbauen an d’Police sëtzt jo och dran. Dann ass et jo nëmme richtig, dass och ee vun hinnen als Representant kann do sëtzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): D’Fro ass beäntwert ginn. Da géife mer zum Vott iwwergoen. Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

8. PERSONAL

8.1. KREATIION VUN ZWEE VOLLZÄIT SALARIÉS-POSTEN AN DER KARRIÄR VUM ARTISAN (CONVENTION DES SALARIÉS DES COMMUNES DU SUD – ESPACES VERTS)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Da gi mer op de Punkt 8 iwwer, de leschte Punkt an der Séance publique, herno gi mer an de Huis clos. Dat ass Personal. Do hu mer den éischten Deel, zwee Poste vu Salariaen an eisen Espaces verts. Do ass engersäits en Horticulteur, dee mer sichen, also e Gärtner, dee spezialiséiert ass als Horticulteur fir eis Pépinière, fir déi kënnen weider ze entwéckelen. Virun hu mer jo den Dekont doriwwer ofgestëmmt.

A mir sichen awer och nach e Gärtner fir d’RMG-Ekip ze supervisieren. Also en Adjoint, deen aktuellen ass net méi op där doter Plaz. Dat heescht fir deen ze ersetzen, fir déi doten Ekip, déi jo an den Espaces verts tätég ass, kënnen ze supervisieren. Voilà, dat sinn d’Erklärungen zu deenen zwee Posten, punkto Espaces verts.

Dat wär fir de Gemengerot OK sou? Kënnen mer dann driwwer ofstëmme? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

8.2. KREATIION VUN ENGEM VOLLZÄIT SALARIÉS-POSTEN NOM MODELL VUN DER KARRIÄR VUM EMPLOYÉ COMMUNAL, DEEN ZUR INDEMNITÉITSKATEGORIE C1, ADMINISTRATIF (ARCHITECTURE ET DOMAINES) GEHÉIERT.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Dann, deen nächste Punkt, dat ass fir eise Service technique, respektiv fir eise Bauteservice. Do wollt mer op de Wee goe fir e Chômeur de longue durée anzustellen, fir och nei Funktiounen ze iwwerhuelen, well och do un eis erugedroe gouf säitens vum Ëmwelt- an Energieministère, méi spezifesch Kontrollen ze maachen an och méi reegelméisseg par Rapport zum Certificat der performance énergétique. Et ass jo sou, dass alleguerten déi Leit, déi dat maache jo och Subside kréie vum Staat. Et ass keng Obligation, dat ze maachen, keng Obligation légale, déi Kontrollen ze maachen, awer de Message generell, dass een dat méi um Radar soll hunn. Fir dat kënnen ze maachen, wollt mer eis verstärken. Mir wollten awer op déi dote Mesure zréckgräife fir da virun dem Bau, während dem Bau an och nom Bau deem dote Volet vill méi nozegoen a vill méi ze kontrolléieren, wéi mir dat fir de Moment maachen. Dat ass och déi spezifesch Argumentatioun, firwat mer déi Persoun hei wëllen astellen.

Ass de Gemengerot mat dëser Kreatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Ech soen ech lech villmools Merci.

8.3. KREATIION VUN ENGEM EMPLOYÉ COMMUNAL-POSTEN A VOLLZÄIT, GROUPE D’INDEMNITÉ A2, ÉDUCATIF ET PSYCHO-SOCIAL (LOGEMENT)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Dann, deen nächsten, dat ass de Groupe d’Indemnité A2, also e Bachelor, am Sous-groupe éducatif et psycho-social. Dat kann also entweder en Educateur gradué oder en Assistant social sinn. Mir wäerten awer éischer an Assistant social astellen, fir eise Service Logement ze verstärken. Dat ass e Service, dee mer deemnächst definitiv an d’Liewe ruffen, wou mer jo hei am Gemengerot och scho geschwat hunn, wou mer jo och schonn e Poste ëmgewandelt hate vum Fonctionnaire an den Employé communal um Niveau vum Techniker, well mer jo kee fonnt haten. Dofir hu mer dee jo ausgeschriwwen nach eng Kéier. Do sinn awer elo eng Rei Kandidaturen erakomm, just als Informatioun, de Prozess ass nach net ofgeschloss. An hei ass eise fir en Assistant social anzustellen, fir do och am Service Logement deen néidege Suivi kënnen ze maachen.

Ass de Gemengerot och mat deem A2-Posten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

8.4. KREATION VUN ZWEE GEMENGEBE-AMTEPOSTEN A VOLLZÄIT, GROUPE DE TRAITEMENT D2, ATTRIBUTIONS PARTICULIÈRES (AGENTS MUNICIPAUX – CIRCULATIOUN)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): An da si mer um Punkt fir zwee Agents municipaux anzestelle fir eise Service Circulatioun, Parking résidentiel.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFF-FIN): Ech ka mech kuerz faassen. Mir haten d'lescht Woch ausgibeg doriwwer diskutiert. Do hate mer jo scho gesot, dass mer nach zwee nei Poste géife schafen, well mer eeben d'lescht Woch de Parking résidentiel gestëmmt hunn. Just nach eng Kéier als Info, mee dat hat ech och schonn d'lescht Woch gesot: déi Leit hunn och alleguer d'Funktioun als Garde champêtre.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): Merci Claudia. Froen dozou? Remarken? Dat ass net de Fall. Da kënnen mer och iwwert déi doten zwee Posten ofstëmmen. **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

8.5. KREATION VUN ZWEE GEMENGEBE-AMTEPOSTEN A VOLLZÄIT, GROUPE DE TRAITEMENT B1, ADMINISTRATIF (ARCHITECTURE ET DOMAINES, OFFICE DES CITOYENS)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGER-MEESCHTER): An da komme mer op dee leschte Punkt, dat sinn zwee Fonctionnaire communaux-Posten, am Groupe de traitement B1, dat ass also am Administrativen, dat ass ee Redakteschposten fir d'Sekretariat vun eisem Service Technique. Duerch e Mataarbechter, deen en interne Wiessel gemaach huet, an doduerch och säi Poste mathält, mussen mer hei en neie Poste schafe fir dat Sekretariat rëm frësch ze besetzen. Dofir mussen mer hei e Poste schafen als Redakter fir déi Sekretariats- a redaktionell Aarbecht.

An deenen anere Redakteschposten ass, well ee vun eise Mataarbechter, de Chef de Service vum Populationsbüro, deen huet eng Demande gemaach fir e Changement de Carrière, fir an d'Redakteschkarriär ze kommen, hien ass jo de Moment an der Karriär vum Expéditionnaire administratif, an där Demande wollte mer och Rechnung droen. Soulaang ass hien natierlech nach op sengem Expéditionnaire administratif-Posten a wann en déi ganz Demarche, déi en hei muss maachen, wann d'Gemeng him elo gréng Luucht gëtt, fir Redakter ze ginn, da muss en natierlech déi ganz Examen maachen, déi ganz Prozedur geet dann also vu vir un. Et muss een also nach eng Kéier léieren an Examen presentéieren, fir an déi nei Karriär kënnen ze kommen mat deenen Avantagen, déi een dann huet an enger neier Karriär, mee et muss een déi ganz Prozedur vu vir ufänken, an dofir mussen

se mir dann och hei deenen ee Poste schafen, an herno gëtt deenen anere Posten dann ofgeschafft, wann hien da säin Examen och packt, wat mir jo dann och hoffen.

Ass de Gemengerot och mat deenen doten zwee Posten averstane? **Dat ass unanime.** Da soen mer lech villmools Merci. Froen un de Schännerot goufen et keng an da géife mer an de Huis clos iwwergoen.

VËLOSSUMMER

• DUDELANGE • 31.07-29.08.2021 •



DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



BP 73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1
ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu
blog: www.ondiraitlesud.lu

📍/villededudelange @/villedudelange

KlimaPakt

European Energy Award

